Conseil communal

Séance publique du 19 juin 2007

Durée de la séance: *09.30 à 11.50 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance secrète

1. Personnel: augmentation de la tâche d'un fonctionnaire communal - décision.
2. Enseignement:
   - 2.1. Détachements de deux membres du personnel de l'enseignement primaire pour l'année scolaire 2007/2008 - décisions.
   - 2.2. Nomination de personnel pour l'enseignement préscolaire et primaire - décisions.
   - 2.3. Nomination de personnel pour les « Maisons de Relais » - décisions.
3. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale:
   - 5.1. Décompte de travaux extraordinaires: piste de skateboard à Pétange: remplacement du revêtement et acquisition de nouveaux équipements - approbation.
   - 5.2. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
6. Enseignement:
   - 6.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 6.2. Organisations scolaires pour l'année 2007/2008 - décisions.
7. Hygiène et Santé:
   - 7.1. Travaux d'assainissement des canalisations dans différentes rues - approbation du devis.
   - 7.2. Assainissement des réservoirs d'eau de Lamadelaine et de Rodange - approbation du devis actualisé.
   - 7.3. Interdiction de spectacles d'animaux sur le territoire de la commune - décision.
8. Aménagement du territoire:
   - 8.1. Servitude d'interdiction de lotissement et de construction frappant des terrains sis entre la route de Niederkorn à Pétange et la rue du Vieux Moulin à Lamadelaine - décision.
   - 8.2. Plan de Développement Urbain - élaboration d'un plan directeur (PD) pour une zone dénommée « Pétange-Ouest » - approbation du devis et vote d'un crédit additionnel.

9. Environnement: aménagement d'un verger, à Lamadelaine, par le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature
(SICONA) - approbation de la convention.
10. Culture: service d'animation culturelle: travaux de réfection de la façade du bâtiment - approbation du devis.
11. Enseignement musical: travaux de transformation en l'école de musique - approbation du devis et vote d'un crédit supplémentaire.
12. Sports et loisirs:
    12.1. Piscine de Rodange: contrat d'entretien pour le monte-charge - approbation.
    12.2. Piscine de Rodange: modification du règlement d'ordre interne (procédure de mouvement de la toiture découvrable) - approbation.
13. Transports et communications:
    13.1. Règlements temporaires de la circulation - confirmation.
    13.2. Abaissement des bordures et trottoirs des passages pour piétons à Rodange - approbation des plan et devis.
14. Vie associative:
    14.1. Fédération Européenne des Cités Carnavalesques (FECC) - modification des statuts.
    14.2. Land Rover Club Lëtzebuerg - statuts.
    14.3. Dart Club Road Runners 2007 - statuts.
15. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

- L'augmentation de la tâche de Mme Sylvie Klapp, expéditionnaire administrative au service de la recette communale est accordée ;
- Mme Aline Lemmer, épouse Schlesser, demeurant à Rodange, est nommée à la fonction d'institutrice dans l'éducation préscolaire de la commune de Pétange à partir de l'année scolaire 2007/2008 ;
- M. Laurent Feiereisen, de Rodange est engagé comme éducateur diplômé à tâche partielle (30 heures par semaine) pour les besoins des Maisons Relais de Lamadelaine et Rodange ;
- Mme Romy Backes, de Rodange, et Mme Giovanna Carone, épouse Beretta, de Rodange, sont nommées comme aides-éducatrices à tâche partielle (30 heures par semaine) pour les besoins des Maisons Relais de Lamadelaine et Rodange ;
- Mme Antonietta Tancredi de Rodange, est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (20 heures par semaine) pour les besoins des Maisons Relais de Lamadelaine et Rodange ;
- Mme Patricia Leisen, de Lamadelaine, et Mme Felicia Storone, épouse Rocha, de Pétange, sont engagées comme remplaçantes à tâche partielle (10 heures par semaine) dans les différentes structures d'accueil.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Als Informatioun wollt ech Iech mat op de Wee ginn, datt mer de 27. Juni 2007 de Parc 'Am Plon' aweien, an dat a Präsenz vum Minister Lucien Lux.

Da géif ech d'Wuert weider ginn un den Här Breyer, deen Iech och nach eng Matdeelung ze maachen huet.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass dat eng Kommunikatioun iwwert e Changement am Verkéier. Et geet hei ëm déi Saach, déi den Här Pierre och schonns an der leschter Gemengerots-sëtzung ugeschwat hat, an zwar wat de Verkéiersfloss an der rue Adolphe an der rue Prince Jean zu Rodange betrëfft. Mir hunn dat elo endlech aus der Stad autoriséiert erëm kritt, a vu muer uns ass et dann esou, datt een d'Adolphe-Strooss da just nach dierf erop- an d'Prince Jean-Strooss eroffueren, an d'Charlotte-Strooss an zwou Richtunge befuerbar ass. Eis Leit sinn och schonns am gaangen d'Beschëlderung ze maachen, an et gëtt och eng Informatioun am ganze Quartier ausgedeelt.

5.1.

Administration générale.

Décompte de travaux extra-ordinaires: piste de skateboard à Pétange – remplacement du revêtement et acquisition de nouveaux équipements – approbation.

Total des devis approuvés : 88.000 € : Total des crédits approuvés : 88.776,44 € ; Total de la dépense effective : 86.900,44 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir wësst, datt mer am gaange sinn d'Décompte lues a lues alleguerten duerchzehuelen, fir datt mer déi Dossiere gebotzt kréien. Hei hu mer elo den Décompte vun der Skate-boardspiste, wou d'Aarbechten iwwert d'Joeren 2002 bis 2007 gelaf sinn.

Albert Muller (LSAP) :

Beim Punkt 'fournitures et montage d'obstacles pour skate', do ass en Dépassement par rapport zum Devis. Firwat ass do deen Dépassement ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Situatioun war déi, datt mer Präisser agesat haten, an déi Saache waren dunn awer méi deier wéi mer eis et

erwaart haten, an dat obwuel mer dee bëllegste geholl hunn. Am Total leie mer awer ënnert deem, wat mer eis ginn haten.

Albert Muller (LSAP) :

Am Décompte ass eng Rubrik virgesi fir d'Dépassement ze justifiéieren. Et ass awer näischt do agedroen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir ginn dat un deen zoustännegen Service weider, datt dat déi nächste Kéier soll ausgefëllt ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Am Décompte sinn och 'frais d'hébergement' opgefouert. Fir wien waren déi Fraisen an Héicht vun 122,34 € ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat war fir déi Leit, déi op der Plaz alles opgeriicht hunn. An dat gouf och mam Präis mat hinnen ausgehandelt.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 434.892,63 €, dont services sociaux - allocation de l'Etat (235.426,60 €) ; remboursement de l'Etat dans les travaux de jeunes chômeurs (53.591,73 €) ; gaz – dividendes (32.600 €) ; vente de bois du 21.03.2007 (31.939,50 €) et lotissements communaux à caractère social – clause de reventes – remboursements (29.000 €) – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Bei dësem Punkt wëll ech just eppes ervirsträichen. Vu datt de Vizepresident vum Sudgaz heibanne sëtzt, wëll ech bemierken, datt déi Dividend vu Sudgaz vun 32.600 € méi héich ausgefall ass wéi déi Joere virdrun. Dat ass also en Zeechen, datt et dem Sudgaz gutt geet.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir hutt och dës Kéier an Ärer Dokumentatioun eng Lëscht vu Leit, déi an eise Schoulen ersat hunn. Et geet elo drëm. fir déi Kontrakter, déi mer mat de Remplaçante gemaach hunn, ze ratifizéieren.

Ratification à l'unanimité.

6.2.1.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2007/2008 : 1re admission des enfants dans les classes préscolaires et primaires – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da kéime mer zum Punkt 6.2., deen a verschidde Sous-rubriquen opgedeelt ass. Et geet hei ëm d'Schoul-organisatioun 2007/2008.

Dir wësst, datt mer eis am leschte Gemengerot mat der 'répartition des classes' befaasst hunn. Haut geet et drëm, fir eng Rei vun zousätzlechen Décisiounen am Kader vun der Schoulorganisatioun ze huelen. Ee vun deenen éischte Punkten ass fir d'Lëscht vun deene Kanner, déi an de Préscolaire an an d'éischt Joer vum Primaire musse goen, ze arrêtéieren.

Mir hunn 192 Kanner, déi fir d'éischt an de Préscolaire ginn, an et sinn der och genee esouvill déi an de Primaire ginn.

Wann ech déi 192 Kanner huelen, déi fir d'éischt an de Préscolaire ginn – well dat ass ee Chiffer dee wichteg ass fir ze kucken, wéi d'Zuel vun eise Kanner an deenen nächste Joeren am Primaire evoluéiert – da kann ee feststellen, datt mer mat deenen 192 Kanner net terribel héich leien, an datt déi Zuel u sech normal ass, an datt déi Zuel am Verglach mat deene viregte Joeren stabel bliwwen ass. Et kann een also net dovunner ausgoen, datt mer an deenen nächste Joeren e massiven Zouwuess vun eiser 'population scolaire' wäerte kréien.

Et muss een awer nach dobäisoen, datt et 192 Kanner sinn, déi an der Gemeng Péiteng wunnen, an déi fir d'Schouljoer 2007/2008 an de Préscolaire ageschriwwe ginn. Donieft ginn et der awer och nach, déi an der Gemeng wunnen an auswäerts an d'Schoul ginn, an ëmgedréint et der och ginn, déi vun auswäerts sinn an hei an der Gemeng an d'Schoul ginn. An deenen nächste Woche wäerte mer gesinn, wat dann elo déi definitiv Zuel vu Kanner ass, déi an d'Spillschoul, respektiv an d'éischt Primärschoulsjoer ginn.

Roger Klein (LSAP):

Just fir d'Statistik nach kuerz ze ergänzen. Ech hunn elo ganz séier beim Préscolaire nogezielt, an et ass mer opgefall, datt vun deenen 192 Kanner, déi mer aschoulen, der 83 déi lëtzebuerger Nationalitéit hunn.

Accord à l'unanimité.

6.2.2.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2007/2008 : organisation de l'éducation préscolaire et de l'éducation précoce – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat de Préscolaire ubelaangt, esou wësse mer, datt mer d'Kanner op 3 Gebaier verdeelt hunn. Dat sinn d'Neiwiss-Schoul zu Rodange, d'Eigent-Schoul zu Péiteng an d'Rollenger Primärschoul. Am Ganze sinn et – laut deene leschten Zuelen déi mer hunn – 387 Kanner, déi an d'Spillschoul ginn. Déi 387 Kanner sinn op 23 Klasse verdeelt, esou wéi mer dat och am leschte Gemengerot décidéiert hunn.

Nodeems datt mer elo just d'Madame Schlesser-Lemmer op de Poste gestëmmt hunn, deen nach opstoung, hu mer 23 brevetéiert Léierpersounen am Préscolaire, wouvun der awer dräi e 'congé à mi-temps' hunn, a wou mer en anere Partner mussen dobäi setze fir den Enseignement kënnen ze garantéieren. Mir mussen also am nächste Gemengerot, den 13. Juli, dräi Léierinnen, respektiv Chargéen à mi-temps designéieren. Dobäi kënnt och nach eng Persoun, déi d'Décharge vun deene verschiddene Klasse soll garantéieren.

Wat de Précoce betrëfft, esou hu mer déi Kanner och op 3 Gebaier verdeelt. Dat ass och d'Eigent-Schoul zu Péiteng, d'Haus n° 83 an der avenue Dr Gaasch zu Rodange, an d'Spillschoul zu Rolleng. Am Ganze läit d'Zuel vun de Kanner, déi sech an de Précoce ageschriwwen hunn, bei 151, dat sinn der 75 zu Péiteng, 53 zu Rodange an 23 zu Lamadelaine. Deemno wäerte mer och dëst Joer nees ee Grupp vu Rodange op Lamadelaine bréngen. Dat heescht, mir hunn zu Lamadelaine mat 23 Kanner net d'Méiglechkeet fir zwou Gruppen ze maachen, an dofir huele mer ee Grupp Rollenger an ee Grupp Rodanger Kanner. Mir hunn am Précoce 4 brevetéiert Léierinnen a 4 Educatrices diplômées, wou mer awer 1 Educatrice diplômée hunn, déi ee 'congé sans solde' huet an déi muss an enger vun deenen nächste Gemengerotssëtzunge fir ee Joer ersat ginn.

Accord à l'unanimité.

6.2.3.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2007/2008 : organisation de l'enseignement primaire – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Am Primaire hu mer eis Kanner a 6 Gebaier verdeelt. Dat wier hei zu Péiteng an der Eigent- an an der Park-Schoul, zu Rodange an de Schoulen Päsch, Fonderie an Neiwiss, an zu Rolleng an der Primärschoul. Et sinn am Ganzen 1.228 Kanner a 75 Klassen ageschriwwen. Mir hunn nach 6 Klassen opstoen, dovunner ass een – a mer hate jo en Détachement fir ee Joer gestëmmt - eng komplett Décharge, wou eng vun eise Léierinne fir de Ministère de l'Education nationale an d'Uni Lëtzebuerg Projete mécht. Dat heescht, vun deene 6 Klassen déi mer opstoen hunn, gëtt eng Klass op ee Joer ausgeschriwwen, an déi aner 5 Klasse ginn definitiv ausgeschriwwen.

Wou stinn déi Klassen op, a watfir Klasse sinn dat ? Dat ass en drëtt Schouljoer zu Rodange-Fonderie, e véiert an e fënneft Schouljoer Rodange-Päsch, zwee 5. Schouljoeren an der Park-Schoul zu Péiteng an een drëtt Schouljoer zu Lamadelaine. Mir wëssen awer, datt mer eng ganz Rei vu jonke Leit hunn, déi fäerdeg ginn, an déi och an eis Gemeng kommen, esou datt mer eis Hoffnunge maachen, datt all déi Posten do mat brevetéiertem Personal besat wäerte ginn.

Mir mussen awer och wëssen, datt mer 8 'tâches à mi-temps' am Primaire musse besetzen. Dat bedeit awer och, datt mer do 8 Leit musse siche fir déi aner Halschent vun deen Klasse kënnen ze assuréieren. Mir hunn och nach eng ganz Rei vu Surnuméraires-Posten am Turnen, an der Morale laïque, am Schwammen, fir Déchargen, asw., déi musse besat ginn, a wou mer den 13., respektiv de 27. Juli déi Vote musse virhuelen.

Mir wäerten Iech awer an der Gemengerotssëtzung vum 27. Juli proposéieren, fir alleguerten deene Chargéen, déi méi laang wéi 2 Joer bei eis an der Gemeng sinn, an déi fir de Moment e 'contrat à durée déterminée' vu Joer zu Joer krut hunn, vum nächste Schouljoer un e 'contrat à durée indéterminée' ze ginn. Grond heifir ass eng nei Jurisprudenz, déi am Kader vun de Lycéeë geholl gouf, an op Grond vun enger Circulaire déi mer vum Ministère a vum Syvicol kruten, respektiv vum Ministère de l'intérieur a vum Ministère du travail. Et wäerten eng 15 Stéck sinn, déi an de Genoss vun däer Mesure kommen.

Dat setzt eis natierlech an eng Situatioun, datt, wann eng Kéier lauter Brevetéierter sech fir eng Plaz géife postuléieren, mer e Problem hätte fir déi 15 Leit ze beschäftegen. Ech mengen awer net, datt dat fir haut oder fir muer ass, wann ech d'Situatioun op deem Gebitt kucken.

Fir de Moment hu mer 69 brevetéiert Personal an deem Enseignement. An et kënnt wahrscheinlech nach deen een oder aneren dobäi. Mir hunn och 1 brevetéiert Persoun op Lasauvage détachéiert, an d'Ecole de la nature, an dat ass den Här Bertolini Laurent, an dee wäert dat och d'nächst Joer viru maachen. Dat heescht, fir de Moment hu mer am Ganzen 70 brevetéiert Enseignanten fir 75 Klassen an dem Primärunterrecht. Et gëlt also fir an deene nächste Sëtzungen nach esouvill brevetéiert Personal wéi méiglech fir déi Posten, déi nach opstinn, ze fannen.

Nach eng interessant Informatioun ass déi, datt mer an der Morale laïque 209 Kanner ageschriwwen hunn, an dat mécht 17% vun de Kanner aus dem Primärunterrecht aus. Déi aner 83% suivéieren de Reliounsunterrecht.

Accord à l'unanimité.

6.2.4.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2007/2008 : organisation de l'enseignement spécial – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da kéime mer zum 'enseignement spécial'. Dat sinn déi spezial Coursen déi mer ubidden. Heizou wollt ech soen, datt mer 6 Spezialklassen hunn. Dat wieren 'classes d'intégration', 'classes d'accueil', a 'classes d'attente', esou wéi mer se am leschte Gemengerot festgehalen hunn. Do ginn et fir de Moment 6 Titulairen, déi Dir och hei schonn an Ärer Organisation scolaire stoen hutt. Do ass awer een 'sous réserve' dobäi, datt de Gemengerot en och den 13. Juli stëmmt. Dee steet elo emol provisoresch hei dran, op Grond vun der Klasseverdeelung, déi vum Léierpersonal gemaach gouf. Mee dat bedéngt awer nach, datt de Gemengerot nach den 13. Juli eng Décisioun muss huelen.

Op der anerer Säit hu 8,5 Postes d'appui. An all Gebai hu mer den 'appui' fonctionnéieren. Et sinn dat am ganzen 9 Titulairen, woubäi een nëmmen eng hallef Tâche huet. Och do gëlt déi Reserve. Mir hunn déi Dammen an Hären an der Schoulorganisatioun drastoen, mee et ass nëmmen 1 ënnert däer Lëscht, deen sech während der Klasseverdeelung agedroen huet, an do muss de Gemengerot nach déi 'propositions de nominations' an der Sëtzung vum 13. Juli 2007 guttheeschen.

Mir hunn och 1 'cours de dyslexie', dee mer d'lescht Joer agefouert hunn, a wou mer och een Titulaire hunn.

Mir wäerten awer wahrscheinlech nach e Wiessel am Spécial kréien. Dat heescht, et huet eng Dame hir Démissioun eragereecht, an déi Démissioun wäert och den 13. Juli op der Dagesuerdnung stoen. Déi Dame geet op Diddeleng schaffen, well se och do wunnt. Et gesäit duerno aus, datt eng Dame aus dem Primär an de Spécial wäert wiesselen. Si huet och schonn hiren Intressi ugekënnegt.

Et gesäit also och am Spécial duerno aus, datt mer all eis Posten duerch brevetéiert Personal besat hunn.

Accord à l'unanimité.

6.2.5.1.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2007/2008 : cours intégrés en langue portugaise - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei geet et ëm 'cours intégrés en langue portugaise'. Zanter enger Rei Joeren hu mer an eiser Schoulorganisatioun stoen, datt mer esou Coursen kéinten ubidden. Ëm wat geet et do ? Ma et geet drëm fir portugisesche Kanner – mee et ass och méiglech fir italienesch Kanner, well mat deenen zwou Ambassaden esou Konventiounen ënnerschriwwe goufen – während 2 Stonnen an der Woch, an dat haaptsächlech am 'Eveil aux sciences' an hirer Mammesprooch ze ënnerriichten.

Deen Text, esou wéi en do steet, hate mer zanter 2001/2002 an eiser Schoulorganisatioun stoen. Mir hunn och nach eng Kéier duerch eng Circulaire ministérielle fir d'Schouljoer 2007/2008 vun der Madame Minister geschriwwe kritt, datt esou Course sollen offréiert ginn, an datt déi Nummeren, déi an deene Coursen erauskommen, och sollen op d'Zensure geschriwwe ginn, an datt esou Coursen eng Ouverture géife bidde fir 'projets interculturels' kënnen ze maachen.

Op Grond vun eiser Schoul-organisatioun, an op Grond vun der Circulaire ministérielle, ass eng Attachée vun der portugisescher Ambassade bei mech komm fir ze kucken, wéi wäit Péiteng – wat jo eng Uertschaft mat engem ganz héijen Taux u portugisesche Matbierger ass – interesséiert wier fir esou Coursen an eise Schoulen anzeféieren. Well de Gemengerot all Joers am Kader vun der Schoulorganisatioun gesot huet, datt bei eis an der Gemeng esou eppes ka gemaach ginn, hunn ech gesot datt 'à première vue' näischt dogéint géif schwätzen. Ech hunn awer och gesot, datt mer sollen aus organisatoresche Grënn net sollen zevill grouss do eraklammen. Mir sollen emol e Pilotprojet an enger Schoul a während engem Joer maachen, fir ze gesi wat méiglech ass, a fir ze gesinn, ob dat deen normalen Unterrecht net méi schwéier géif maachen. No enger gewëssener Diskussioun ware mer eis dunn eens fir esou ee Pilotprojet am 1. Schouljoer an der Eigentschoul ze probéieren.

Firwat elo d'Eigent-Schoul vu Péiteng ? Well, fir esou ee Cours proposéieren ze loossen, huet d'Ambassade eis gesot, wier et wichteg datt op mannst 7 Kanner an däer Klass wieren. Dat ass zu Rolleng, mat zwou Klassen a mat engem Taux vu portugisesche Kanner, dee wesentlech méi niddereg ass wéi zu Péiteng oder zu Rodange, schwéier méiglech gewiescht. Dofir hu mer Rolleng emol ewechgelooss. Op der anerer Säit ass et och zu Rodange schwéier machbar, well – ech hat dat jo virdru gesot – d'Kanner aus dem 1. Primärschoulsjoer op 3 Gebaier verdeelt sinn. Zu Péiteng ass dat éischt Joer nëmmen an der Eigent-Schoul. Wann een et wéilt zu Rodange maachen, da miisst een en Transport organiséieren, an dofir sollt een et emol op enger Plaz probéieren, an et sollt een et dofir an der Eigent-Schoul hei zu Péiteng probéieren. No engem Joer géife mer da kucken, wat dat bruecht huet, an ob et an Zukunft machbar wier.

Ech wëll awer och nach soen, datt ech eng Diskussioun am Virfeld wollt doriwwer hunn, an dofir hat ech dëse Punkt och op d'Dagesuerdnung vun der Schoulkommissioun gesat. Ech hunn awer do miisste feststellen, datt do esouwuel d'Enseignanten wéi och déi grouss Majoritéit vun der Schoulkommissioun net favorabel zu dësem Projet wier. Dat ass eppes, wat ech schwéier ka verstoen, vu datt mer et jo awer während 5 Joer schonn an eiser Schoulorganisatioun stoen haten. Dofir hätt een op mannst miissten an deem Kader scho soen, datt een net domatter d'accord ass.

Dofir schwätzen ech eigentlech dofir, fir dat op mannst ee Joer laang ze probéieren, well mer eis, esouwuel hei am Gemengerot wéi och an der Schoulkommissioun am Kader vun der Schoulorganisatioun dofir ausgeschwat haten. An no engem Joer soll een de Bilan zéien a kucken ob een – wat de Prinzip an d'technesch Begebenheet ugeet - domatter weider soll fueren oder net. Et ass och dat, wat ech mat der Vertriederin vun der Ambassade an och mat der Schoulinspektesch – déi och favorabel zu dësem Projet ass – ofgemaach hunn.

De Gemengerot soll sech elo kloer ausschwätzen, ob hien dofir oder dergéint ass.

Lily Gansen (LSAP):

An deem Projet, deen elo hei soll agefouert ginn, sinn ech schrecklech mitigéiert. An dat aus objektive Grënn, déi mech awer perséinlech betreffen, a wou ech net eng ganz Fraktioun wëll an dat selwecht Boot setzen.

Op Är Bemierkung, mir hätten dat als Gemengerot all Joers gestëmmt, muss ech soen, datt mer et am globale bei der Schoulorganisatioun matgestëmmt hunn. Mir hunn awer ni heibannen driwwer diskutéiert, datt mer dat wierklech géife maachen. Mä esou hu mer nees erëm bäigeléiert, datt mer net blann sollen en Text stëmme wou esou eppes drasteet.

A priori si mer och net géint esou eppes. Et ass awer och an Tëschenzäit festgestallt ginn, datt déi laangbehaapten Thèse, datt, wann ee seng Mammesprooch absolut honnert-prozenteg a fest géif kënnen, dat dee beschten Iwwergank wier fir eng friem Sprooch. Et ass jo grad esou kloer elo widderluecht ginn. Dat wësse mer jo alleguerten, datt déi lescht Etude, déi erauskomm ass, ganz kloer seet, datt dat net wouer ass. Besser wier et, wann een déi Sprooch géif schwätze vun do wou ee lieft.

Dësweidere wëll ech soen, datt am 1. Schouljoer den 'Eveil aux sciences' esou wichteg ass. Do mécht all Léierpersoun hei zu Lëtzebuerg säin eegene Programm, deen den Theme vum Joer, - sief dat Ouschteren, Chrëschtdag, asw - ugepasst ass. Et ass dat eng ofgeschlossen Sessioun, wat d'Léierpersonal mat de Kanner mécht. An dat kann net mat deem kompatibel sinn, wat déi portugisesch Schoulmeeschteren a Léierinne maachen. Déi kréien och hire Programm, an dee mussen se duerchféieren. Dat wësse mer jo och, an dat ass jo och festgeschriwwen. An dofir sinn ech der Meenung, datt heiduerch eng Unitéit vun enger Klass komplett ausernee gerappt gëtt, well do kann een net méi dat eent mat deem anere vergläichen, an d'Kanner si kee Block méi an däer Klass. An dat ass am éischte Schouljoer enorm wichteg.

Zu Déifferdeng ass dat hei jo och scho probéiert ginn. An ech weess, datt déi éischt Experienzen do ganz gutt waren. Mä dat huet sech no an no esou déterioréiert, datt zu Déifferdeng mam Gedanke gespillt gëtt fir et nees ofzeschafen. Well et gehäit dee ganze System op d'Kopp. A wann ee weess, datt déi éischt Ramm déi komm ass, vu portugisesche Schoulmeeschteen, sech ganz seriö dofir interesséiert huet, an do mat ageklommen sinn. No engem Joer hunn déi awer erëm miissten a Portugal zeréck. Net well se wollten, mä se hu miissten, well se haten nëmmen e Kontrakt op ee Joer an hir Regierung huet se zeréckgeruff well et anscheinend gutt Elementer waren an déi géifen a Portugal selwer gebraucht ginn. Dat kann een och verstoen. Doropshin hu mer déi zweet Vague elo kritt, an déi si guer net seriö. Dat si jonk Meedercher a Jongen, déi just vun der Schoul kommen, a fir déi et e gutt bezueltene Sport ass fir ee Joer an d'Ausland Schoul halen ze goen. Déi trieden einfach mueres net un, se melle sech net of, a wann se a Portugal fueren sinn se esoulaang duerno nach krank gemellt. Si huelen et net seriö. Dat si Saachen déi mir ze Bedenke ginn. A wann eng Gemeng déi Erfahrung gemaach huet, da soll net déi zweet Gemeng hannendru sprangen an déi selwecht Feeler maachen.

Da wëll ech och nach op d'Integratioun ze schwätze kommen. A meng Meenung heizou ass jo scho säit laangem bekannt. Ech sinn honnert Prozent fir eng Integratioun. Mä eng Integratioun zu zwou Säiten. Mir hunn och nach aner Nationalitéiten hei an der Gemeng, zum Beispill eis italienesch Matbierger, an do war ni eng Diskussioun. Wann déi elo un eis eruntrieden, da musse mer och déi Coursen aféieren, wann d'Jugoslawe kommen, d'selwecht. Oder behandele mer eng Nationalitéit aneschters wéi déi aner ?

Ënnert deenen Ëmstänn, wéi et de Moment ass, op Grond vun der Experienz, op Grond vun der Qualitéit vun deenen Enseignanten – wat ech aus ganz bestëmmter Quell weess, an dat stëmmt wat ech hei soen, an dat ass net iergendwéi aus der Loft gegraff – ass et eppes wat engem muss ze Bedenke ginn. An dofir kann ech zu

dësem Moment - a vu datt et laut deene leschten Etuden keen Avantage fir déi auslännesch Kanner bréngt - net agesi firwat mer et maachen. Eise Schoulsystem gëtt domatter op d'Kopp gehäit, a wann eis lëtzebuerger Kanner am Ausland an d'Schoul ginn, da gëtt och do kee lëtzebuerger Schoulmeeschter agestallt fir 'Eveil aux sciences' ze halen.

Mir mussen dat dote wierklech mat Fangerspëtzegefill ugoen. An et muss een et mat Fangerspëtzegefill ugoen, net dat een duerno virgehäit kritt, et wier ee rassistesch, well dat ass 'de loin' net de Fall. Well dat do ass eppes, wat deenen enge keen Notze bréngt an deenen anere schuede kann. An dofir kann ech – esou wéi de Stand haut ass – deem hei net zoustëmmen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech huelen Är Remarquen zur Kenntnis. Ech wollt just eppes kloerstellen. Dir hutt do vu jonke Schoulmeeschteren a Léierinne geschwat, déi sollen hei zu Péiteng déi Coursen halen. Dat ass hei zu Péiteng net de Fall. Mir hunn hei zu Péiteng zwou Persounen, déi zanter Joere schonn hei an der Gemeng portugisesch Coursen op deene fräien Nomëtteger halen. An dat wieren och déi selwecht, déi déi heite Saach géifen iwwerhuelen. An dat si Leit, déi ech als ganz seriö consideréieren.

Lily Gansen (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir hutt jo awer verstanen, datt ech net vu Péiteng geschwat hunn. Ech hunn op Grond vun deenen Experienze geschwat déi hei am Land gemaach si ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dofir hunn ech jo gesot, datt mer hei zu Péiteng sollen eis eegen Erfahrunge maachen an eis eege Conclusiounen zéien. Et ass awer jiddereen hei am Gemengerot fräi fir seng Meenung ze soen. Ech wollt awer nach eng Kéier soen, datt Är Aussoen diametral contraire zu deem ass, wat d'Madame Ministesch an hirer Circulaire schreiwt.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech hätt heizou 3 Froen. Déi Coursen, hëllefen déi deenen auslännesche Kanner fir am lëtzebuerger Schoulsystem besser mat ze kommen, oder ass et nëmme fir hir Mammesprooch besser ze léieren ? Ass domatter de Kanner wierklech gehollef oder kréien se et domatter nach méi schwéier gemaach, duerch eng zousätzlech Belaaschtung ? Gi fir aner Nationalitéiten och speziell Course gemaach ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech sinn elo net Pädagog. Ech mudde mer net zou fir eng definitiv Äntwert ze ginn, mä ech kann nëmmen dat huelen, wat d'Madame Minister schreiwt : '*Les parents portugais ont la possibilité d'inscrire leur(s) enfant(s) dans les cours intégrés en langue maternelle, destinés à préserver et à développer leurs compétences en langue maternelle et leur donner ainsi de meilleures bases pour l'apprentissage des autres langues*.' Dat heescht, eis Pädagoge ginn dovunner aus, datt wann een engem d'Méiglechkeet gëtt fir sech a senger Mammesprooch ze entwéckelen, datt doduerch besser Konditioune geschafe gi fir Friemsproochen ze léieren. Ob dat esou ass oder net, kann ech lech net soen. Dat ass dat wat eis Spezialisten am Ministère de l'Education nationale eis matdeelen, an d'Madame Minister huet eis dat dote geschriwwen.

An op Grond vun deem, wat déi kompetent Leit eis soen, géif ech mengen, datt dat deene Kanner ka virun hëllefen.

Gëtt et dat doten och op anere Plazen ? Dozou géif ech scho mat 'Jo' äntweren. Et sinn zwou Konventiounen ënnerschriwwe ginn. An och nëmme mat deenen zwou Ambassade kënnen esou Coursen organiséiert ginn. An dat sinn déi italienesch an déi portugisesch Ambassaden. Dat heescht, et si fir de Moment nëmmen zwou Sproochen déi a Fro kéinte kommen, an déi an eise Schoule kéinten enseignéiert ginn. All déi aner Nationalitéite miissten emol fir d'éischt eng Konventioun mam Ministère ënnerschreiwen, an dann eréischt kéint esou eng Sprooch hei geléiert ginn.

Ech sinn awer der Meenung – vun den Zuelen hir déi mer an eiser Gemeng hunn -, datt ech mer eigentlech nëmmen eng Sprooch kann hei an der Gemeng virstellen, an dat ass déi portugisesch Sprooch. Well all déi aner sinn esou minimal hei vertrueden, datt ech mer net ka virstellen esou eng Offer kënnen ze maachen, an datt mer déi néideg Zuel vu Kanner zesummekréie fir esou eppes ze assuréieren.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech mengen, de Beweis ass jo do. Mir haten och fréier vill Italiener déi an eist Land komm sinn, an do war ni eng Schwieregkeet. Si hu sech anstänneg integréiert, an esou weider.

Roger Klein (LSAP):

Dir wonnert lech wahrscheinlech net, wann ech zu dësem Punkt Stellung huelen. Ech wëll awer elo net als Politiker schwätzen, mä ech schwätzen als e Mënsch, deen zanter 1975 hei an der Gemeng am Postprimaire Schoul hält, Sproochen enseignéiert, an deen einfach den Usproch och doduerch erhieft, spezifesch Defizienzen a spezifesch Stäerkte vun deene jonke Leit, jee no hiren Originen, ze kennen. An do muss ee vläicht e puer Saache richteg stellen oder a Fro stellen.

Déi Theorie, datt ee seng Mammesprooch muss ganz gutt beherrsche fir aner Sproochen ze léieren, ass eng Theorie, déi vun eenzelne Leit opgestallt ginn ass, an déi vun anere Leit kontestéiert gëtt. Ech selwer weess, datt viru Jorzéngten déi portugisesch Schüler, déi mer deemools haten, hir Mammesprooch schrëftlech vill besser beherrscht hu wéi déi nei Generatioun, an datt se awer wesentlech méi Schwieregkeeten hate fir déi Sproochen ze léieren, déi mer hei gebraucht hunn.

Zweetens weess ech ganz sécher, datt ee grad an deem Alter, mat 6, 7 Joer an engem éischte Schouljoer, a während 2 Stonnen an der Woch esou eng Sprooch huet, datt dat bei wäitem net duergeet fir Sproochkompetenzen opzebauen. Dat do ass einfach eng Alibifunktioun.

Drëttens, déi portugisesch Schüler, oder déi Schüler déi portugisescher Origine sinn, an déi mer elo am Postprimaire hunn, si Schüler, déi keng 'cours intégrés' besicht hunn, an déi och gréisstendeels keng Nomëttescoursen besichen. Ënnerenee schwätzen se awer Portugisesch, dat heescht se beherrschen hir Mammesprooch op mannst emol mëndlech absolut gutt.

A spezifesch Problemer, grad vu portugisesche Schüler a Schüler vu portugisescher Origine, – obwuel se hei gebuer sinn, obwuel se hir ganz Scolaritéit hei gemaach hunn – hu se wuel net fir Lëtzebuergesch ze schwätzen, mä si hu ganz kloer Defizienzen am Däitschen, an dat behënnert hir schoulesch Entwécklung an deenen éischte Joeren. An dat net nëmmen am Fach 'Däitsch', mä och an enger ganzer Rei vun anere Fächer déi an däitsch enseignéiert ginn, a wou d'Bicher op däitsch sinn a wou se d'Texter mussen op Däitsch léieren.

Dat sinn eng ganz Rei vun Iwwerleeungen, déi mech dozou féiere fir déi Iwwerleeungen, déi och d'Léierpersonal aus der Primärschoul 'An Eigent' gemaach huet, kënnen ze deelen. An och wa mer dat zanter 2001/2002 an eiser Schoulorganisatioun haten, esou ware mer eis selwer vläicht net grad ganz konsequent, an no räiflecher Iwwerleeung kann ech mech

mat esou Coursen net ufrënnen. Ech mengen, datt déi Elteren, déi hir Kanner an esou Course schécken, et ganz sécher gutt mengen, mä hire Kanner domatter e schlechten Déngscht leeschten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech kann nëmmen dat widderhuelen, wat ech scho virdru gesot hunn. Fir mech ass et evident, datt mer während 5 Joer dat dote gesot hunn. Wa mer elo anerer Meenung sinn, dann akzeptéieren ech dat. Mä mer mussen eis awer och bewosst sinn, datt een eis ka virwäerfen, datt mer heibannen net wéisste wat mer wéilten.

Roland Breyer, Schäffen :

Et sinn eng ganz Rei Argumenter dofir an dergéint, an objektiver Natur, hei op den Dësch komm. Et kann ee vläicht nach e puer Donnéeën dobäisetzen. Et ass elo viru kuerzem eng parlamentaresch Ufro vum Här Bratz vun Esch un d'Madame Ministesch gestallt ginn, a wou gefrot ginn ass fir dat Ëmfeld nach eng Kéier ze ëmrummen.

Dat Ganzt geet zeréck op eng europäesch Directive vun 1977, wou festgehale ginn ass, datt Minoritéiten, déi awer staark an de Länner representéiert sinn, sollen hir Wuerzelen nach iergendwéi behalen. Et war och esou, datt am Fong 3 Konventioune mat dräi verschiddenen Ambassade gemaach gi waren, woubäi awer eng ni zum Droe komm war. Mat de Spuenier war ni eng Demande do fir esou Coursen ze halen. Mat den Italiener war eng Konventioun gemaach ginn, déi awer 2005/2006 opgehalen huet, a wou am ganze Land nëmmen 49 Kanner dovunner profitéiert hunn. Dat war ganz wéineg. A bei de Portugisen ass eng steigend Tendenz, wat 'cours intégrés' ubelaangt, ze vermierken, dat heescht déi Coursen, déi an der Schoul gehale ginn, a wou, laut Aussoe vun der Madame Ministesch, 297 Kanner am ganze Land dovunner profitéieren.

Donieft muss een awer och nach soen, datt 'cours parallels' organiséiert ginn. An dat vum Ministère mat den Ambassaden zesummen. An dat war fir d'Portugisen 1.548 Kanner déi esou Course besicht hunn. Déi Tendenz ass awer falend, well d'Integratioun – loosse mer soen – an d'Luucht gaangen ass. Well et ass méi einfach – vum Transport a vun der Logistik aus – d'Kanner op der Plaz ze enseignéieren, wéi wann se mussen op eng zentral Plaz gefouert ginn.

Wann een elo d'Zuele kuckt, dann hu mer am Préscolaire 69 portugisesch sproocheg Kanner, dat sinn 36%. Mir hunn 13 verschidden Nationalitéiten, an och do ass et jo esou, datt Critère sinn, datt wéinstens eng gewëssen Zuel vu Kanner vun enger Nationalitéit muss do si fir esou Course kënnen unzebidden. Esou datt d'Gefor net do ass, datt nach aner Nationalitéiten esou Course géife froen.

Wéi de Buergermeeschter et jo schonns gesot huet, mir hunn et praktesch an eiser Schoulorganisatioun stoen, a mir hunn et matgestëmmt. Mir hunn déi Ouverture gemaach, a wann een 'A' seet, da muss een och vläicht 'B' soen. Ech sinn der Meenung, datt een dat Experiment sollt maachen, a wann een no engem Joer fënnt, datt et näischt géif bréngen an datt et méi géif stéiere wéi et e Wäert huet, dann ass jo d'Méiglechkeet vun de 'cours parallels' nach ëmmer ginn. D'Kanner kënnen also dann nach ëmmer vun deene Course profitéieren, an hir Wuerzele brauchen se och ni ze verléieren.

Mir haten eis als Fraktioun dofir ausgeschwat, datt mer dat Experiment vun 'cours intégrés' fir ee Joer wéilte lafe loossen, an da kucke wéi d'Resultat ass.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Et ass natierlech elo vill dofir an dergéint gesot ginn. Ech sinn awer der Meenung, datt mer zanter Joeren de Prinzip heivunner bei der Schoulorganisatioun matgestëmmt hunn, a wann elo eng Initiative kënnt, da gëtt gesot, datt mer et net wëlle maachen. Dofir sinn ech der Meenung, datt déi Propositioun vum Buergermeeschter, fir en Essai op ee Joer ze maachen an dann de Bilan ze zéien, ganz gutt ass. A wann eise Schoulsystem wierklech esou op d'Kopp gehäit gëtt wéi vereenzelt gefaart gëtt, da kann een et dann aus der Schoulorganisatioun eraushuelen.

Carlo Gira (CSV) :

Wann een als leschten d'Wuert kritt, da muss ee Verschiddenes widderhuelen. Ech ginn déi Saach do och mat ganz gemëschte Gefiller un. Et ass och gesot ginn, datt mer mussen en 'mea culpa' maachen, wa mer dat schonn esoulaang an der Schoulorganisatioun stoen hunn, an et ass ni am Fong diskutéiert ginn.

Am Sënn vun enger Integratioun géif ech och éischter gesinn, datt déi Kanner sollen den Unterrecht matmaache wéi en hei ugebuede gëtt.

A wann déi 'cours intégrés' mat dra sinn, da sinn ech och domatter averstanen, fir et op ee Joer ze probéieren. A well d'Léierpersonal mat hiren Argumenter éischter dergéint ass, sollen se den Optrag kréie fir en detailléierte Bilan ze maachen, an datt mer d'nächst Joer nach eng Kéier am Fong kënnen driwwer diskutéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass genee dat, wat ech an der Schoulkommissioun offréiert hunn. Esou war an der Kommissioun festgehale ginn, fir esou ee Pilotprojet am Schouljoer 2007/2008 ze maachen, an dat an der Eigent-Schoul. Duerno soll e Bilan gemaach ginn iwwer d''expériences vécues', a wa mer dee Bilan gemaach hunn, da kënne mer op Grond vun den Iwwerleeungen a Remarquen, déi do gemaach ginn, eis Décisiounen huelen.

Accord par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) contre 6 voix (LSAP).

6.2.5.2.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2007/2008 : annexe - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da komme mer zu den Annexe vun der Schoulorganisatioun. Do sinn e puer ganz kleng Ännerunge gemaach ginn, ënnert anerem dee Fait, datt mer eist Turnen net méi integral fir déi grouss Klassen hei zu Péiteng halen, mä wou vum nächste Joer, wann déi Rodanger Sportshal disponibel ass, déi Rodanger a Rollenger Kanner an déi nei Hal ginn.

Mir hunn och verschidden Nimm aus dem Service de guidance erausgeholl, well déi Nimm variéieren. A wann déi Nimm an der Schoulorganisatioun stinn, da kann et sinn, datt déi Texter am Laf vum Joer net méi richteg sinn. Dofir hu mer d'Nimm komplett erausgeholl.

Accord à l'unanimité.

6.2.5.2.

Enseignement.

Allocation d'indemnités - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

All Joer ginn déi Indemnitéiten nach emol am Gemengerot duerchgeholl. Et bleift alles d'selwecht wéi d'lescht Joer.

Accord à l'unanimité.

7.1

Hygiène et Santé.

Travaux d'assainissement des canalisations dans différentes rues – approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen :

Mir hu wëlles fir an de Joeren 2007 an 2008 zu Rodange an der rue Guillaume an an der rue Adolphe Assainissementsaarbechten an de Kanäl ze maachen. D'Kanäl sollen nogekuckt, gebotzt, ausgebessert a verstäerkt ginn. Mir hunn en Devis virleie vun 105.000 € fir déi Aarbechten, déi an deenen zwee Joer solle gemaach ginn. Mir hunn dëst Joer 60.000 € am Budget virgesi fir déi Aarbechten, déi dëst Joer haaptsächlech an der Guillaume-Strooss solle realiséiert ginn, ze finanzéieren. Am Joer 2008 soll dann d'Adolphe-Strooss hannendru kommen.

Guy Brecht (LSAP):

Fir d'éischt wollt ech emol froen, ob Dir Iech scho Gedanken doriwwer gemaach hutt, wéi de Verkéier do ëmgeleet gëtt ? Haaptsächlech an de Stroossen 'Guillaume' an 'Adolphe'.

Ech wollt Iech awer och drop opmierksam maachen, datt jo bekannt ass, datt Uganks vun dësem Joer jo en Hausbrand an der Charlotte-Strooss war, an datt ee mat deem Chantier muss ganz virsiichteg sinn. Wéi gewosst ass, war dat jo bal schief gaangen, well d'Pompjeeën net richteg bäikoumen.

Ech wollt och nach eng allgemeng Bemierkung iwwer d'Chantieren hei an der Gemeng maachen. Net méi spéit wéi de leschte Samschdeg hate mer esou ee Fall. Ech wëll elo net behaapten, datt déi Luucht, déi um Container war, gaangen ass oder net. Mä wa se gaangen ass, dann ass se op jiddwer Fall ganz schwaach gaangen. Mä dat entschëllegt awer net, datt ee mat voller Vitesse a mat engem gewëssenen Alkohol-Taux do dra rennt. Mä et miisst een d'Entrepreneuren emol drop opmierksam maachen, datt se sollen hir Chantiere besser ofsécheren.

Roland Breyer, Schäffen :

Zu der Ausféierung vun den Aarbechte wollt ech soen, datt elo net déi ganz Strooss mateneen opgerappt gëtt. Et gi Revisiounsschächt, wou ee kann eraklamme fir déi Aarbechten ze maachen. Et gëtt net déi ganz Strooss opgerappt, well jo kee ganz neie Kanal geluegt gëtt, mä et ginn nëmme bannendran Ausbesserunge virgeholl.

Zu de Chantieren am allgemenge muss ee soen, datt et Richtlinne ginn, wéi esou ee Chantier muss signaliséiert sinn. Déi Richtlinne si vun de Ponts et Chaussées a vun der ITM festgeluegt. Et ass awer esou, datt wann e Chantier ageriicht gëtt, et ëmmer esou ass – ausser mir sinn als Gemeng de Bauhär – datt et den Entrepreneur ass deen d'Responsabilitéit vum Chantier a vun der Ofsécherung huet. Et stëmmt, datt mir emol heiansdo kontrolléiere ginn. Mä e Chantier evoluéiert och, a wann do geschafft gëtt, da ginn d'Schëlter alt emol geréckelt. An et miisst ee praktesch ëmmer e 'Polizist' niewendru stoen hu fir alles ze kontrolléieren. Mir hunn awer elo ë bësse Verstäerkung am Service technique kritt, esou datt mer unhuelen, datt mer déi Chantieren awer e bësse méi dacks kontrolléiere wéi et de Moment de Fall ass. Wéi gesot, op der Athuser-Strooss war näischt vun eis signaliséiert ginn. Et kënnt emol vir, datt mir als Gemeng d'Schëlter liwweren, an datt doduerch ugeholl gëtt, datt d'Gemeng nees falsch signaliséiert huet. Mä et ass awer den Entrepreneur oder de Privatmann gewiescht, deen 'en charge' ass vun deem Ganzen.

Wat elo d'Aarbechten zu Rodange an der Guillaume- an an der Charlotte-Strooss ugeet, esou wäert et dorop erauslafen, datt mer zäitweis de Verkéier mat Luuchte wäerte regléieren, an datt en – menges Erachtens – nach kéint weiderlafen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt Iech nach just soe wat nach e ganz geféierleche Punkt ass. An zwar ass et beim Rond-point beim neie Lycée. Do ass d'Strooss och verengt gi fir a Richtung Athus oder Richtung Weier ze fueren. Do stinn 8 oder 9 Luuchten, an et ass de leschte Samschdeg nëmmen eng dovunner gaangen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir kucken dat no.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt och, esou wéi den Här Brecht, e bëssen op déi Chantieren hiweisen. Mir hu jo eng Kommissioun an d'Liewe geruff, déi fir d'Sécherheet soll zoustänneg sinn. An ech mengen och déi dote Saache falen do drënner. Et kann een et jo awer net esou wäit komme loossen, wéi dat elo geschitt ass, och wann do aner Ursaache Schold dru waren, loosse mer éierlech sinn. Mä mer hunn eng Commission de la sécurité, an ech huelen un, datt esou Saachen och do drënner falen. Well et ass heiansdo schlëmm wat sech Entrepreneuren muenchmol do leeschten. Sief et, datt se duerno schëlleg sinn, mä et weess ee jo awer och wéi schwéierfälleg duerno d'Prozeduren op de Geriichter, asw., ginn.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Hygiène et Santé.

Assainissement des réservoirs d'eau de Lamadelaine et de Rodange : approbation du devis actualisé - décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass eng Adaptatioun vun eisen Devisë gemaach ginn. D'Explikatioune konnt der an den Ënnerlagen noliesen. Et geet hei ëm den Assainissement vun de Wasserbassenge vu Rolleng a Rodange. Dat si Saachen, déi schonn op 2001 zeréckginn, wou déi éischt Prinzipie geholl ware ginn. Deemools war festgestallt ginn, datt déi Bassengen an engem schlechten Zoustand wieren. D'Aarbechten um Rollenger Basseng sinn esougutt wéi ofgeschloss. Déi éischt Phase vun den Aarbechten um Rodanger Basseng sinn och gemaach ginn, a mer haten elo wëlles déi zweet Phase unzegoen an d'Aarbechten ofzeschléissen.

Mir hunn nogekuckt, ob déi Devisen nach géife stëmmen, a mer hunn zwou Feststellunge miisste maachen. Déi éischt ass *'considérant qu'une erreur arithmétique de la part du bureau d'études avec sous-estimation des surfaces à assainir a été constaté dans le devis initial*'. Dat ass bedauerlech. Et ass heiansdo och ze mierken, datt och Bureauen, déi mer vu baussen huelen an déi eis solle beroden, sech komplett am falsche Film bewegen. Déi zweet Constatatioun ass, datt tëscht deem éischten 'devis initial' vun 2002 d'Präisser natierlech an d'Luucht gaange sinn, esou datt mer eng Adaptatioun vum 'devis initial' musse virhuelen.

Dat bedéngt am Kloertext, datt mer elo op Zomme vun 412.034,66 € fir de Rollenger Basseng, respektiv 386.471,36 € fir de Rodanger Basseng kommen, an net wéi am urspréngleche Devis bei 360.956 €, respektiv 247.196 € leien. Et sinn also considérabel Augmentatiounen. Den Detail vun den Explicatiounen hängt am Detail hannendrun. Et ass bedauerlech, datt verschidde 'bureaux d'études', an de Numm steet jo grouss an ären Ënnerlagen dran, hir Aarbecht och net esou seriö maachen. An dat zweet ass einfach eng Evolutioun vun de Präisser, well d'Aarbechten eng laang Zäit gebraucht hunn.

A mer wäerten déi Aarbechten elo esou séier wéi méiglech maachen, well mer deene Conventiounen iwwert d'Qualitéit vum Waasser wëlle gerecht bleiwen. Mir wëllen d'Aarbechten och an deem Sënn ofschléissen, datt mer

eng Télésurveillance vun deene Bassenge kënne maachen, an datt mer sécher kënne sinn, datt dat Waasser, dat hei weiderverdeelt gëtt, och der néideger Qualitéit entsprécht.

Accord à l'unanimité. M. Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.3.

Hygiène et Santé.

Interdiction de spectacles d'animaux sur le territoire de la commune – décision.

Gilbert Welter, Schäffen :

Dir wësst, datt eis Administratioun regelméisseg gefrot gëtt fir esou Wanderzirkussen ze autoriséieren. Virun allem däer Zirkussen, déi mat Déieren Attraktioune maachen. Et ass awer esou, datt déi 'conditions de garde' vun deenen Déieren net ëmmer optimal sinn, an et ass och heiansdo bekannt, datt déi Déiere schlecht ernährt, maltraitéiert an och ënnert anormale Conditioune gehale ginn.

Dofir proposéiere mer dem Gemengerot, op eng Interventioun am leschte Gemengerot vum Romain Becker hin, esou Organisatioune mat Déieren um Territoire vun der Péitenger Gemeng ze refuséieren.

Guy Brecht (LSAP):

Ech géif soen, datt esouwuel den Initiator vun dëser 'soi-disant' Motioun, wéi och de Schäfferot an dëser Saach ze félicitéieren ass, well se esou eng Décisioun geholl hunn. Et konnt een sech virun 14 Deeg nach dovunner iwwerzeegen, ënnert watfir Conditiounen d'Déiere vun deem Zirkus, deen seng Zelter nieft dem Hotel opgeschloen hat, an der Wiss louchen. Ech huelen un, datt der do nach d'Autorisatioun ginn hat ier dat hei elo hei am Gemengerot zur Diskussioun stoung. Ech hu mer dat Kaméil während Deeg do ugekuckt. Et war ëmmer op der selwechter Plaz ugestréckt. Et hat nëmmen 1,5 bis 2 Meter Auslaf, an dat ass wierklech katastrofal.

Ech ginn esouguer nach e bësse méi wäit. Et gehéiert zwar net richteg dozou, mä wat engem ëmmer méi opfält, dat ass op der Rodanger Grenz, op der Fonderie, datt do Fernlaster mat Déierentransporter stinn. Déi leschte Kéier ass mer opgefall, datt do e Camionneur während 4 Stonnen a méi déi stoung, well e seng Paus wahrscheinlech huet miisste maachen. Mä de Camion war voll mat Schwäi gelueden, an déi hu während Stonnen do gequiitscht.

Dat gesäit een elo nach besser, well d'Belsch hir Säit zougemaach hunn, an d'Camionneuren elo bei den Tankstelle stinn. Bei deenen Déierentransporter miisst een och emol kucke fir eppes ze ënnerhuelen, well dat ass wierklech grausam.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech soe Merci fir déi Interventioun. Souwisou, wann een déi Camionë kuckt, dann huet dat net alleng eppes mat den Déieren ze dinn, mä mam ganzen Trafic. Mir sinn am gaangen do drun ze schaffen, mä et ass net esou evident.

Wat dat anert ubelaangt, esou kann ech lech d'Informatioun ginn, datt den Zirkus seng Autorisatioun kritt hat ier eng Interventioun hei am Gemengerot war. Et sollt awer och a priori en Zirkus sinn, deen nëmmen Hënn sollt hunn. Mir konnten eis awer selwer dovunner iwwerzeegen, datt dat net esou war.

Dofir sinn ech der Meenung, datt déi Décisioun, déi mer haut hei sollen huelen, schonn eng gutt Saach ass, a wat eis et och an Zukunft méi einfach mécht op esou Demanden ze reagéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech kann och dem Schäfferot nëmme félicitéieren, datt hien dat heiten haut dem Gemengerot proposéiert. Mä am Text kéint een nach eng ganz Rei vu Saachen dobäi schreiwen, obwuel dat Néidegst drasteet. Ech hat mer och d'Méi gemaach, vu datt ech dat Ganzt den 21. Mee proposéiert hat, fir e ganze Koup Argumenter zesummen ze sichen, well de Buergermeeschter gesot hat ech sollt dat matbrénge fir op den nächsten Ordre du jour. Wou ech dunn den Aide-mémoire gesinn hunn, war ech relativ erféiert, datt dat vum Schäfferot kënnt. Ech sinn awer immens frou wann eng Motioun hei am Gemengerot ugekënnegt gëtt an datt de Schäfferot da méi séier ass an dann direkt mat de Punkte virschéisst.

Et géif mech immens freeë wa mer an deem Sënn kéinte weiderschaffen, well da kann ech mat all de Kollegen aus der Oppositioun ganz vill Zäit aspueren a just hei erwänen, datt eng Motioun kënnt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech hat et awer esou verstanen, datt mir sollten eppes hei am Sekretariat preparéieren. An dofir hu mer dat och direkt gemaach.

Carlo Gira (CSV) :

Just zwou Bemierkungen, datt et sech haaptsächlech op Spektakele bezitt, an datt et musse wëll Déiere sinn. Well mer mussen awer esou tolerant sinn, datt, wann ee kënnt an deen huet en Hond dobäi, mer deen optriede loossen. Net datt esou Saachen, wéi se op den Hondsterrainen organiséiert ginn, op eemol och do drënner falen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass kloer, datt sech dat dote just op déi Wanderzirkusse baséiert. Mir hunn zum Beispill nach en Zirkus, dee sech fir de September ugemellt huet, an dee just nëmme Clownen huet. Mir loossen dat awer nach eng Kéier kontrolléieren, net datt mer do och e Problem gesinn. A wa mer déi Délibératioun elo hei guttheeschen, da kënnt dat an deem Sënn och an d'Autorisatiounen drastoen. A wann et da sollt aneschters sinn, da musse mer iwwert d'Polizei dofir suergen, datt se aus der Gemeng ausgewise ginn.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Aménagement du territoire.

Servitude d'interdiction de lotissement et de construction frappant des terrains sis entre la route de Niederkorn à Pétange et la rue du Vieux Moulin à Lamadelaine - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ënnert dem Punkt 8 hu mer zou Rubriken, déi no beienee leien, an dofir traitéiere mer se och zesummen. Um Niveau vun der Firma Eucosider sti Changementer an d'Haus. Et ass och esou, datt mer duerch déi nei Begebenheeten tëscht der neier Rollenger Gare an der Péitenger Gare, e gréissere Zoning hunn, wou mer am Kader vun deem neie PAG, dee mer am gaange sinn ze maachen, eng 'zone de développement prioritaire' kéinte maachen. Dat ass och eng Propositioun vun Zeyen a Baumann fir dat ze maachen. A fir datt de Gemengerot och eng Influenz drop huet a kann drop awierke wat op deem Site geschitt, wollte mer laut Artikel 20 an 21 vun deem neie Gesetz iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain eng Servitude op deen Terrain leeën, esou wéi dat am Artikel 21 alinéa 1 och virgesi sinn. De Grond ass deen, datt näischt sollt do geschéien ouni Approbatioun vum Gemengerot, mat Ausnam vun 'travaux d'entretien et de réparation'. Doduerch hätte mer eng Handhab drop, wat an nächster Zukunft op deem Terrain geschitt. Well mir sinn der Meenung, datt dee ganze Bann, deen tëscht der Gare vu Péiteng an der Gare vu Rolleng besteet, potentiell Méiglechkeete bitt fir

eis Uertschaft weider ze entwéckelen. A fir net engem PAG virzegräifen an net Décisiounen ze huelen ier de PAG am Joer 2009/2010 hei am Gemengerot definitiv ofgeseent ass, wollte mer déi Servitude op déi Terraine leeën.

An dofir musse mer och ënnert dem Punkt 8.2. vun der Dagesuerdnung e 'crédit additionnel 'stëmmen. Well mer sinn am gaangen eng Rei Aarbechte fir Zeyen a Baumann ze maachen, an d'Aarbechte si méi séier virugaange wéi mer eis dat geduecht haten. An dofir brauche mer e 'crédit additionnel' fir déi Aarbechten – besonnesch wat déi Zone 'Pétange-Ouest' ubelaangt – méi séier kënne virun ze dreiwen a méi séier zum Ofschloss kënnen ze kommen an dem Gemengerot kënne virzeleeën.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann ech dat richteg verstanen hunn, ass et fir ee Joer wou mer déi Servitude do drop leeën. Et kann awer verlängert ginn, a mer mussen da kucken, datt et an der Rei ass wann de PAG soll proposéiert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir kënnen et maximal 2 mol verlängeren, esou datt et och maximal 3 Joer ka sinn. Dofir wëlle mer och dee Kredit nostëmme loossen, fir datt mer op deem dote Punkt esou séier wéi méiglech zu Conclusioune kënne kommen, an déi Leit, déi concernéiert sinn, och net ze laang hinzehalen an am Ongewëssen ze loossen iwwert dat wat dann do soll geschéien.

Et schéngt mer awer e wichtegen Terrain ze sinn, a mer sollen eis eens si wat do soll geschéien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen dat eng gutt Saach, datt mer quasi e Blokus dropleeën. Ech weess awer net, ob ech Iech ka froen, ob Dir scho méi wësst, wat do an der Maach ass ? Oder solle mer dat eng Kéier ouni Mikro beschwätzen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Am Moment lafen eng Rei vu Gespréicher, mä dës sinn awer nach net esou wäit, datt ee schonn ëffentlech eppes ka soen. Et sinn och nach Gespréicher fir Enn dës Mounts ugesot, esouwuel mat der Eucosider wéi och mam Fonds de Logement, wou mer och wëllen eng Kéier eng Diskussioun féieren. Et sinn och schonn aner Gespréicher, ënnert anerem mat verschiddene Ministère gelaf, esou datt mer eng ganz Rei vu Pisten hunn a wou mer wëlle kucke wat méiglech ass a watfir Alternativen et kënne ginn. Mir hoffen awer, datt mer relativ séier zu éischte Propositioune kommen, an datt mer och relativ séier der Firma Eucosider kënne soen a watfir eng Richtung mer wëlles hunn ze goen. Mir kommen och ganz geschwënn nees eng Kéier an de Gemengerot fir kënne driwwer ze debattéieren.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.2.

Aménagement du territoire.

Plan de développement urbain - élaboration d'un plan directeur (PD) pour une zone dénommée « Pétange-Ouest » - approbation du devis et vote d'un crédit additionnel.

Approbation à l'unanimité.

9.

Environnement.

Aménagement d'un verger, à Lamadelaine, par le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA) - approbation de la convention.

Gilbert Welter, Schäffen :

Mir hunn de 4. Juni 2007 eng Konventioun mat der Rollenger Kierchefabrik ënnerschriwwen, fir iwwert d'Sicona en neie Bongert ze aménagéieren. D'Argumenter si folgend :

D'Beem si fir d'Déierewelt e ganz wichtegt Element. Trotz enger Rei Efforte ginn et ëmmer manner Bongerte mat héijen Uebstbeem. An am Kader vum Plan vert vun der Gemeng wëlle mer Conditiounen ofschléisse fir d'Erhale vun der Planzen- an Déierewelt.

Den Här René Klein huet dës Konventioun fir d'Rollenger Kierchefabrik ënnerschriwwen, an zwar handelt et sech ëm en Terrain um lieu-dit 'In der Oicht', an deen 46 Ar huet. Et ass dat en Terrain, deen nieft der Rollenger Kierch läit. Den Terrain gëtt dëst Joer vun der Sicona aménagéiert, dat heescht geméint a propper gehalen, an ab 2008 ass virgesi fir 25 däer héijer Uebstbeem dohinner ze planzen. D'Conventioun ass fir eng Durée vun 9 Joer ënnerschriwwen, a kann duerno virulafen, falls keng Kënnegung bis zu 6 Méint virun der Echéance duerch en ageschriwwene Bréif agereecht gouf.

John Polfer (CSV) :

Ech fannen et flott, wann ee Propriétaire ass, an d'Gemeng engem säin Domaine an der Rei hält. Ech soen dat just nëmmen, well viru 15 Joer ongeféier, krut ech e Bréif vun der Péitenger Police an deem stoung, wann ech bannent 8 Deeg mengem verstuerwenem Grousspapp säi Gaart net géif an d'Rei setzen, da géif ech protokolléiert ginn. Schued datt et deemools d'Sicona nach net ginn ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass scho richteg, mä dat dote maache mer jo awer nëmme spezifesch. Mir ginn elo net hin, a mer setzen elo jiddwerengem säi Gaart an d'Rei. Esou eng Demande ze maachen huet kee Wäert. Et si schonn Terrainen déi interessant si fir erhalen ze bleiwen, an dat heiten ass e Bongert, wou mer eis gesot hunn, datt et interessant wier fir deen ze erhalen. Besonnesch wou d'Kierchefabrik dat ka selwer maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass natierlech eng ganz flott Saach, well mer an eiser Gemeng ëmmer manner Bongerten hunn, a well ëmmer méi zougebaut gëtt. Mä ech muss awer och dem Här Polfer Recht ginn. Vu datt d'Kierchefabrik nach ëmmer Propriétaire ass, kréien déi hiren Terrain schéin an d'Rei gesat. Op der anerer Säit steet och an der Konventioun, datt de Propriétaire d'Friichten aus dem Bongert ka benotzen. Do sinn ech natierlech net domatter d'accord. Wann d'Kierchefabrik bis elo näischt do ënnerholl huet, a wa mer elo eng Konventioun als Gemeng maachen, da sinn ech der Meenung, datt mir och sollen Uebst kënne benotzen, an dat fir zum Beispill eis Schoulkanner. An et soll net esou sinn, datt d'Kierchefabrik och nach kann d'Uebst vun deem Bongert, dee mir an d'Rei gesat hunn, ka plécken a benotzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass eng typesch Konventioun, déi mer hei ënnerschriwwen hunn. Mir hunn och schonn heibannen aner Konventiounen an deem Sënn ënnerschriwwen. Ech kann Iech awer versécheren, datt kaum ee vun der Kierchefabrik dat Uebst do plécke geet. Wann elo eis Schoulklassen dat wëlle maachen, da kënnen déi dat maachen. Ech ka mer net virstellen, datt do e Problem ass.

Et kann ee vläicht nach soen, datt mer an der Konventioun, ënnert dem Punkt 'I' stoen hunn '*au cas où la présente parcelle serait mise en vente par le propriétaire, la commune se réserve un droit de préemption*'. Dat heescht, si hätten eis et och esouguer verkaf, mä mir sinn net drun interesséiert fir all Terrain ze kafen. Mä mer hunn eis

awer déi 'droit de préemption' ausbehalen.

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech wëll nach dobäifügen, datt am selwechte Paragraph, an deem steet datt de Propriétaire d'Uebst ka recoltéieren, och drasteet, datt 'activités pédagogiques' solle stattfannen. Dat heescht, datt d'Schoulklassen och kënnen dohinner goen, an dann och do déi néideg Informatioune kréien. Dat soll awer och ernimmt sinn, well et ass och wichteg.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wëll just eppes zum Punkt 'C' vun der Konventioun soen. Do steet '*La commune est autorisée à entretenir la prairie actuellement en place par un fauchage régulier avec enlèvement du foin*.'

Wéi solle mer dat da maachen ? Mir kommen elo scho bal net méi mat eiser Gäertnerei no, well esouvill Gréng-anlagen ze ënnerhale sinn. Dofir géif ech déi zweet Méiglechkeet, déi an deem Punkt ugefouert gëtt, proposéieren an déi wier '*... ou par l'installation d'un pâturage*'. Da verloune mer engem Bauer et an da setzt deen eis e puer Béischten dran, oder wéi ass dat ze verstoen ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Et ass dat eng Propositioun, datt mer dat kéinte maachen. Mä mer mussen et awer net maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann een elo Déieren dra setze wëll, da muss een sech och bewosst sinn, datt een déi Beem erëm muss schützen. De Bongert hei gëtt zesumme mat dem Sicona gemaach, an ech huelen un, datt et an deem selwechte Genre gemaach gëtt wéi och zu Rolleng vis-à-vis vum Fussballsterrain, an datt déi Beem encadréiert ginn.

Approbation à l'unanimité. MM. Breyer et Bosseler, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

10.

Culture.

Service d'animation culturelle: travaux de réfection de la façade du bâtiment - approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et drëm, fir d'Fassade vun deem fréieren Haus 'Fisch' nei ze maachen. An dofir leeë mer iech en 'devis estimatif' haut vir, deen sech op 20.000 € beleeft. Am Budget hu mer 45.000 € stoe fir déi Aarbechte kënnen ze maachen. Mat deenen Aarbechten, déi virgesi sinn, revaloriséiere mer sécherlech d'Fassade an domatter och d'Plaz wou dat Haus steet.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt just froen, firwat de Kredit esou héich ass ? War deen einfach esou aus der Loft gegraff ginn, oder sinn nach aner Aarbechte virgesinn ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Am Moment si menge Kenntnisser no keng aner Aarbechte geplangt. Dat hei ass awer e Budgetsartikel, dee schonns méi laang besteet, well scho säit längerem déi Fassade sollt gemaach ginn. An no deene leschten aktuelle Chiffere géifen sech d'Aarbechten effektiv nëmmen op 20.000 € belafen. Ech huelen och un, an ech hoffen, datt den Devis och stëmmt. Well den Devis ass jo ganz detailléiert ; et ass also ganz genee opgelëscht wat soll gemaach ginn. Ech kann Iech net soe firwat um Budgetsartikel virdrun 45.000 € virgesi waren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann ech mech gutt kann erënneren, da war deemools virgesi ginn, fir dat Ganzt ze décapéieren, an dann eng nei Fassade ze maachen. Wann ech den Devis hei awer huelen, da gesinn ech, datt d'Fassade nëmmen nei ugestrach gëtt, well d'Fassade net esou schlecht ass wéi am Ufank ugeholl gi war.

An ech sinn ëmmer een, dee frou ass, wann 'en fin de compte' d'Zomm méi kleng gëtt. Déi Suen hu mer fir aner Zwecker.

Albert Muller (LSAP):

Selbstverständlech. Et ass awer och e gudde Moyen fir de Budget am Gläichgewiicht ze halen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Besonnesch wou mer op enger anerer Plaz e bëssen hu miissten nostëmmen. Dann ass dat heiten eng gutt Saach fir déi Situatioun nees ze klären.

Norbert Pierre (LSAP):

Den Devis ass fir mech u sech an der Rei. Wat ech awer net drop fannen ass d'Geschicht, datt mer keng Protectioun ubrénge fir datt d'Dauwen sech net kënnen un d'Fënstere setzen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Déi Protectioun ass geplangt. An deem heiten Devis ass nëmme just d'Fassade virgesinn. Well et sollt nach eng Kéier gekuckt gi fir beim Kulturhaus 'A Rousen', wou d'Dauwe jo och sëtzen, a wou esou kleng Pikke waren, sech d'Dauwen do hannendru setze ginn. Esou datt alles an engem Zoch nei gemaach ka ginn, esougutt 'A Rousen' wéi och un der Maison 'Fisch'.

Approbation à l'unanimité.

11.

Enseignement musical.

Travaux de transformation en l'école de musique - approbation du devis et vote d'un crédit supplémentaire.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei steet nach eng Kéier eng Transformatioun an der Musekschoul an d'Haus, an zwar um Niveau vum Rez-de-Chaussée a vum 1. Stack. Déi Aarbechte si scho länger am Gespréich. Wann der iech nach gutt kënnt erënneren, da hu mer d'lescht Joer emol deen ee Sall fir d'Perkussioun an d'Rei gesat, a wat e wéineg méi laang gedauert hat, well mer och der Meenung sinn, datt et geféierlech ass, éischtens fir d'Kanner wann ëmmer do muss mat der ganzer Perkussioun geplënnert ginn. Zweetens sinn d'Instrumenter och net grad bëlleg an dat ëmmer hin an hir transportéieren an den Trape kënnt deenen och net zegutt.

En plus ass et och e bëssen enk, a wa mer elo ënnen d'Refectioun maachen, dann hu mer alles op engem Stack, an dat kënnt och deem entgéint, wat eis Chargés de cours gefrot hunn.

Fir datt awer dës Aarbechten nach dëst Joer an der grousser Vakanz kënnen iwwert d'Bühn goen, hu mer en Devis estimatif vun engem Entrepreneur virleien. Well mer elo déi Trans-formatiounen an engem Stéck wëlle maachen, fir datt et och esou schnell wéi méiglech am Ganzen ofgeschloss ass, leie mer iwwert deem, wat mer als Kredit am Budget stoen hunn. Mir hunn 30.000 € am Budget als Kredit stoen, mir kommen awer laut Devis op eng Zomm vun 35.000 €. Dofir froe mer de Gemengerot och, fir engem zousätzleche Kredit vun 5.000 € zouzestëmmen.

Approbation à l'unanimité.

12.1.

Sports et loisirs.

Piscine de Rodange: contrat d'entretien pour le monte-charge – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen :

Bei dësem Punkt geet et ëm e Contrat d'entretien et de dépannage fir de

Monte-charge an der PiKo-Schwämm. Mir hunn de 6. Juni 2007 e Kontrakt mat der Firma GT-Otis vum Houwald ënnerschriwwen.

Dëse Kontrakt gesäit vir, a mer sinn och gezwonge fir esou ee Kontrakt ze maachen, fir 6 mol pro Joer eng Kontroll ze maachen. De Kontrakt leeft op 5 Joer, a kann duerno nach ëm 3 Joer verlängert ginn, sous condition datt en net 3 Méint virun der Expiratioun gekënnegt gëtt. D'Redevance annuelle beleeft sech op 1.069,52 € hTVA.

Approbation à l'unanimité.

12.2.

Sports et loisirs.

Piscine de Rodange: modification du règlement d'ordre interne (procédure de mouvement de la toiture découvrable) – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen :

An der Déliberatioun vum 28. September 2005 huet de Gemengerot d'Règlement interne vun der Rodanger Schwämm festgehalen, an den Inneminister huet dëst duerch e Reglement vum 11. Abrëll 2006 approuvéiert. Mir hunn am Artikel 9 vum Règlement interne d'Prozedur stoen, wéi den Daach op- an zougefuer gëtt, respektiv wéi d'Evakuatioun vun de Visiteure geschéie soll.

Et huet sech erausgeschielt datt et wichteg ass, an datt mer reglementéiere sollen, den Daach vum PiKo och am Laf vum Dag op- an zouzefueren, an dat a Präsenz vun de Visiteuren, zum Beispill, wa mueres d'Wieder schlecht ass, a mëttes gëtt et gutt. Mir proposéieren dem Gemengerot dofir fir d'Prozedur, fir den Daach ze bewegen, esou ëmzeännere wéi et mam Accord vu Luxcontrol den 22. Mee 2007, am mam Visa vun der ITM vum 25. Mee 2007 festgehale gouf.

Den Artikel 9 gëtt folgendermoossen ëmgeännert :

De Punkt 1, als préliminaire Informatiounen : Den Daach kann nëmme manövréiert ginn, wa kee Visiteur an der Enceinte vun der Schwämm ass, mat Ausnam vun informéiertem Personal, an zwar d'Opmaachen ier d'Leit kommen an d'Zoumaache wann d'Cliente fort sinn. Eng Ausnam ass méiglech tëscht 12 Auer a 14 Auer bei Wiederchangementer.

Punkt 2. Bei normalem Opfuere vum Daach :

Wann Zweiwel mam Wieder bestinn, muss den Daach zou bleiwen. Dat ass zum Beispill de Fall, wann de Wand iwwer 25 km/h bléist, oder wann de Reerisiko iwwer 30% läit.

Punkt 3. Eng 'ouverture intermédiaire' ass méiglech, wa mueres d'Temperatur nach ënnert 20 Grad läit, an d'Wiederprevisiounen annoncéieren eng Hausse vun den Temperaturen. An deem Fall kann den Daach tëscht 12 Auer a 14 Auer opgefuer ginn. De Public muss dann eraus op de Wuess, an d'Schwammmeeschtere sécheren dann den Accès op d'Wiss of. Virun der Prozedur gëtt kee méi duerch d'Keess gelooss. Eng Informatioun duerch den Haut-parleur fuerdert d'Leit op, sech op d'Wiss ze beginn oder hannert Oftrennungen ze goen. D'Prozedur fir den Daach opzemaachen dauert ongeféier 7 Minutten.

Punkt 4. Den Daach vun der PiKo kann och onerwaart zougemaach ginn. Dofir muss awer och d'Personal all Stonn wéinstens 1 mol d'Vitesse vum Wand notéieren an dat och fest klasséieren.

Dir hutt déi definitiv Detailer vun deene Changementer vum Artikel 9 an ärem Dossier.

Guy Brecht (LSAP):

Hei hu mer eppes vun der ITM virleien. Aus Erfahrung eraus ass dat Reglement do opgestallt ginn, mat hinnen zesummen. Si hunn dat och ganz genee ënnersicht. Et soll een och net Äppel mat Bieren hei verwiesselen, well hei geet et effektiv ëm d'Sécherheet vun de Leit. An dat ass alles ganz kloer hei niddergeschriwwen. Mä ech hunn nach ëmmer e Problem, wann den Daach vun der Schwämm zougemaach gëtt, a mer hunn de Maximum vun de Leit an der Schwämm. Wéi gëtt dat dann tranchéiert ? Ginn do Leit Heem geschéckt ? No watfir Critère gi se Heem geschéckt ? Oder wéi fonctionnéiert dat ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Schwämm fonctionnéiert dee Moment wéi eng oppe Schwämm. A wann et an enger oppener Schwämm ufänkt mat riicht era reenen, da ginn d'Leit Heem an da gëtt den Daach zougemaach.

Déi Ausnam ass just fir den Daach opzemaachen. A firwat ass dat positiv ? Ma well et an de Méint Abrëll oder Mee mueres nach relativ frësch ass, a wann et iwwert d'Mëttesstonn – esou wéi et dëst Joer schonn emol déi eng oder aner Kéier de Fall war – déck waarm gëtt, da kann een den Daach vun der Schwämm opfueren. Awer zoufuere kann een den Daach nëmmen, wann d'Leit alleguerte fort sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Dir hutt mech vläicht falsch verstanen. Wéivill ass d'maximal Kapazitéit, wann den Daach op ass ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

1.300 Leit.

Guy Brecht (LSAP):

Gutt. Wann elo effektiv 1.300 Leit an der Schwämm sinn, an et gëtt décidéiert fir den Daach zouzemaachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da ginn déi 1.300 Leit Heem.

Guy Brecht (LSAP):

Da ginn déi 1.300 Leit Heem. Dat heescht, et ass net esou, datt ronn 400 Leit, wat d'Kapazitéit vun der zouener Schwämm ass, dierfen do bleiwen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Nee, d'Leit mussen alleguerten Heem. Well soss géif et ënnert de Cliente Kaméidi ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Wou ech awer och nach ëmmer e Problem domatter hunn, Här Buergermeeschter, an ech mengen Äre Virgänger hat dat och annoncéiert, datt an den Agäng fir an d'Uertschafte géif stoe kommen, wéivill Leit an der Schwämm sinn, respektiv wéivill Plaz nach ass. Fir de Moment gëtt nëmmen ugewisen, wéivill Parkplazen nach fräi sinn. Ass dat net ze realiséieren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass e Problem fir dat fir de Moment ze realiséieren. Mir wollten effektiv déi zwou Informatiounen uweisen. Déi wesentlech an déi wichtegst Informatioun war, wéi et mat de Parkplazen ass. Do hu mer och fir de Moment technesch Problemer, mä mir sinn am gaangen déi ze behiewen. Déi zweet Informatioun wier déi iwwert d'Zuel vun de Visiteuren. Dat hu mer fir de Moment nach net realiséiert kritt. An ech gesinn och mat der Anlag do meng Schwieregkeete fir déi Informatiounen iwwert dee Wee weider ze ginn.

Ech muss och soen, datt dat och elo net esou gravéierend ass, well et sinn seelen Deeg, wou mer d'Leit net méi kënnen an d'Schwämm eraloossen. Wat méi wichteg ass, datt ass, datt mer d'Leit – besonnesch bei Summerdeeg – kënnen informéieren, datt se net méi kënnen op dee Site fueren, an datt d'Parkplazen alleguerte besat sinn, an datt se sollen op deen nächste Parking fueren. Doduerch gëtt onnéidegen Trafic an deene Stroosse vermidden. Aus Erfahrung vun deene leschten zwee Joer gesäit een awer,

datt déi Horrorszenen, déi verschidde Leit virausgesot haten, net agetruede sinn. Ech hat och ee Moment meng Bedenken, dat muss ech ganz kloer zouginn, mä se si bei wäitem ni agetrueden.

John Polfer (CSV) :

Hu mer dann elo an der Schwämm responsabel Leit, déi de Courage hu fir d'Décisioun ze huelen, wéini den Daach op op- an zougemaach gëtt ? Oder muss nach ëmmer den Här Buergermeeschter oder e Schäffen dohinnerfueren fir ze soen, datt op- oder zougemaach soll ginn ?

A wann ech elo schonn d'Wuert hunn, wollt ech den Här Schäffe froen, wéi et mat dem Chronométrage steet ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Dee Moment, wou de Buergermeeschter an de Schäffen dohinner geruff si ginn, war et esou, datt d'Conventioun dee Moment nach net zeréck war, vun der ITM a vu Luxcontrol. Mir hate mëndlech den Accord matgedeelt kritt, an aus deem Grond hunn déi Leit sech ganz genee un d'Instruktioune gehalen. A well et nach net schréftlech eraus war, datt mer kéinten opfueren, wollte si den Daach net opfueren ouni datt ee vun eis dobäi war.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat de Chronométrage ugeet, esou si mer am gaangen drun ze schaffen, a mer hoffen, datt dat esou séier wéi méiglech ëmgesat gëtt. Mir hunn et jo schonn zanter zwee Joer am Budget stoen, an ech hoffen, datt et net nach e Joer muss drastoen.

Carlo Gira (CSV) :

Ass elo definitiv gekläert als wat deen Daach do fonctionnéiert ? An ass och wierklech garantéiert, wann d'Leit all aus der Schwämm mussen erausgoen, datt se och alleguerten aus der Schwämm sinn ? Net datt sech bei 1.300 Leit nach en Deel zum Beispill op den Toiletten oder an de Vestiairen ophält.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ginn zwee Signaler. Deen een ass, datt den Daach vun der Schwämm zou ass, an et si maximal 300 Leit dobannen. Wann elo mëttes d'Wieder esougutt gëtt, datt een den Daach kann opmaachen, da gëtt den Daach um 12 Auer opgemaach, an aus Erfahrung kann ee soen, datt iwwert d'Mëttesstonn net esouvill Leit an der Schwämm dra sinn. An do sinn d'Prozedure ganz kloer, wéi een sech ze verhalen huet a wat muss gemaach ginn. An da si vläicht eng 100 Leit do, an déi huet een ënnert Kontroll. A mir hunn dat och scho probéiert, an do war ech selwer an den Här Welter op der Plaz, an dat huet reibungslos geklappt.

Dat anert Signal ass, wann effektiv 1.300 Leit do sinn, an et kënnt ee Wieder, an den Daach vun der Schwämm miisst zougemaach ginn. An da gëtt den Daach eréischt zougemaach, wa jiddereen aus der Schwämm eraus ass. An an der Keess hu mer jo e Compteur, an dee weist jo un, ob nach een dobannen ass oder net.

Et kéint een natierlech och soen, datt – esou wéi ee kann opfueren – een och kann zoufueren, ouni datt Leit dobäi wieren. Well et géifen déi selwecht 'mesures de sécurité' zielen. Mä wann ee bei Zoufueren 1.300 Leit dobannen hätt, an déi Zuel op 300 muss zerécksetzen, da kéim ee vläicht an eng Situatioun, datt een an der zouener Schwämm op eemol 1.000 Leit hätt. An dat ass net erlaabt. An dat ass och d'Ursaach firwat datt et beim Opfuere geet wa Leit an der Schwämm sinn, awer beim Zoufueren net geet.

Mä meeschtens, an enger oppener Schwämm, wann et ufänkt mat reenen, da ginn d'Leit Heem.

Approbation à l'unanimité.

13.1.

Transports et communications.

Règlements temporaires de la circulation – confirmation :

- ***en date du 23 mai 2007****, relatif à des travaux de remplacement et de raccordement d'infrastructures sur le parking situé aux abords du Stade Jos. Philippart, et affectant la circulation dans le chemin d'accès depuis la rue de la Gendarmerie vers ledit parking et dans le chemin situé le long du stade ;*
- ***en date du 30 mai 2007****, relatif à la construction d'une résidence à l'intersection de la rue Bommert avec la route de Longwy à Pétange et affectant la circulation dans les rues Bommert, Neuve et route de Longwy.*

Roland Breyer, Schäffen :

Beim éischte Reglement geet et ëm d'Alentoure vum neien Hall polyvalent, wou mer am gaange si Raccordementer vun den Infrastrukturen ze maachen, Déi Aarbechte solle bis den Kollektivcongé ofgeschloss sinn. Während den Aarbechten ass et verbuede vun der Gendarmerie-Strooss aus op dee Parking ze fueren, an d'Stationéieren an deem Deel ass och net erlaabt. Dat selwecht gëlt och fir dee Wee, dee vum Hall polyvalent op de Clopp féiert.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt froen ob déi Reglementer, esou wéi se hei am Gemengerot gestëmmt ginn, och mussen esou ëmgesat ginn ? Oder kann och nëmmen een Deel dovunner ëmgesat ginn ? Oder kënnen se esouguer ignoréiert ginn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Reglementer, déi de Gemengerot stëmmt, mussen – suivant l'avancement des travaux – ëmgesat ginn.

Albert Muller (LSAP):

Da froen ech mech, firwat an der avenue de la Gare zu Péiteng dat Haus, wat e Rass huet, nach ëmmer net ofgeséchert ass. Et kann nach ëmmer do geparkt ginn, an d'Foussgänger kënnen och nach ëmmer do laanscht goen.

Roland Breyer, Schäffen :

Et sti jo awer Schëlder do, datt et verbueden ass ze stationéieren.

Albert Muller (LSAP):

Awer net bei deem Haus wat beschiedegt ass. Et si jo zwee Haiser do. Dat eent, dat ofgerappt oder ëmgebaut gëtt, an dat anert, wou eventuell d'Gefor besteet, datt et kéint an de Koup falen. Mä do ass nach ëmmer näischt geschitt. Ech hat schonn de leschte Gemengerot dat gefrot, mä et ass nach ëmmer keng Clôture do, et sti keng Schëlder do. Entweder soll een dat maachen, oder mer sollen d'Reglement ëmännere wa keng Gefor méi besteet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Gefor besteet nach ëmmer, an da soll et och gemaach ginn. Mir klären dat mam techneschen Service.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu mer d'Wuert gefrot, well ech eppes net hei fannen. Et ass mer opgefall, datt zu Rodange an der Croix St Pierre, dat ass déi Stéchstrooss déi parallel zum Clopp geet a Richtung Grenz, zanter enger Zäit – do wou d'Strooss ophält – esou 2 Meter héich Baustellenofspärunge stinn. Ass do geplangt eppes ze maachen, oder firwat stinn déi Ofspärungen do ?

Well et ass eng Strooss do, déi ophält, an da fänkt eng Wiss un. An do ass eng Clôture gemaach ginn, fir datt d'Leit net méi kënnen an déi Wiss goen. An dat ass eng provisoresch Clôture, an et ass mer ëmmer gesot

ginn, datt déi provisoresch Clôture duerch eng definitive Clôture géif ersat ginn. An d'Leit verstinn eigentlech net – vu datt de Propriétaire vun der Wiss näischt dergéint huet datt d'Leit an déi Wiss ginn - , datt den Accès zu däer Wiss do ënnerbrach gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Fir de Moment – an dofir ass och nach näischt Definitives gemaach ginn – si Leit, déi direkt nieft däer Wiss wunnen, un d'Gemeng erugetrueden, an hu gesot, datt an der Moyenne an enger halwer Stonn esou eng 10 Leit mat Hënn dohinner kommen. D'Hënn maachen dann do hir Besoinen, an datt ass fir déi Leit, déi do dernieft wunnen, net méi tragbar. Dir kënnt Iech och selwer emol op d'Plaz iwwerzeege goen. Et gesäit ronderëm dat Haus katastrofal ass, well dee ganze Quartier mengt et wier eng Hondstoilette. An dat kann et jo och net sinn, a mir sinn als Gemeng och forcéiert ze kucken, datt eis Bierger an enger gewëssener Propretéit wunnen. Well déi ganz Problematik huet och Auswierkungen op dem Kand säi Gesondheets-zoustand. Well si hunn e ganz klengt Kand, an d'Leit wunne fir de Moment an enger ganz schlechter Situatioun.

Mir sinn am gaangen ze kucken, wéi mer dat, zesumme mam Propriétaire, kënne léisen. An dofir ass och nach näischt Definitives do geschitt.

Roger Klein (LSAP):

Ech soen Iech Merci fir d'Informa-tiounen. Ech ginn Iech Recht, datt jiddereen d'Recht muss hunn, fir an enger normaler Situatioun kënnen ze liewen. Et wonnert mech just – well et ass eng grouss Wiss, esou wéi ech dat gesinn – datt d'Leit da just op deenen éischte 5 Meter mat hiren Hënn bleiwen.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat zweet Reglement betrëfft den Eck vun der rue Bommert mat der Lonkescher Strooss hei zu Péiteng. Do soll eng gréisser Residenz gebaut ginn. D'Aarbechte sollen 2 Joer daueren, an dofir muss den Trafic an der Bommert-Strooss e bëssen aneschters gemaach ginn. D'Strooss fonctionnéiert dann elo nëmme méi als Einbahn a Richtung Haaptstrooss. Doduerch mussen d'Leit dann elo duerch d'rue des Romains an d'rue Neuve fuere fir an d'rue Bommert ze kommen. Well an der rue Neuve de Verkéier e bësse méi schwiereg kéint ginn, soll dann op der Säit mat den ongerueden Hausnummeren d'Stationéiere verbuede sinn. Och op den Intersektioune vun der Réimer-Strooss an der Bommert-Strooss dierf op enger Distanz vun 10 Meter béidsäiteg keen stationéieren, fir datt déi Kéieren och anstänneg kënne geholl ginn. Och an der Bommert-Strooss ass dann d'Stationéiere verbueden, an d'Leit mussen den Trëttoir op der anerer Säit vum Chantier benotzen, do wou d'Garage sinn.

Och an der Lonkescher-Strooss ass tëscht der Bommert-Strooss an dem Haus N° 72 verbueden ze stationéieren.

Guy Brecht (LSAP):

All Conseiller hat e Schreiwes zougeschéckt kritt, genee wéi och d'Awunner ronderëm dee Chantier, déi direkt concernéiert sinn. Sinn déi Leit vun Iech ëmpfange ginn ? Goufen den Doléance vun deene Leit nogelauschtert ? Ech huelen un, datt alles, wat déi Leit opgelëscht haten, 'non fondé' war, well soss kéinten déi Aarbechten elo net starten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt déi Leit gehéiert goufen. Zweetens muss ee soen, datt dat Gebai, esou wéi et an enger éischter Phas fir d'Baugenehmegung ënnerbreet gi war, conforme op alle Pläng zu eisem Bautereglement war. Mir hunn awer Gespréicher gefouert, a mer hunn eng ganz Rei vun Doléancen a Crainten, déi d'Noperen haten, an déi och zum Deel berechtegt waren, versicht an dee Projet mat afléissen ze loossen. Et sinn eng Rei Modifikatioune gemaach ginn. Ech war zweemol op der Plaz, an ech hu mat de Leit geschwat, a mer hunn zu all deene Problemer, déi ugefouert goufen, eng Propositioun gemaach an déi eng Ännerung un deem Projet mat sech bruecht huet.

Et ass natierlech esou, datt een net ka soen, datt net do gebaut dierf ginn. Eise Bauteplang gesäit dat vir, an eise Bauteplang gesäit och vir, datt een do dierf eng Residenz opriichten. Dat hunn ech deene Leit och gesot. Et kann ee versiche fir e Konsens mat dem Promoteur ze fannen, a verschidden Ännerungen nach virzehuelen, awer dat ass alles och limitéiert well eist Bautereglement dat och virgesinn huet.

Ech géif awer mengen – aus deene Gespréicher déi ech mat deene Leit hat – datt, obwuel nach verschidde Crainte bestinn, appréciéiert ginn ass, datt de Promoteur bereet war op verschidden Doléancen anzegoen, an dat besonnesch wat d'Parkingen an d'Garagen ubelaangt. An ech géif hoffen, datt de Bau zur Zefriddenheet vu jidderengem aus deem Quartier do ka stattfannen.

Confirmations à l'unanimité.

13.2.

Transports et communications.

Abaissement des bordures et trottoirs des passages pour piétons à Rodange - approbation des plan et devis

Roland Breyer, Schäffen :

Hei wëlle mer an deem Sënn weider-fuere wéi dat, wat mer och schonns zu Péiteng a verschiddene Stroossen am Zentrum gemaach hunn. Et ass fir d'Mobilitéit vun deene Leit ze garantéieren, déi eventuell e klengen Handicap hunn, am Rollstull sëtzen, oder einfach schlecht zu Fouss sinn. Zu Rodange hu mer och elo wëlles op verschiddene Plazen d'Bordure vun den Trëttoiren ze versenken an op de Minimum dee vun de Ponts et Chaussées erlaabt ass ze reduzéieren, fir esou deene Leit eng besser Accessibilitéit ze garantéieren.

Mir hunn och eisem Service technique den Uerder ginn, fir datt bei all Réaménagement vu Stroossen deem soll Rechnung gedroe ginn, net datt mer duerno erëm eng Kéier musse Modifikatioune virhuele goen. Dat heescht, datt iwwerall do, wou mer elo Stroossen nei maachen, déi Fouss-gängeriwwergäng och an deem Sënn aménagéiert ginn. Fir déi Aarbechten elo ze maachen hu mer am Budget 20.000 € virgesinn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt nach eng kleng Ureegung ginn. Et huet zwar net direkt eppes mat dëser Saach ze dinn. Wann der schonn am gaange sitt am Duerf Aarbechten auszeféieren, da kéint een den Trëttoir, do wou d'Gessel erofgeet, och nei ze maachen. Deen ass ganz schlecht, an et gi ganz vill benotzt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Merci. Mir loossen dat nokucken.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt och eng Suggestioun maachen, vu datt d'avenue Dr Gaasch eng Statsstrooss ass. Wa mer zum Beispill d'rue Marie-Adelaïde huelen, a mer ginn 20 Meter erof, da miissten d'Bordures-Stäng awer op 20-30 Meter ersat ginn. Dat miisst jo awer d'Aufgab vun de Ponts et Chaussées sinn, oder ass et eis Aufgab fir déi ze ersetzen ?

Roland Breyer, Schäffen :

Mir kënnen de Ponts et Chaussées dat matdeelen.

Carlo Gira (CSV) :

Dat si jo an deem Kader déi lescht Aarbechten, déi an deem Sënn

gemaach ginn ? A wann ech den Här Breyer elo richteg verstanen hunn, da ginn déi Aarbechten no an no gemaach wéi d'Stroossen erneiert ginn. Bei neie Lotissementer, ass do virgesinn, datt et direkt matgemaach gëtt ?

Roland Breyer, Schäffen :

Mir hunn esougutt eisem Service de l'architecte wéi och dem Service technique mat op de Wee ginn, datt se sollen drun denke fir datt dat direkt matgemaach gëtt. Dat wëll awer net heeschen, datt dat heiten déi lescht Aarbechte sinn, déi mer an deem Sënn maachen. Et kann duerchaus sinn, datt mer nach mussen en Avenant hannendrun hänken, wann et op enger Plaz néideg wier. Et erweist sech vläicht mat der Zäit, datt nach aner Plazen an der Gemeng si wou d'Accessibilitéit net honnertprozenteg ass, a wou een Trëttoirsborduren nach kéint erofsetzen.

Carlo Gira (CSV) :

Den Här Brecht huet en Trëttoir ugeschwat, deen an engem schlechten Zoustand wier. Et ginn awer méi däer Trëttoiren a schlechtem Zoustand, mä dat kann ee jo direkt am Service technique mellen, fir datt dat an d'Rei gesat gëtt.

Roland Breyer, Schäffen :

Et muss ee wëssen, datt mer 45 Kilometer Stroossennetz hunn, wou béidsäiteg Trëttoire sinn. Dat sinn 90 Kilometer Trëttoir, an et ginn eng ettlech déi net an der Rei sinn.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Meng Interventioun geet an déi selwecht Richtung. Wa mer elo op enger Plaz en Abaissement vum Trëttoir maachen, da solle mer oppassen, datt net just niewendrun den Trëttoir ganz futti ass. Well zu Rodange sinn deelweis Trëttoire ganz ganz schlecht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir sinn eis däers bewosst, an et gëtt ëmmer gesot, datt dat alles am Kader vum Erneiere vun der rue Jos. Philipart an d'Rei gesat gëtt. Mir sinn och hannendru fir datt dee Projet esou séier wéi méiglech virugeet. Mir sinn an de Gespréicher mat de Ponts et Chaussées. A wann d'Philippart-Strooss nei gemaach gëtt, dann ass et selbstverständlech, datt déi ganz Trëttoiren och an d'Rei gesat ginn.

Mir hoffen, datt mer geschwënn dee Projet kënnen ugoen, mä et bleiwen nach eng Rei vu Prozeduren ze maachen, besonnesch wat d'Emprise betreffen, wat e schwieregen Dossier ass.

Approbation à l'unanimité.

14.1.

Vie associative.

Fédération Européenne des Cités Carnavalesques (FECC) - modification des statuts

Il en est pris acte.

14.2.

Vie associative.

Land Rover Club Lëtzebuerg - statuts.

Il en est pris acte.

14.3.

Vie associative.

Dart Club Road Runners 2007 - statuts.

Il en est pris acte.

15.

Questions des conseillers communaux.

Jeannot Linden (LSAP):

Awunner aus der rue Maragole an aus der rue de la Gare vu Rolleng, déi un den Terrain vun der fréierer Frima INTERTECH ustoussen, hu gefrot, ob den 12. an den 13. Mee 2007 en Autorodeo op dem Terrain ofgelaf ass. Do wiere Persoune mat verschiddenen Autoe vun eise Gemengenservicer ronderëm gerannt an hätten déi Ween uerg beschiedegt. Dozou meng Froen: Wéi war dat méiglech? Waren d'Paarte vun den Haaptentréeë gespaart oder net? Waren d'Autosschlësselen an den Autoen? Wéivill Autoe waren implizéiert? Wat fir Autoe waren et? Wéi héich ass de finanzielle Schued? Wie kënnt fir de Schued op? Ass de Schued ofgedeckt? Si scho Persoune bekannt, déi un deem Rodeo bedeelegt waren? Wat huet de Schäfferot ënnerholl, fir datt esou eppes sech net widderhëlt?

Roland Breyer, Schäffen :

Wéi war esou eppes méiglech? Déi Leit si vun hannen erakomm. Si hunn am Fong geholl eng Fënster futti geschloen, a si sinn esou an d'Gebai erageklommen.

Waren d'Paarte vun den Haaptentréeë gespaart oder net? D'Paarte waren zougespaart.

Waren d'Schlëssele op den Autoen? Do ass et esou, datt mer op Grond vun enger Recommandatioun vun de Pompjeeë gesot kritt hunn, datt mer d'Autosschlëssele solle parat hu fir de Fall wou eng Kéier e Feier wier, a si kéinten d'Evakuatioun vun den Auto virhuelen. Et waren 4 Autoe wou de Schlëssel drop stoung, an et war een Auto deen zougespaart war.

Jeannot Linden (LSAP):

Op der anerer Säit soen d'Assurancen awer, datt, wann de Schlëssel um Auto stécht, si fir de Schued net opkommen.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass gutt, datt déi Fro gestallt gëtt. Et muss een näämlech do nuancéieren. Wann en Auto op enger ‚partie privative' steet, an d'Autosschlëssele sinn drop an den Auto ass net zougespaart, dann ass en awer verséchert. En ass awer net verséchert, wann den Auto op enger ‚partie publique' steet an de Schlëssel ass drop. Beispill: Ech fuere mam Auto aus der Garage eraus op d'Strooss, klammen dann eraus fir d'Garagepaart erofzeloossen. Wann ech dann de Schlëssel um Auto drop loossen an den Auto gëtt geklaut, dann ass en net verséchert. Wann ech den Auto awer aus der Garage eraushuelen a loossen en a menger Garagenafaart stoen a klammen dann eraus fir d'Garage zouzemaachen, an den Auto gëtt geklaut mam Schlëssel drop, dann ass e verséchert.

Wéivill Autoe waren elo implizéiert? Et waren dat 4 Camionnetten vun eisem Service ‚bâtiments' an et war 1 Camion-benne. De Camion war och zougespaart, an op de Camionnette war de Schlëssel drop.

Wéi héich ass de finanzielle Schued? De Schued beleeft sech am Ganzen op 32.158,29€.

Wie kënnt fir dee Schued op? Mir hunn den Assurancen de Schued selbstverständlech gemellt. Mir hu praktesch op kengem Auto ‚Casco'. Mir hunn awer op verschidden Autoen de ‚bris de glace' oder den Déifstal verséchert. De Schued ass also net komplett ofgedeckt. Mir waarden also d'Positioun vun den Assurancegesellschaften of.

Si schonn un deem Rodeo bedeelegt Persoune bekannt? Jo, déi Persoune sinn identifizéiert ginn a protokolléiert gi vun der Police. Et ass e Procès-verbal gemaach ginn, an dee ganzen Dossier ass op de Parquet geschéckt ginn. Dat heescht, d'Responsabilitéite wäerten elo kloer sinn. Et muss just gekuckt ginn, wéi se duerno ënnert deenen Auteuren opgedeelt ginn.

Wat huet de Schäfferot ënnerholl, fir datt sech esou Faiten net méi solle widderhuelen? Mir hunn d'Accèsë fir an d'Garage méi securiséiert a Renforten ubruecht. Mir hunn och déi Paarten, déi net gebraucht ginn, zougeschweesst. Mir hunn op der anerer Säit déi ‚portes de séparation intérieures' nach eng Kéier verstäerkt a mat Klauschteren ofgeséchert. Mir hunn all Ouverture, déi an der Fassad sinn, zougemaach. D'Ouvertures d'aération sinn zougemaach an esouguer maçonnéiert ginn. Mir hunn och eng ‚armoire blindée' dohinner gestallt, an däer d'Schlësselen ënnerbruecht sinn. An d'Pompjeeë kréien och e Schlëssel dovunner fir datt se kënnen am Noutfall intervenéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et kann een nach bäifügen, datt et sech bei deene schëllege Persounen ëm Jugendlecher handelt. Déi falen ënnert de Jugendschutz, an dofir ass et och méi schwéier fir Nimm gewuer ze ginn. Et ass just ee Papp, dee sech bei mir perséinlech gemellt huet fir driwwer ze schwätzen a fir gewuer ze ginn, wéi et elo virugeet. An deem säi Bouf hat 15 Joer.

Vun deenen anere krute mer näischt gesot, vu datt se ënnert de Jugendschutz falen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mä déi aner sinn der Police jo awer bekannt, oder net?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Jo, a si sinn och op frécher Dot ertappt ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Zu Rolleng an der rue de la Providence sinn an der Entrée zu den ënnerierdesche Garagen d'Motore fir d'Frigoanlage montéiert. Déi Anlag déngt der Kichen, déi am Gebai fonctionnéiert an deem eis Crèche ënnerbruecht as. Wann de Motor vun der Anlag uspréngt, geschitt dat mat engem Knuppert. A wann de Motor leeft, dann ass vill Kaméidi ze héieren. D'Famillen, déi an den Haiser vis-à-vis wunnen, ginn zolitt am Schlof gestéiert. Et ass allerdéngs och gesot ginn, datt no Reklamatiounen et eng Zäit gutt war. Momentan ass et nees schlëmm mat dem Kaméidi. Wat gedenkt de Schäfferot ze ënnerhuelen, fir datt dee Malaise ee fir allemol ophält an d'Leit nees roueg duerchschlofe kënnen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et ass dat en Dossier, deen eis scho länger bekannt ass. Et ass schonn dru geschafft ginn, an et si scho Reparaturen dru virgeholl ginn, déi awer net ganz laang gehalen hunn. Well effektiv ass et net nëmmen nuets wou dee Kaméidi ass. Och am Dag ass dee ganz staark ze héieren.

Den 13. Juni hate mer am Schäfferot en Devis virleie vun der Firma ‚Gastroservice'. Déi hu sech op der Plaz déi ganz Saach ugekuckt, a si hunn eis eng Léisung proposéiert, wou mer awer elo nach gären eng Géigepropose hätten. D'Firma ‚Gastroservice' proposéiert eis de Remplacement vun deene Gruppen. Mir sollen déi duerch nei, méi kleng Gruppen, déi vill manner Kaméidi maachen, ersetzen, an déi géife mer dann am Lokal wou d'Dreckskëschten ënnen an der Residenz sinn, ënnerbréngen. Dee Raum huet och feierfest Diren, an et si keng Appartementer iwwert deem Raum.

Dee Grupp géif och op en extrae Support gestallt ginn, esou datt en net géif bougéiere wann en uspréngt, an d'Vibratiounen doduerch opgefaange géife ginn. D'Offer beleeft sech op e Montant vun 11.689 €.

Dofir hu mer elo emol décidéiert, fir eng zweet Firma mat erunzezéien, fir ze kucken, ob déi Léisung an der Rei ass, an d'Awunner aus der Residenz net méi gestéiert ginn. Mir waarden also nach op eng Géigepropose, a wa mer da gréng Luucht kréien, da gëtt déi Saach an d'Rei gesat. Well dee Kaméidi kënne mer den Awunner net länger zoumudden.

Mir hunn och Kontakt mat der Gérance vum Haus opgeholl, a si mussen am Kader vun der Copropriétéit nach en Avis ofginn. A well et eng Copropriétéit ass, kënne mer an deem Haus jo och net egal wat maachen. Ech ka mer awer denken, datt deen Avis positiv ausfält, well se doduerch de Kaméidi lass ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wëll just nach soen, datt ech net vun deene Leit ugesprach gi sinn, déi an der Residenz wunnen, mä datt Leit, déi vis-à-vis wunnen u mech erugetruede sinn. De Kaméidi héiert een also och nach ganz vill op der Strooss.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir mussen och nach hei kloer soen, datt et op Grond vun der Léisung, déi mer virun engem Joer gemaach hunn, et effektiv besser mam Kaméidi war. Elo ass et awer nees net méi de Fall, an dofir wëlle mer gäre sécher sinn, a mer wëlle gäre Garantien, datt dat, wat elo gemaach soll ginn, och effektiv hält an de Kaméidi ee fir allemol aus der Welt schaaft. Mir hunn eis engagéiert, datt dat esou soll gemaach ginn, datt d'Leit net méi solle gestéiert ginn. A wann et eppes kascht, da kascht et dat.

Séance publique du 13 juillet 2007

Durée de la séance: *09.00 à 12.00 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 9.2. inclus)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP) (à partir du point 10.)
	Albert Muller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance secrète

1. Enseignement:
   - 1.1. Propositions de nomination dans l'enseignement spécial - décision modificative (erreur matérielle).
   - 1.2. Démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement spécial - décision.
   - 1.3. Propositions de nomination dans l'enseignement spécial, nominations dans les enseignements primaire et préscolaire - décisions.
   - 1.4. Congé parental à accorder à une institutrice de l'enseignement primaire - décision.
   - 1.5. Nomination de deux aides-éducateurs (m/f) à tâche partielle pour les « Maison Relais » de Lamadelaine et Rodange – nouvelle décision.
2. Personnel:
   - 2.1. Démission volontaire d'une maîtresse d'éducation physique et de natation – décision.
   - 2.2. Désignation du nouveau secrétaire communal (m/f) - décision de principe.
   - 2.3. Désignation du nouveau receveur communal (m/f) - décision de principe.
   - 2.4. Nouveaux cadres du service technique: reclassement de certains ouvriers des services de régie - décisions.
3. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale:
   - 5.1. Conseil communal: composition de la commission de la Jeunesse - démissions et nominations - décisions.
   - 5.2. Règlement général des tarifs: dispositions modificatives à apporter au chapitre XII. SERVICES SPECIAUX, section 3. Prestations fournies pour des interventions diverses - deuxième lecture.
   - 5.3. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
6. Propriétés:
   - 6.1. Echange d'une emprise et d'une contre-emprise sises à Lamadelaine, lieu-dit « rue de la Providence » avec M. et Mme Domenico NETTI-RAVELLI de Lamadelaine - décision de principe.
   - 6.2. Cession d'une emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit « rue des Prés » par M. et Mme Joseph SCHWAB-STREFF de Pétange - décision de principe.
   - 6.3. Cession d'une emprise-place sise à Rodange, lieu-dit « Rue Jos. Philippart » par la société PROMODA de Differdange - décision de principe.
   - 6.4. Cession d'une emprise-place sise à Pétange, lieu-dit « Rue du Chemin de Fer » par M. Irfan MURATOVIC de Pétange - décision de principe.
   - 6.5. Acquisition, de l'Entente des Organisations Catholiques a.s.b.l. de Pétange, d'un bâtiment-place, d'une place et d'un jardin sis à Pétange, lieux-dits « Rue de l'Eglise » et « Rue des Ecoles » - décision de principe.
   - 6.6. Convention, avec l'Entreprise des Postes et Télécommunications de Luxembourg, pour la mise à la disposition (droit de passage) d'une partie du parking sis derrière la maison de la culture « A Rousen » à Pétange - approbation.
7. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
8. Enseignement musical:
   - 8.1. Convention cadre signée par les communes de Bascharage, Clemency, Differdange, Dippach et Pétange - approbation.
   - 8.2. Création d'un poste de chargé de cours (n/f) pour l'enseignement de la mandoline – décision.
9. Hygiène et Santé:
   - 9.1. Implantation d'une troisième pharmacie sur le territoire de la commune - avis.
   - 9.2. Enlèvement des ordures: convention de collaboration, avec l'a.s.b.l. VALORLUX de Leudelange, pour la collecte sélective de matériaux PMC (bouteilles et flacons plastiques, emballages métalliques, cartons à boissons) - approbation,
10. Transports et communications:
    - 10.1. Projet de loi sur le reclassement de la voirie (communale/étatique) - propositions de reclassement de plusieurs rues - décision.
    - 10.2. Règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
11. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

- Nominations dans l'enseignement spécial :
  Schmit Sylvie, de Belvaux ;
  Bodevin Marie-Anne, de Pétange ;
  Mathgen Anya, de Linger
- Nominations dans l'enseignement primaire :
  Glauden Christine, de Rodange (institutrice) ;
  Muller Christiane, de Clemency (institutrice) ;
  Wies Tamara, de Rodange (institutrice) ;
  Backes Marc, de Rodange (instituteur) ;
  Schrank Jeff, de Rodange (instituteur) ;
  Weintzen Sandy, de Rodange (chargée de cours pour la direction d'une classe) ;
  Hansen Jennifer, de Lamadelaine (chargée de cours pour la direction d'une classe)
- Nominations dans l'éducation préscolaire :
  Cavuoto Alessia, de Pétange (institutrice, poste à mi-temps) ;
  Sabus Jessica, de Belvaux (institutrice, poste à mi-temps)
- Démissions volontaires :
  Fourné Martine (institutrice de l'enseignement spécial)
  Origer Annette, épouse Zimmermann (maître d'éducation physique et de natation)
- Désignation d'un nouveau secrétaire communal :
  Kimmes Raymond, de Hautcharage
- Désignation d'un nouveau receveur communal :
  Schmit Sacha, de Lamadelaine

Suite à un problème technique lors de l'enregistrement sur bande sonore de la séance du conseil communal, la reproduction 'mot par mot' des points 4. à 6.5. inclus n'est pas possible.

(Le service 'Publications et Communication' de la commune de Pétange).

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant

5.1.

Administration générale.

Conseil communal : commission consultative de la jeunesse – démission de deux membres, nomination de deux nouveaux membres - décisions

Mme Claudine Brecht, ayant déménagé en dehors du territoire de la commune, est démissionée d'office comme membre de la commission de la jeunesse.

Il en est pris acte.

Démission de M. Laurent Thimmesch, de Pétange, comme membre de la commission de la jeunesse.

Accord à l'unanimité.

Nomination de Mme Nathalie Baulisch, de Pétange, comme nouveau membre de la commission de la jeunesse.

Vote secret : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'

Nomination de M. Laurent Bour, de Lamadelaine, comme nouveau membre de la commission de la jeunesse.

Vote secret : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'

5.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : dispositions modificatives au chapitre XII 'Services spéciaux', section 3 'Prestations fournies pour interventions diverses' – 2e lecture – décision.

La nature des interventions diverses ne concernent que les interventions de la commune en cas d'accident ou en cas de force majeure en dehors du domaine public et exceptionnellement lorsqu'une prestation du secteur privé n'est pas possible.

Accord à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 2.379.237,41 €, dont impôt commercial, 2e trimestre 2007 (2.123.000 €), remboursement par la caisse de maladie des indemnités pécuniaires de maladie (143.696,27 €) et intérêts de capitaux (52.276,24 €) – approbation.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Propriétés.

Echange d'une emprise et d'une contre-emprise sises à Lamadelaine, lieu-dit 'Rue de la Providence' entre M. et Mme Domenico Netti-Ravelli de Lamadelaine – décision de principe.

L'opération se fait sans soulte et l'emprise sera intégrée dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.2.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit 'Rue des Prés' par M. et Mme Joseph Schwab-Streff de Pétange – décision de principe.

La cession se fait à titre gratuit et le terrain sera intégré dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen et M. Becker, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

6.3.

Propriétés.

Cession d'une emprise-place sise à Rodange, lieu-dit 'Rue Joseph Philippart' par la société Promoda de Differdange – décision de principe.

La cession se fait à titre gratuit et le terrain sera intégré dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.4.

Propriétés.

Cession d'une emprise-place sise à Pétange, lieu-dit 'Rue du Chemin de Fer' par M. Irfan Muratovic de Pétange – décision de principe.

La cession se fait à titre gratuit et le terrain sera intégré dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité.

6.5.

Propriétés.

Acquisition, de l'Entente des Organisations Catholiques a.s.b.l. de Pétange, d'un bâtiment-place, d'une place et d'un jardin sis à Pétange, lieux-dits 'rue de l'Eglise' et 'Rue des Ecoles' (contenance totale : 9 ares 38 centiares) – décision de principe.

L'acquisition se fait au prix de 375.000 € et dans un but d'utilité publique (crèche pour enfants).

Norbert Pierre (LSAP), ass der Meenung, datt een déi ablécklech Gebailechkeete sollt ofrappen an eppes Neies dohinnersetzen. Dës nei Gebailechkeete sollten och zentral op den Terrain gesat ginn. Wat d'Infrastrukture vun Elektrescht, Waasser, asw, uginn, esou ass den Norbert Pierre weiderhin der Meenung, datt et vu Virdeel wier, dës onofhängeg vum Home unzeleeën. Dëst hätt de Virdeel, datt ee beim Verbrauch eng propper Situatioun hätt, an allen eventuellen Diskussioun domatter aus dem Wee géif goen.

Accord à l'unanimité.

6.6.

Propriétés.

Convention, avec l'Entreprise des Postes et Télécommunications, de Luxembourg, pour la mise à la disposition (droit de passage) d'une partie du parking sis derrière la maison de la culture 'A Rousen' à Pétange – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei hu mer eng Conventioun mat der Entreprise 'Postes et Télécommunications', an et geet ëm en 'droit de passage' op enger Partie vum Parking hannert 'Rousen'. Si brauchen déi Plaz, well so do Kabelen zéien, an dofir wëlle mer dat elo mat enger Conventioun regléieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir hunn de Plang jo hei virleien. An ech wollt froen, firwat datt se net riicht erafueren, mä zweemol am rechte Wénkel. Et wier jo méi einfach gaangen, wann se aus der Liberté-Strooss, riets vun deem Haus wat eis och nach gehéiert, riicht eragefuer wieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat ass eng technesch Fro. An do miisste mer d'Poste scho froen, fir datt se eis déi solle beäntweren. Si musse wuel hir Iddi gehat hunn, firwat datt et elo esou gemaach gëtt wéi et um Plang agezeechent ass. Hir Techniker wäerte schonn hir Grënn hunn, mä mir froen et awer no. Ech wëll awer och nach bäifügen, datt déi Kabelen ënnerierdesch verluegt ginn, an datt mir hinnen nëmmen en Droit de passage ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Et muss een awer och wëssen, datt, fir déi Zäit wou si do schaffen, de Parking nees zou ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Sécherlech si mer während deenen Aarbechten e bësse behënnert, awer net fir laang.

Approbation à l'unanimité.

7.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Ratification à l'unanimité.

8.1.

Enseignement musical.

Convention cadre signée par les communes de Bascharage, Clemency, Differdange, Dippach et Pétange – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir wësst, datt mer virun enger Zäit en 'droit de participation' gestëmmt hu fir Leit, déi hei an der Musekschoul sinn an net aus eiser Gemeng kommen. Mir haten deemools scho probéiert Conventiounen ze maache fir datt dee Supplément soll vun deene Gemengen iwwerholl gi wou d'Leit hierkommen, fir datt net déi ganz Laascht vun de Musekscourse bei der Gemeng Péiteng läit, ëmsou méi datt bal d'Halschent vun de Leit net aus der Gemeng Péiteng kënnt.

Dat hat awer d'lescht Joer keng esou richteg Friichte gedroen. Mir haten d'lescht Joer dee Supplément direkt un d'Eltere vun deene Jugendleche weiderginn.

An der Tëschenzäit waren awer Gespréicher mat de Gemenge Käerjeng, Kënzeg, Dippech an Déifferdeng. Dat heescht, déi 5 Gemengen hu sech e puermol getraff fir e Konsens ze fannen. A mir sinn eis och eens gi fir eng Conventioun ze maachen, engersäits tëscht de Gemengen Déifferdeng, Käerjeng a Péiteng, déi eng Musekschoul hunn, an anerersäits mat de Gemenge Kënzeg an Dippech, déi keng Musekschoul hunn a wëlle vun deenen Infrastrukture profitéieren.

Déi Conventioun ass fir ee Joer, a soll 'tacitement' weidergefouert ginn. Et geet drëm, fir déijéineg déi vu Péiteng, Käerjeng oder Déifferdeng an eng vun deenen 3 Musekschoule kommen, als Résident ze betruechten, an datt déi Leit, déi aus deene Gemengen an d'Musekschoul kommen, dee Supplément net brauchen ze bezuelen.

Als Contrepartie engagéieren awer d'Gemengen Dippech a Kënzeg sech fir pro Schüler, déi aus hire Gemengen an eis Musekschoul kommen, 650 € ze bezuelen. Dat hëlleft eis wesentlech deen Defizit, dee mer pro Kand aus deene Gemengen hunn, ze decken. Dee Betrag kann natierlech no enger gewëssen Zäit nei gekuckt ginn, wa mer géife feststellen, datt et net méi géif mat däer Zomm duergoen.

An et kann een och nach soen, datt Schüler aus deene Gemengen an de Musekschoule Virrecht hunn.

Mir hunn och festgehalen, datt mer déi Schüler aus de Gemengen Dippech a Kënzeg an de Musekschoulen zu Déifferdeng, Käerjeng oder Péiteng kënne betreien. Et kann awer och sinn, wann d'Nofro grouss genuch ass, datt eng Rei vu Coursen direkt an enger vun deene Gemenge kann ugebuede ginn. Dës Nofro wier schonn zu Kënzeg méiglech, a si hätten och déi néideg Säll, an deene Course kéinten ugebuede ginn.

Mir sinn eis och mat de Gemenge Käerjeng an Déifferdeng eens ginn, fir dat esou ze agencéieren, datt, do wou Plaz ass, och d'Schüler sollen higoen. Wa mer elo feststellen, datt zum Beispill

an de Course fir Saxophone Péiteng nach Chargéen disponibel huet, datt dann net zu Käerjeng zum Beispill een zousätzleche Chargé agestallt gëtt, mä datt dee Péitenger Chargé dann och op Käerjeng soll goen. Esou datt d'Coursen an d'Personal aus deenen 3 Musekschoulen och méi optimiséiert ginn.

Déi ganz Conventioun ass a mengen Aen eng ganz positiv Saach, an ech wier frou wann och aner Gemengen, esou wéi Suessem oder Monnerech, vun deenen och vill Awunner bei eis an der Musekschoul sinn, op dee selwechte Wee géife matgoen. Mir hunn elo deen éischte Schratt gemaach, a mer hoffen, datt aner Gemenge mat op dee selwechte Wee ginn. Well dat géif eis hëllefen, fir engersäits eis Musekschoul weider op deem héije Niveau ze halen, an op der anerer Säit de finanziellen Impakt an Zukunft an engem Rahmen ze halen, deen tragbar ass.

John Polfer (CSV) :

Ech kann nëmmen am Numm vun der Musekschoul dem Schäfferot Merci soen, datt déi Conventioun zustane komm ass. Laang ass doriwwer geschwat ginn, an dat hei ass schonn eng gutt Saach.

Carlo Gira (CSV) :

Ech hunn u sech och näischt géint déi Conventioun. Dat eenzegt wat mech dru stéiert ass, datt mer et haut op der Dagesuerdnung stoen hunn, an et war schonns feierlech an der Zeitung. Ech wier frou, wa mer dat fir d'éischt géifen am Gemengerot ofseenen, an duerno kéim et eréischt an d'Zeitung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt mer déi Saach do als Schäfferéit ënnerschriwwen hunn, an et ass normal, datt een dat op déi doten Aart a Weis mécht. Et ënnerschreift een dat, an da muss et natierlech nach ofgeseent ginn. Et steet och an deem Sënn an der Conventioun dran, datt se 'sous l'approbation du conseil communal' wier.

Datt et elo schonns an der Zeitung stoung, ass net de Choix gewiescht vun der Péitenger Gemeng. Et gouf esou zu Käerjeng organiséiert, an dunn hu mer eis mat op déi Schinn gesat.

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt och soen, datt mer mat dëser Conventioun um richtege Wee sinn. Mir erfannen d'Rad jo och net nei heimatten. Zu Iechternach, zum Beispill, maachen se dat schonns zanter 10 Joer. An et kann och net sinn, datt déi eng Gemenge fir de Museksunterrecht bezuelen, an aner Gemenge maache fir näischt mat. Et soll jo och net sinn, datt een – deemno a watfir enger Gemeng ee wunnt – vill méi oder vill manner muss fir de Museksunterrecht bezuelen. Dat hei ass ganz sécher de richtege Wee, an et wier – esou wéi dat jo och schonns virdru gesot ginn ass – och wënschenswäert wann an deenen nächste Joeren nach aner Gemengen dat géifen agesinn, an da wier d'Dier jo och nach op fir datt aner Gemengen do kéinte matmaachen.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Enseignement musical.

Création d'un poste de chargé de cours (m/f) pour l'enseignement de la mandoline – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'lescht Joer en Essai gemaach haten, fir e Mandoline-Cours an der Musekschoul ze ginn. Mir haten 8 Jonker, déi sech dofir interesséiert hunn.

Fir dëst Joer sinn op mannst 5 Stéck, déi mat deene Course géife virufueren. Laut den Informatiounen, déi mer vun der Chargée de direction kruten, sollen der nach zwee dobäikommen. Esou datt mer dem Gemengerot elo proposéieren, fir dee Cours definitiv an d'Organisatioun vun eiser Musekschoul mat eranzehuelen. Mir wéilten dann och gären dee Posten als 'Chargé de cours' schafen, fir datt mer fir d'Rentrée am September eng Persoun hunn, déi dee Cours kann halen.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Hygiène et Santé.

Implantation d'une troisième pharmacie sur le territoire de la commune – avis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De 5. Mäerz 2007 hate mer hei am Gemengerot eng Délibératioun geholl, wou mer revendiquéiert hunn, datt op Grond vun der Awunnerzuel vun der Gemeng, déi bei iwwert 15.000 läit, an op Grond vun Demanden, déi mer schonn déi Joere virdru gemaach haten, mir der Meenung sinn, datt et un der Zäit wier fir eng drëtt Apdikt um Territoire vun der Péitenger Gemeng ze kréien. Dat wier och besonnesch am Intressi vun eise Bierger, wat de Service de garde, de nuit, ubelaangt.

Doropshin huet de Minister vun der Santé ganz séier geschallt, a mer mussen him ganz sécher Merci soe fir déi schnell Interventioun. Hien huet d'Décisioun geholl fir eng drëtt Apdikt um Territoire vun der Gemeng ze implantéieren. Hien huet eis awer och elo nach eng Kéier geschriwwen – esou wéi d'Prozedur dat virgesäit – datt mer him als Gemengerot nach en Avis musse ginn op Grond vun der Décisioun, déi hie geholl huet fir déi zousätzlech Apdikt ze maachen.

Mir waren eis déi leschte Kéier heibannen eens, esou datt deen Avis elo haut och nëmme positiv kann ausfalen, an datt mer dem Minister kënne matdeelen, datt mer averstane sinn, datt eng drëtt Apdikt an d'Gemeng kënnt.

Et ass elo net festgeluegt, wou déi Apdikt hei an der Gemeng hikënnt. Dat soll vun der Apdikt selwer gekuckt ginn.

Avis favorable pour l'implantation d'une 3e pharmacie sur le territoire de la commune de Pétange.

9.2.

Hygiène et Santé.

Enlèvement des ordures : convention de collaboration avec l'a.s.b.l. Valorlux de Leudelange pour la collecte sélective de matériaux PMC en vue de leur valorisation – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen :

Hei geet et drëm fir d'Conventioun mat der Sociétéit Valorlux guttzeheeschen, fir datt mer d'Pastiksfläschen, Gedrénksbéchsen an Gedrénkskartonge virun der Dier ewechgeholl kréien. Et besteet e 'règlement grand-ducal' vum 31.10.1998, dat sech baséiert op eng Directive vum Europaparlament iwwert d'Réutilisatioun vun 'emballages et emballages de déchets', esou wéi och d'Eliminatioun vun dësen Offäll.

Ech wollt iech nach e puer Informatioune ginn. Am Moment gëtt an 88 Gemengen hei am Land PMC-Material agesammelt. Dat sinn 12,94 Kilo pro Awunner pro Joer. Op eis Gemeng, mat 15.000 Awunner, héichgerechent, géife ronn 194 Tonnen d'Joer agesammelt ginn. Zu Rodange am Recyclingzenter hu mer 2006 79 Tonne PMC-Material agesammelt. Wann ech déi 79 Tonnen aus dem Recyclingzenter géif ewechrechnen, da géife mer iwwert dëse Wee 115 Tonne méi agesammelt kréien.

An der Conventioun, déi de Schäfferot den 12.06.2007 ënnerschriwwen huet, gouf festgehalen, datt Valorlux déi

integral Fraise vum Tri a vum Recyclage vun deene bloen Tute PMC géif iwwerhuelen. Si géifen och de Recyclage vum PMC-Material garantéieren an der Gemeng och déi blo Tuten, souwéi de Guide zur Verfügung stellen.

Mir als Gemeng verdeelen un all Bierger dës blo Tuten, souwéi de Guide wat an déi Tuten dierf kommen, an de Kalenner wéini déi blo Tuten agesammelt ginn.

Mir collaboréieren och mat der Valorlux bei 2 Informatiounsversammlungen, eng zu Péiteng an eng zu Rodange, respektiv zu Rolleng um Enn vum Joer.

Mir haten de Choix, datt mer éischtens d'Valorlux selwer asammele loossen, oder zweetens, datt mer als Gemeng dësen Service fir d'Valorlux maachen, an zwar vum 1. Januar 2008 un, an dat all 14 Deeg.

No Consultatioun mam Ëmweltbüro a mam Müllservice, hu mer décidéiert, datt mer als Gemeng selwer déi blo Tuten asammele ginn. Mir kréien dësen Service rémunéréiert, an zwar mat 58,90 € d'Stonn ouni TVA fir de Camion mam Chauffer, 25,67 € d'Stonn ouni TVA fir d'Begleetpersounen. Dës Präisser sinn Index gebonnen. De Kontrakt leeft op ee Joer a leeft automatesch 5 Joer weider wann näischt ze beanstanden ass. Wa mir awer zum Beispill décidéieren, datt mir net méi fir d'Valorlux asammele ginn, da maache si dat, an da kréie mer natierlech och net méi déi Rémunératioun.

D'Tuten, déi net richteg gefëllt sinn, bleiwe mat enger Explicatioun virun der Dier stoen. Dat mécht Valorlux. Falls et net gemierkt gëtt, kritt d'Gemeng de Surplus un Aarbecht verrechent. D'allgemeng Erfahrung vu Valorlux erméiglecht e Calcul fir eis Gemeng vun 195 korrekten Tonnen bei 3,80 net korrekten Tonnen. Dat géif op e Betrag vun 456 € d'Joer erauslafen. Wéi gesot, dat si Schätzungen.

Mir hu mat eisem Ëmweltbüro a mat eisem Müllservice de Programm fir d'Asammelen duerchgespillt. Deen eenzege Changement, deen ech och als positiv betruechten, ass , datt de Sperrmüll wéi bis elo weiderfonctionnéiert, allerdéngs nëmmen nach op telefonesch Umeldung bei eisem Ëmweltbüro. Déi kënnen dann de Leit och déi néideg Informatioune ginn, wat dierf virun d'Dier kommen, wat alles matgeholl gëtt, wéivill dierf erausgestallt ginn, wéi et muss auseree geholl ginn, asw. Den Ëmweltbüro ass och der Meenung, datt déi supplementar Uriff net mat allzevill zousätzlecher Aarbecht verbonne wier, an datt et kee Problem fir si géif duerstellen.

E weidere Virdeel ass natierlech och, datt d'Asammele vun deene bloen Tuten, wat duerch Leit vun eiser Gemeng duerchgefouert gëtt, och vu Valorlux rémunéréiert gëtt, an datt eise Recyclingzenter zu Rodange, dee jo dënschdes a samschdes iwwerbesicht ass, heiduerch e wéineg entlaascht gëtt.

D'Recette buche mer op den Artikel 2.0734.7012.007, 'reprise de matériaux recyclables – convention avec Valorlux'.

Mat dësem Dossier ass och d'Ëmweltkommissioun beschäftegt ginn, a mer kruten och vun hinnen en 'avis favorable'.

Mir rechnen och domatter, datt d'Collecte plus de Recyclingenter zesummen eng Recette vu ronn 43.000 € pro Joer mécht. Et wieren 194 Tonne gerechent ginn, an dat ass eng Moyenne, déi op d'ganzt Land gezu ginn ass, an déi op d'Gemeng Péiteng ëmgerechent gouf.

Wa mir elo zum Beispill näischt méi am Recycligzenter gesammelt kriten, wat ech net fir wahrscheinlech halen, dann hätte mer am Reclingzenter manner Recetten an Héicht vun 15.400 €. An doduerch, datt mer déi 194 Tonnen net méi brauchen op de Sidor ze féieren, géife mer 18.765 € aspueren.

Et ass och esou, datt alles dat, wat net duerch d'Collecte vu Valorlux ofgedeckt gëtt, weiderhin um Recyclingzenter fonctionnéiert. Ech huelen do zum Beispill 'verre creux', an ech wollt iech einfach och do emol eng Kéier d'Chiffere ginn. D'Collecte, déi duerch d'Gemeng gemaach gëtt, ass 37,52 Tonnen, an am Recyclingzenter ginn 339,98 Tonne gesammelt. Bei Kartong sinn et am Recyclingzenter 167,52 Tonnen. De Mélange Pabeier/Kartong bei der Collecte, déi gemaach gëtt, sinn 376,24 Tonnen, an um Recyclingzenter sinn et 229,38 Tonnen. Beim 'film plastic' hu mer am Recyclingzenter 11,38 Tonnen, a beim Styropor hu mer 3,45 Tonnen. Dat just als Informatioun.

Mir géifen d'Collecte vum PMC-Material an de bloen Tuten all 14 Deeg op zwou Tournéeën duerchzéien. Eng Tournée zu Péiteng, an déi zweet zu Rodange/Lamadelaine. Déi Collecte gëtt mat eise Müllween gemaach, an den Transport vum Material geet op Bech-Klengmaacher.

Norbert Pierre (LSAP):

Et ass u sech näischt heigéint anzewennen, well déi Collecte mat deene bloen Tute besteet am ganze Land. Op der anerer Säit – esou wéi den Här Welter et gesot huet - entlaaschte mer heimatter och e wéineg eise Recyclingzenter.

Ech hunn awer och nach e puer aner Iwwerleeungen ze maachen. Eise Recyclingzenter ass deemools gebaut gi fir d'Leit op deem Gebitt ze sensibiliséieren. Mir hu virdrun eng Conventioun mat der Musekschoul gestëmmt, an dofir wollt ech froen, ob et net och hei méiglech wier, fir mat eisen direkten Nopeschgemengen och op esou ee Wee ze goen, an datt déi sech bei Recyclingzenter kënnen uschléissen ? Dat dierft u sech kee Problem duerstellen, well den Accès an de Recyclingzenter iwwert e Kaartesystem fonctionnéiert, an datt mer dat da pro Kapp kéinte verrechnen.

Beim Sperrmüll, wann ech dat elo richteg verstanen hunn, esou gëtt deen net méi normal opgehuewen, mä nëmmen nach op telefonesch Ufro. Oder fonctionnéiert deen 'enlèvement sur commande' zousätzlech zu deem normalen Asammelen ?

Gilbert Welter, Schäffen :

De Sperrmüll fonctionnéiert nach ëmmer wéi e gelaf ass. E steet am Kalenner, an déi Deeg gëtt agesammelt. Et ass just esou, datt eis Leit net musse kucke wou eppes steet. Doduerch datt d'Leit sech am Virfeld musse mellen, huet eis Müll e Planning, wou se sollen hifueren.

Dat heescht, een deen eppes wëll erausstellen, dee muss dat am Virfeld beim Ëmweltbüro mellen, an da fiert d'Gemeng et dohinner sichen.

Norbert Pierre (LSAP):

Fir mech ass dat éischter e Schratt no hannen, wéi e Schratt no vir. Ech sinn éischter dofir, datt deen ablëckleche System soll bäibehale bleiwen. Well an deene Stroossen, wou näischt virun der Dier steet, sinn se och schnell doduerch.

Wann ech natierlech elo méi voluminéis Saachen hunn, da fannen ech et scho richteg, datt mer als Gemeng am Virfeld informéiert ginn. Mä, wéi gesot, e System, dee bis elo gutt fonctionnéiert huet, soll een net änneren.

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech wollt nach ee Wuert drop äntweren. Anscheinend fonctionnéiert dat awer de Moment net esou gutt, well d'Leit egal wat erausstellen, an och egal wéivill erausstellen, an déi verschidde Saachen och net getrennt eraussetzen. Doduerch bleift ganz vill stoen, an dat bréngt vill Roserei mat

sech. Den Ëmweltbüro huet och mat deene Leit geschwat, an et ass vu ganz groussem Virdeel, wa se de Leit kënnen direkt um Telefon soen, wat a wéivill dierf erausgestallt ginn, a wéi et muss getrennt ginn. An dann hu mer kee Sträit méi mat deene Leit. Well fir de Moment bleift vill stoen, well d'Leit sech net un d'Regelen halen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Nach op d'Fro, ob ee beim Recyclingzenter net kéint mat anere Gemengen zesumme goen, kann ee ganz kloer soen, datt d'Kapazitéit vum Recyclingzenter praktesch erreecht ass. Et sinn eng ronn 50.000 Leit, déi all Joers an de Recyclingzenter ginn, an dat ass eng ganz héich Zuel. A wann ech déi Responsabel richteg verstanen hunn, dann ass et net méiglech fir nach aner Gemengen do mat drun ze schléissen. Mir hunn eis Limitë praktesch erreecht, an eis Populatioun wiisst nach ëmmer, an dofir weess ech net ob et méiglech wier fir op dee Wee kënnen ze goen.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et ass bekannt, datt virun allem samschdes an dënschdes d'Leit musse virun der Barrière waarde fir eranzekommen, well d'Plazen am Recyclingzenter all besat sinn. Esou datt déi zwee Deeg scho guer näischt dra wier.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt nach eng Fro zu deene bloen Tuten. Et ass jo esou, datt d'Gemeng se verdeelt. Wa se elo agesammelt ginn, kréien ech dann eng nei Tut a meng Bréifkëscht geluegt, oder wéi fonctionnéiert dat ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Jidderee kritt eng Rull mat Tuten, wat am Prinzip soll fir e ganzt Joer duergoen. Wann d'Leit keng méi sollten hunn, da kënnen se neier op d'Gemeng siche kommen.

Guy Brecht (LSAP):

Et war jo opgefall, datt am Recyclingzenter heiansdo Autoe si mat franséische Placken. Hunn déi Leit eng Kaart a gëtt dat och kontrolléiert ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Et kann natierlech och sinn, datt sech d'Leit d'Kaart ënnert eneen ausléinen. De System ass nun emol esou, datt mer iwwert d'Kaart fueren.

Et ass natierlech och emol esou, datt zum Beispill e Fransous op Lëtzebuerg wunne kënnt, awer d'Plack um Auto nach net changéiert huet an net ëmgemeld huet. Si kommen awer hei an en Haus wat voller Dreck steet, an deen dann op de Recycling gefouert gëtt. An deene Leit kënne mer dat och net refuséieren. Et si jo Awunner aus der Gemeng.

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt soen, datt ech mat dëser Conventioun absolut averstane sinn, well se op dee richtege Wee geet. Et ass just eppes, wat mer opgefall ass, a wou ech e Problem domatter hunn. Mir hunn elo virun enger gudder Stonn d'Taxe gestëmmt fir verschidde Prestatiounen, zum Beispill fir 'mise à disposition' vun engem Camion mat Chauffer fir 80 €. Hei maache mer elo eng Conventioun, an däer mer soen, datt de Camion mat Chauffer 58,90 € plus TVA kascht. Ech war der Meenung, datt all Bierger virum Gesetz gläich ass, an dofir hunn ech e bësse Problemer fir an engem Moien zwee verschidden Tariffer fir e Camion ze stëmmen.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et ass esou, datt mer dee Präis do virgeschriwwe kritt hu vun der Valorlux. Ech kann Iech awer och confirméieren, datt mir déi Gemeng sinn, déi de maximale Präis kritt. Si hunn zwee Tariffer, a mir hunn verhandelt fir dee beschtméiglechsten Tarif ze kréien, an deen hu mer och kritt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech muss awer och nach hannendru soen, datt en Ënnerscheed tëscht deenen zwou Saachen ass. Wa mir de Leit e Camion mat engem Chauffer zur Verfügung stellen, dann ass dat fir eppes ze maachen, wat an hirem perséinlechen Intressi ass. An net am Intressi vun der Gemeng.

Hei maache mer elo eng Conventioun mat Valorlux, déi u sech eng Aarbecht fir eis maachen. Näämlech den Asammele vun Dreck, an dat ënnerläit u sech der Gemeng. Theoretesch miisst d'Gemeng et maachen. Elo hu mer dat mat hinne verhandelt, a mir kréien nach Suen. Et hätt grad esou gutt kéinte sinn, datt mir dat musse gratis maachen, a wou vläicht an der Conventioun gestanen hätt, datt mer eventuell Sue kréie fir all Tut déi mer hinne liwweren, an dann hätte mer den Transport net bezuelt kritt. Dat hei ass eng Form vun enger Conventioun, wou et ëm eng Aarbecht geet, déi u sech eis Aarbecht wier.

Roger Klein (LSAP):

Wann ech richteg informéiert sinn, dann ass Valorlux eng kommerziell Firma a keng karitativ Firma. Dat heescht, si schafft schonn esou, datt se zu hirem kënnt. Well wann dat doten den Héchstpräis ass, deen am Land fir e Camion mat Chauffer bezuelt gëtt, da géif ech doraus schlussfolgeren, datt mer als Gemeng deier si wa mer 80 € froen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass eng ASBL, also keng kommerziell Firma. Wéi gesot, Valorlux mécht fir de Moment eng Aarbecht fir eis, a mer hunn iwwert dës Conventioun geregelt wéi dat finanziell gemaach ka ginn.

Mir waren och der Meenung, datt mer déi Aarbecht solle mat eise Leit maachen, well mer och déi Stroossen an dat Ganzt besser kennen, an doduerch eise Betrib vläicht och e bësse méi rationaliséiert géife kréien. Mä et ass awer en Déngscht, dee si am Numm vun der Gemeng maachen, an net fir hir eege Besoinen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hu ganz opmierksam dem Rapport vum Ëmweltschäffen nogelauschtert. Hien huet vill mat Tonnagen ronderëm sech gehäit, a vill mat Euroen.

Wat hien awer vergiess huet, an dat ass a mengen Aen dat Wesentlechst an eppes ganz Wichteges, dat ass, wa mir dee Schratt mat der Valorlux maachen, d'Informatioun un eis Bierger, an datt gesot muss ginn, datt et 'nach wie vor' ganz wichteg ass fir PVC ze vermeiden, respektiv ze verréngeren.

Well d'Leit kréien heimatter d'Impressioun, datt se Plastik kënne kafen an e gëtt un der virun der Dier ewechgeholl. Do musse mer wierklech awierken.

Eng aner Saach ass déi, datt Valorlux - oder wéi se virdru geheescht huet, well ier d'Valorlux komm ass war dat esou ee Groupement - uganks de 90er Joeren e ganz zweeschneidegt Schwäert war. Si hunn de Plastik agesammelt, a mir sinn eis jo och bewosst, datt dee Plastik, deen an deene bloen Tuten ass, net onbedéngt déi héchste Qualitéit huet. Dat ass Misch-Masch vu mannerwäertegem Plastik mat méi héichwäertegem Plastik. An der Zäit, wou dat ugaangen ass, gouf dee Plastik an d'Ausland weiderverkaf, a well et Plastik mat enger mannerwäerteger Qualitéit war, goufen dorauser Bänken a Palette gemaach. Dat war dat eenzegt, wat se domatter konnte maachen. A Plastikspaletten huet kee Mënsch méi gebraucht, an d'Welt kann een och net zouschäisse mat Plastiksbänken.

Mëttlerweil ass et awer esou, datt se och doranner ganz grouss Efforte gemaach hunn, obwuel et nach ëmmer mannerwäerteg Qualitéit ass déi dobäi erauskënnt. Si kënnen de Moment Teppecher fir Autoen, respektiv

Buedembeleeg aus Plastik dorauser maachen. Esou datt de Fortschrëtt am Recycléiere vum Plastik wesentlech ass. Well an der Zäit war et esou, datt et éischter en « Downcycling » war well Saachen hirgestallt si ginn, déi kee Mënsch konnt gebrauchen. Mëttlerweil kann ee vun « Recycling » schwätzen.

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech kann dat doten zu 100% akzeptéieren. Et soll een esou mann ewéi méiglech Plastik verbrauchen, an dat soll een och als Message mat viruginn. Mir sinn do Ärer Meenung.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech weess, datt heibanne sécherlech jidderee menger Meenung ass. Mä et muss een de Leit dobaussen dat awer och kloer maachen. Well ech gesi scho wéi dat geet. Mir ginn de Leit Plastikstuten, an d'Leit si begeeschtert fir de Plastik do kënnen dran ze maachen. An d'Leit kafen doduerch méi Plastik wéi virdrun. An dofir musse mer parallel zum Guide, dee mer ausdeelen, d'Leit dobaussen informéieren, datt se sollen de Plastik vermeiden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass an der Rei, a mer wäerten dat och maachen. Den Här Welter huet eng Aufgab fir dat ze preparéieren.

Carlo Gira (CSV) :

Meng Interventioun geet och e bëssen an déi Richtung vum Här Becker. Dem Här Welter seng Virgängerin hat ech emol eng Kéier an der viregter Mandatsperiod gefrot, firwat mer dat net géifen aféieren. An dunn ass mer gesot ginn, datt mer de Leit doduerch d'Impressioun géife ginn, datt et eng gutt Saach wier fir hire Plastik ewechzehuelen, an d'Leit net géifen drop opmierksam gemaach ginn, datt et besser wier op de Plastik ze verzichten. An op der anerer Säit komme mer der Wirtschaft och erëm entgéint, well déi brauche sech och keng Gedanke méi ze maachen, wéi se hirem Material lass ginn. Well och wann et sech bei der Valorlux ëm eng ASBL handelt, esou muss dach e Geschäft domatter ze maache sinn, well soss géifen se net dofir bezuelen. An dofir hunn ech e bësse meng Bedenken, ob dat dote soll de richtege Wee sinn, och wa mer doduerch vläicht Material aspuere wat mer net brauchen op d'Sidor ze féieren.

Wat elo de Sperrmüll ugeet, esou ass et esou, datt mer scho Bestëmmungen hunn, an datt zum Beispill Canapéen net mat ewechgeholl ginn. Well wann zum Beispill Fiederen dra sinn, da mussen déi Canapéë ganz ausernee geholl ginn. Dat ass awer fir eeler Leit relativ schwiereg, an do muss een sech vläicht emol iwwerleeën, ob et net sënnvoll wier fir iwwert de CIGL op mannst deenen eelere Leit en Déngscht unzebidden, fir datt d'Leit vum CIGL d'Material kéinten auserneen huelen oder et op de Recycling féieren, wou et dann – géint eng Tax – ausernee geholl géif ginn.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et wäert schwéier gi fir dee Wee anzeschloen, mä et kann een ëmmer emol de CIGL froen, ob do eng Méiglechkeet besteet. A wann de CIGL dat géif maachen, da wier dat scho fir déi eeler Leit en Avantage.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll awer nach als President vum CIGL ganz kuerz soen, datt mer am Moment scho ganz vill Problemer hu fir iwwerhaapt dat ze assuméieren, wat fir de Moment scho vun de Leit iwwert 60 Joer ugefrot gëtt. Mir si mat eisem Personal schonn un der Limite ukomm, a mer mussen eis iwwerleeën, wann nach weider Offeren ugebuede ginn, ob déi Equipe vum CIGL net muss verstäerkt ginn. Well fir de Moment gëtt scho ganz vill Gebrauch vum CIGL gemaach. Mä et ass sécherlech eng Iwwerleeung wäert, ob een net esou eng Offer engem CIGL kann operleeën. Ech ka mer och virstellen, datt de CIGL net direkt wäert Nee soen, mä et wäert dann awer och eng Repercussioun op eise Budget hunn, well déi eng oder aner zousätzlech Persoun muss agestallt ginn. Déi ass da wuel aus dem Chômage eraus, wat jo eng sozial Komponent ass déi ganz interessant ass, mä op der anerer Säit stellt dat och e Käschtepunkt fir d'Gemeng duer.

Ech wäert dat an der nächster Comitéssëtzung mat an de CIGL huelen, a froen, ob de CIGL prinzipiell domatter averstane wier. An da musse mer kucken, am Kader vum Budget 2008, op mer dann och op dee Wee ginn.

Approbation par 12 voix et 1 abstention (M. Gira). M. Bosseler, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.1.

Transports et communications.

Projet de loi sur le reclassement de la voirie (commune/étatique) – propositions.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass ongeféier all 10 Joer, wou de Stat de Rappel mécht fir ze kucken, ob déi 'voiries vicinales', déi Gemengestroossen, net eng aner Fonctioun kritt hunn, doduerch datt d'Bebauung weider gaangen ass oder den Trafic sech verlagert huet. An deem Sënn hu mer eis Gedanke gemaach fir, ob Grond vum Opruff dee vum Ministère gemaach ginn ass, 3 Propositiounen ze maachen. Et ass net sécher, datt se ugeholl ginn, mä mer mussen se motivéieren an och fir d'éischt vum Gemengerot unhuele loossen.

D'Stroosse sinn hei am Land a véier verschidde Kategorien agedeelt. Dat sinn Autobunnen, Nationalstroossen, 'chemins repris' a Gemengestroossen. D'Fonctioun vun deenen eenzelne Stroossekategorie sinn och ganz kloer festgeluegt. Gemengestroosse si geduecht fir den innerörtleche Verkéier. CR-e si Stroossen, déi schonn eng Kéier Gemengestroosse waren, an déi an eng Kategorie méi héich klasséiert gi sinn, an eventuell och zu Nationalstroosse kënne ginn, wa se d'Fonctioun erfëlle fir interkommunal oder interregional Verbindungen ze schafen. Dobäi kënnt och d'Considératioun, wann den ëffentlechen Transport deen een oder aneren Abschnitt iwwerhëlt, déi Stroossen an eng aner Kategorie kënne falen.

Wat ass d'Konsequenz dovunner ? Wa mer eng Statsstrooss hunn, da gëtt se vum Stat ënnerhalen, an dann ass et am Fong geholl dem Stat seng Propriétéit. Bei Gemengestroossen ass et eis Propriétéit. Mir mussen awer déi zwou Zorte botzen an och signaliséieren. Mir behalen do d'Autonomie an och d'Verpflichtungen dovunner.

Wat sinn elo d'Considératiounen, déi mer geholl hunn ? D'Avenue de la Gare zu Péiteng ass eng Statsstrooss, mä si gëtt awer nëmmen eesäiteg profitéiert. Dat ass och esou acceptéiert gi vum Stat, esou datt mer als Contre-partie eng zweet Strooss brauche fir d'Verbindung ze maachen. An dat soll d'Liberté-Strooss sinn. Dës Strooss ass och deemools an d'Rei gesat ginn. Dofir proposéiere mer dem Stat elo dës Strooss, well se d'Fonctioun huet fir d'Verbindung tëscht Déifferdeng an der Grenz ze maachen.

Eng zweet Strooss, déi déi selwecht Fonctioun iwwerhëlt, ass d'rue de l'Hôtel de ville. Si ass wuel net an engem gudden Zoustand, mä d'Fonctioun huet se awer. An och duerch den ëffentlechen Transport, deen duerch dës Strooss fiert, huet dës Strooss u sech d'Fonctioun vun enger Verbindungsstrooss. Dofir hu mer déi Strooss och emol uginn. Mir

wëssen awer, datt do d'Chancen net ganz grouss sinn, well d'Problematik an däer Strooss nach ëmmer besteet, datt mer se nach net ganz iwwerholl hunn, an datt doduerch d'Strooss och net esouschnell vum Stat ugeholl gëtt.

Da ware mer och der Meenung, datt mer nieft der Lëtzebuerger-Strooss zu Rolleng, och nach d'Avenue de la Gare an Tëtelbierg-Strooss hunn, déi als 'chemin repris' fonctionnéieren. Esou datt mer och der Meenung sinn, datt d'rue des Prés och duerch den ëffentlechen Transport an duerch d'Verbindung, déi se duerstellt, an dat Netz géif passen.

Doduerch hu mer dann déi 3 Stroosse proposéiert, fir datt se sollen eng méi héich Fonctioun kréien. D'rue de l'Hôtel de ville soll e 'chemin repris' ginn, d'rue de la Liberté soll eng Nationalstrooss ginn, an d'rue des Prés soll eventuell e 'chemin repris' ginn.

Ob déi Proposen elo ugeholl ginn oder net, wäert am dagdeegleche fir deen Eenzelnen näischt änneren. Et ass just esou, datt se doduerch an de Patrimoine vum Stat falen, a si doduerch och aner Verpflichtungen hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Wéi wäit ass et mat den Emprisen an der rue de l'Hôtel de ville?

Roland Breyer, Schäffen :

Mir si parallel mat der avenue de la Gare am gaangen dorunner ze schaffen. Mir hate jo eng Informatiounsversammlung mat de Leit, well mer mat den Aarbechten an der avenue de la Gare wëlle lass fueren. An de Stat wëll neierdéngs nëmme lass fuere fir Stroossen nei ze maachen, wann den Tableau d'emprises ënnerschriwwe virläit. An déi Parzellen, déi d'Verbindung maachen tëscht der avenue de la Gare an der rue de l'Hôtel de ville, ginn dee Moment mat traitéiert. A wa mer déi Emprisen hunn, dann hu mer automatesch déi ganz rue de l'Hôtel de ville praktesch mat ofgeschloss. Wat awer nach muss gemaach ginn ass eng 'levée cadastrale' fir déi eenzel Parzelle kloer ze definéieren.

Camille Bosseler (CSV) :

Duerch déi 'chemins repris', déi mer do hunn – ech zitéieren nëmme just d'avenue de la Gare zu Lamadelaine, a wou d'Ponts et Chaussées ëmmer d'Beem gebotzt hunn – ass mer opgefall, datt déi Aarbechten elo net méi gemaach ginn. A wou ech bis bei hinne reklaméiert hunn, si se dunn nees déi Beem zeréckschneide komm. Wann dat elo net méi vun hinne gemaach gëtt, da bréngt dat jo awer zousätzlech Aarbecht fir d'Gemeng.

Roland Breyer, Schäffen :

Neen, well et e 'chemin repris' ass, mussen se déi Aarbechten och maachen. Mir hunn näischt domatter ze dinn. Doduerch datt nach aner Stroossen als 'chemin repris' ëmklasséiert ginn, gi mir dem Stat nach Aarbecht dobäi.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt froen, ob d'Liberté-Strooss eng Nationalstrooss géif ginn, oder gëtt dat éischter e 'chemin repris' ?

Roland Breyer, Schäffen :

Mir gesinn déi éischter als Nationalstrooss, an dat als Contre-partie zu der avenue de la Gare.

Jeannot Linden (LSAP):

A bei der rue des Prés ass et jo dee ganzen Deel vun der avenue de la Gare bis op d'Porte Lamadelaine.

Ech weisen awer och nach drop hin, datt mer jo alleguerte wëssen, wéi maniabel d'Ponts et Chaussées bei eis an der Gemeng sinn.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ännert sech näischt, ausser et miisst e Reprofilage vun der Strooss gemaach ginn. Dee muss da vun hinne gemaach ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass an der Rei. Mä bei den Emplacementer fir d'Autoe muss een ërem d'Autorisatiounen ufroen.

Roland Breyer, Schäffen :

Jo, do brauch een eng 'permission de voirie'.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, well dat sinn e bëssen d'Bedenken, déi ech hunn. Well déi froen geschwënn fir e Stréch ze zéien eng 'permission de voirie'.

Accord à l'unanimité.

10.2.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation routière : travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue de la Fontaine à Rodange – confirmation.

Roland Breyer, Schäffen :

D'Post huet eis mat engem Fax uganks der Woch informéiert, datt se mat hiren Aarbechten an Nidderréideng weiderfueren. Dës Aarbechte solle bis an d'rue Amalberge eragoen. Dës Aarbechte wäerte sech iwwert 6 Méint hinzéien. Esou wéi de Chantier evoluéiert, kann et sinn, datt mer mussen heiansdo de Verkéier ënnerbidden oder mat Luuchte regléieren. D'Stationéieren ass och an der Enceinte vum Chantier verbueden. Dësweidere wier d'rue Amalberge, am Deelsték tëscht der rue de la Minière an der rue de la Fontaine, zäitweileg fir de Verkéier gespaart.

Guy Brecht (LSAP):

Well mer elo beim Verkéier sinn, wollt ech eppes soen. Dat betrëfft elo net dëse Chantier, mä et ass awer eppes, wat ganz dréngend ass.

Ech weess net, ob der scho gemierkt hutt, wat op der Waxweiler Millen lass ass. Virun enger Woch war ech mam Här Wegener a mam Här Linden Léon, President vun der Transportkommissioun, op d'Plaz kucken. Do ginn anscheinend Aarbechte gemaach, do gi Vidange gemaach, do gi Pneue gewiesselt. Do steet alles voll hannert der Millen. An de leschte Mëttwoch hate mer och nach eng Kéier eng Sëtzung vun der Transportkommissioun, datt virgëschter hätte solle Schëlder do stoen, datt et eng 'propriété communale' wier, an datt keen op dee Site dierf fueren. Ausserdeem sollten an nächster Zäit Polleren dohinner kommen. Well et gesäit katastrofal do aus. Dee ganze Buedem ass voller Ueleg, si loossen dat an d'Gagulle lafen, a lauter esou Tricken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat huet elo näischt mat dësem Punkt ze dinn, mä mir wäerten dat awer nokucken. Merci fir d'Informatioun.

Confirmation à l'unanimité.

11.

Questions des conseillers communaux.

Guy Brecht (LSAP):

Op der Athuser-Strooss, tëscht den Haiser 9 an 11, verleeft e klenge Passage bis an eng Wiss, déi bis un déi ënnescht Extremitéit vum Hierschtbierg féiert. Do ass viru kuerzem Pavé geluegt gi fir d'Waasser, dat bei staarke Reefäll vum Hierschtbierg erofkënnt, an eng Gagull ze féieren an dann duerch e Rouer ënnert dem Passage ofzeleeden.

Wéi awer elo déi Fotoe beweisen déi hei bäileien, schéngt do eppes schifzelaafen. Wat gedenkt de Schäfferot ze ënnerhuelen, fir dee Mëssel do ze behiewen ?

Dësweideren ass deen ënneschten Deel vun der Athuser-Strooss bei

staarke Reefäll komplett iwwerfuerdert. Och hei kënnt der iech op Fotoen dovunner iwwerzeegen, datt déi Autoen, déi laanscht fueren, Waasserfontaine produzéieren, déi de Leit bis un d'Fassade sprëtzen. Läit de Profilage net déif genuch, oder wat ass do schief gelaf ?

Roland Breyer, Schäffen :

Wou d'Athuser-Strooss nei gemaach ginn ass – dat war e Projet, deen d'Ponts et Chaussées eis eraginn huet an dee mir du gefouert hunn – ass och nach de Reeniwwerlafbecke gemaach ginn, un deen sech d'Gestioun de l'eau och nach mat drugehaangen huet fir dee Projet ze realiséieren. Deen Iwwerlafbecken ass geduecht, fir datt Iwwerflächewaasser, dat vum Bierg erofkënnt, opzefänken.

Et ass Pavé geluegt ginn, et gouf e bëssen drainéiert, an dat Ganzt leeft an eng längelslech Gagull eran, wou de Profil menger Meenung no och ze kleng ass. Et kann een ëmmer emol vun exceptionelle Reefäll schwätzen. Ech hunn déi Situatioun och bei mir virun der Dir. Wann et reent, da kënnt alles de Bierg erofgelaf, a bei wierklech exceptionellem staarke Reen ass näischt grouss genuch fir d'Waasser ofzeleeden.

An der Athuser-Strooss ass dat, wat se do gemaach hunn, relativ kleng. Mir wäerte bei der Gestion de l'eau intervenéieren, fir datt se hire Chantier eng Kéier kucken. Mir ginn Är Fotoen, déi Dir eraginn hutt, och u si virun. A wann se da vergréisseren, da kritt een ënner Ëmstänn net alles opgefaange wat vum Bierg erof kënnt – well et ass e Privatwee, an do kënne mer net vill méi maachen -, mä et kann awer versicht gi fir ënnen op der Strooss méi Waasser kënnen opzefänken. Normalerweis, laut Gesetz, miissten d'Propriétairen dat selwer maachen. Mä, wéi gesot, wa mer et ënne besser opgefaang kréien, dann ass d'Athuser-Strooss och méi dréchen. Mir intervenéiere bei der Gestioun de l'eau, déi dëse Chantier ënnert sech hunn, fir datt se eng Léisung solle fannen.

Et ass och nach keng definitiv Receptioun vun der Strooss gemaach. Mir kucken och nach, op d'Waasser net och duerch de Profil vun der Strooss net éierbar ofleeft, an dofir an der Strooss stoe bleift.

Guy Brecht (LSAP):

Wann ee laanscht d'Kor hei zu Péiteng trëppelt, da fält engem op, datt déi op verschiddene Plaze schéi verknascht ass. Eenzel Pneuen, Plastik an hëlze Këschte leien do dran. Wien ass do responsabel fir den Ënnerhalt, a wéini gëtt de Knascht do endlech erausgefëscht ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

D'Waasserwirtschaftsamt ass op verschidden Distanze responsabel. Mä ech hunn awer och Kontakt mat eisem techneschen Service opgeholl, a si ginn op d'Plaz kucken, op dat an eisen Zoustännegkeetsberäich fält oder net. A wann dat soll de Fall sinn, da gëtt dat – esouwäit et méiglech ass – duerch eis Leit ewechgeholl.

Séance publique du 27 juillet 2007

Durée de la séance: *08.00 à 11.30 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 11. inclus)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP) (à partir du point 12.1.)

ORDRE DU JOUR

Séance secrète

1. Enseignement:
   - 1.1. Démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement préscolaire - décision.
   - 1.2. Nomination de personnel enseignant conformément aux publications officielles - décisions.
2. Prévisions sociales:
   - 2.1. Engagement de cinq apprentis (m/f) dans le métier de l'employé de bureau - décisions.
   - 2.2. Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier de l'instructeur de natation - décision.
   - 2.3. Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier du dessinateur en bâtiment - décision.
3. Indigénat: demande en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.
4. Personnel: nomination de personnel (m/f) pour les « Maisons Relais » de Rodange et Lamadelaine - décisions.

Séance publique

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale:
   - 6.1. Règlement d'ordre interne du nouveau hall polyvalent à Rodange - décision.
   - 6.2. Règlement général des tarifs: chapitre VIII, usage d'autres locaux et d'installations - utilisation du nouveau hall polyvalent à Rodange - décision.
   - 6.3. Règlement général des tarifs: chapitre XII, services spéciaux - décision complémentaire.
7. Propriétés:
   - 7.1. Acquisition, de la part de M. Armand Schmit et Mme Elise Thill, de Pétange, d'un pré sis à Pétange, lieu-dit « rue de l'Eglise » - approbation de l'acte.
   - 7.2. Acquisition, de la part de M. Eric Della Schiava, de Hautcharage, d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « route de Luxembourg » - approbation de l'acte.
   - 7.3. Vente, à la société « Garage Roger & Diego » sàrl, de Pétange, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit « rue Robert Krieps » - approbation de l'acte.
   - 7.4. Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums - 1er semestre 2007 - approbation.
8. Personnel: création de postes de nettoyage (m/f) pour le hall polyvalent à Rodange - décision.
9. Enseignement:
   - 9.1. Liste des enseignants et chargés de cours de religion pour l'année scolaire 2007/2008 - approbation.
   - 9.2. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
10. Environnement: taille de haies, en hiver 2007/2008, par le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA) - approbation des travaux, plan et devis.
11. Enseignement musical: organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2007/2008 - décision.
12. Sports et loisirs: construction d'un hall polyvalent à Rodange et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation d'un devis actualisé et des plans adaptés; vote d'un crédit supplémentaire - décisions.
13. Vie associative:
   - 13.1. Association des Classes de Neige de la Commune de Pétange: admission des sociétés à subventionner - décision.
   - 13.2. South Side, club de basketball de Pétange et Schiveräin « La Gamelle » vun der Gemeng Péiteng - changement des subsides de base - décision.
   - 13.3. Octroi de subsides réguliers et spéciaux - décisions.
   - 13.4. Ford Frënn Lëtzebuerg - statuts.
   - 13.5. Vespa Club 69 Minette - statuts.
   - 13.6. Boxing Club Rodange - dissolution.
14. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination de personnel enseignant conformément aux publications officielles.

Postes à mi-temps dans une classe de l'enseignement primaire :

- *Bellion Anne*, de Lamadelaine
- *Boreux Nicole*, de Rodange
- *Entringer-Weiler Marguy*, de Bettange / Mess
- *Fournelle-Mersch Brigitte*, de Rodange
- *Huberty Alice*, de Kleinbettingen
- *Martiny Luc*, de Pétange
- *Renard-Wanderscheid Colette*, de Pétange
- *Steichen Micheline*, de Bettange / Mess
- *Wangen-Hoeltgen Romaine*, de Pétange

Postes à mi-temps dans une classe d'éducation préscolaire :

- *Gaspar da Costa Maria Manuela*, de Pétange
- *Meyers-Michels Marianne*, de Pétange

Postes d'éducation physique :

- *Alberty Cindy*, de Rodange
- *Breser-Rota M.Ady*, de Sanem
- *Degano Claude*, de Pétange
- *Kugener Jacqueline*, de Lamadelaine
- *Ruar-Santioni Carmen*, de Lamadelaine

Poste de remplaçant permanent :

- *Ries Marianne*, de Pétange

Poste « équipe pédagogique » à mi-temps :

- *Schammo-Schmit Christiane*, d'Oberkorn

Postes d'éducation morale et sociale et de décharges :

- *Bachim-Olinger Emilie*, de Rodange
- *Jakoby-Konz Eveline*, de Bascharage
- *Lippert-Bill Sonia*, de Schouweiler
- *Spitoni-Weydert Gaby*, de Pétange

Postes de décharges diverses :

- *Roth-Reding Marie-Madeleine*, de Lamadelaine
- *Mersch-Hoerold Pia*, de Dippach

Précoce à Rodange – remplacement du 2e intervenant :

- *Glod-Brosius Marianne*, de Bascharage

Postes pour le service « aide aux devoirs à domicile » :

- *Bausch-Theisen* de Pétange
- *Broy-Marchetti Marcelle*, de Pétange
- *Frizzarin-Bernard Malou*, de Pétange
- *Grober-Urwald Viviane*, de Pétange
- *Laurent-Blum Brunhilde*, d'Arlon
- *Melone Patrick*, de Rodange
- *Thomas-Pletgen Marie-Marthe*, de Pétange

Engagement de cinq apprentis (m/f) dans le métier de l'employé de bureau :

- *Majerus Max*, de Pétange
- *Grüneisen Jennifer*, de Soleuvre
- *Galvez Alain*, de Bettange/Mess
- *De Luca Adriano*, de Lamadelaine
- *Inacio Almeida Brandon*, de Sanem

Engagement de deux apprentis (m/f) dans le métier de l'instructeur de natation:

- *Thull Malika*, de Rodange
- *Kieffer Bob*, de Schouweiler

Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier du dessinateur en bâtiment:

- *Kocan Almina*, de Soleuvre

Nomination de deux éducateurs gradués (m/f) à tâche complète pour les besoins des Maisons Relais de Lamadelaine et Rodange:

- *Noesen Patricia*, de Rodange
- *Feider Martine ép. Gira*, de Pétange

Nomination de deux éducateurs diplômés (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Lamadelaine et Rodange:

- *Driulini Sarah*, de Rodange
- *Vivani Tania*, de Rodange

5.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech begréissen iech zu dëser ëffentlecher Sëtzung nodeems mer schonn eng Geheimsëtzung haten, wou mer Froen zum Schoulpersonal an och all aner Personalfroe geléist hunn. Der hutt jo och d'Detailer dovunner virleien.

Roland Breyer, Schäffen :

Zwou kleng Informatiounen. Zënter gëschter hu mer en neien Internet-Site, deen der kënnt ënner www.petange.lu kucken. Mer hunn zënter 1993 eisen Internet-Site lafen. Mer sinn elo bei der 4. Versioun ukomm. Et ass ganz nei opgebaut a méi dynamesch ginn, vill méi benotzerfrëndlech an et stinn och vill méi Informatiounen drop. En ass nach net exhaustiv well nach ëmmer Saachen derbäikommen. Et ass am Fong geholl en neien „portail du citoyen" wann een esou ka soen. Well et kann een och op deem Site e ganze Koup Formulairen eroflueden ouni sech musse op d'Gemeng ze déplacéieren. Et kritt een och direkt Informatiounen iwwer déi zoustänneg Persounen, déi sech ëm d'Saache këmmeren. Et ginn och véier direkt Linken, iwwer déi een direkt informéiert gëtt iwwer d'Aktualitéit an der Gemeng, d'Manifestatiounen am PiKo, den Agenda an och via eng Photogallerie iwwer déi grouss Evenementer hei an der Gemeng. Ob dat vun der Cavalcade, der Vakanzaktioun oder der Braderie ass, et gi Photoe gemaach, déi dann op de Site gesat ginn an déi een och méi grouss ka maachen an eroflueden. Dat ass ganz flott. Dofir eisem Service Publications et Communication en häerzleche Merci, datt se och e groussen Effort gemaach hunn. Der sidd also häerzlech invitéiert fir den Owend emol dran ze kucken. Et si ganz gutt Saachen dra fir de Bierger. An deem Sënn wäerte mer och um Enn vum Joer eng Opfrëschung vun eisem Guide du citoyen maachen, an deem mer de Bierger d'Changementer matdeelen, déi an der Tëschenzäit geschitt sinn a wou mer och op Ufro hin eng däitsch Versioun ubidde fir déi Leit, déi kee Franséisch schwätzen. Mer waarden do nach just e puer kleng Changementer of, fir net mussen zwee- oder dräimol unzerappen.

Eng zweet Informatioun, déi och symbolesche Charakter huet an och erfreelech ass. D'Cargolux kritt en neie Fliger an dee gëtt op Péiteng gedeeft. Dee Fliger kënnt a 14 Deeg un, esou datt mer géint den 8. August domat rechnen, datt en hei ass. Mer kréien awer dee geneeën Datum matgedeelt. Dee Fliger kënnt vu Seattle eriwwer an et gëtt e groussen Check gemaach, fir deen en 1 ½ Dag immobiliséiert ass. Et schéngt awer géint den 7. oder 8. August ze sinn. Do kucke mer da fir iech eng Informatioun zoukommen ze loossen, an dat esou séier wéi mär dat wëssen. An och wann d'Leit gäre mat ginn, da kucke mer, wat mer do kënne maache fir eemol do um Findel duerch déi Hal duerch ze goen an ze kucken. A selbstverständlech och déi Daf ze offizialiséieren. Dat wier flott.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann ech dat richteg verstan hunn, da kënnt déi offiziell Zeremonie awer eréischt am Hierscht. Da gëtt eppes méi Grousses gemaach. Hei ass och just fir de Fliger ze gesinn. Mee et soll nach eppes duerno kommen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Entschëllegt, ech hat an der leschter Gemengerotssëtzung gesot, datt et net meng Manéier wier fir bei den Informatioune vum Schäfferot ze intervenéieren. Mee no der Presentatioun vum Här Breyer wat den Internet ugeet, do hunn ech eng Fro. Ech hat de Site gëschter scho gekuckt. All Respekt fir den historeschen Opwand, dat ass super gemaach. Wat mär awer e bëssen opgefall ass, dat ass, datt de Schäfferot do ganz grouss presentéiert gëtt. Eng Kéier als Schäfferot mat de Ressorten an eng Kéier als Schäfferot, wou se zu engem Thema eppes soen.

Wat mer opgefall ass, dat ass, datt de Gemengerot minimal presentéiert ass. Do sti just nach d'Nimm, dem Alphabet no. Ech sinn dunn op aner Site vu Gemenge kucke gaangen. Do ass awer minimum eng Photo vum Gemengerot drop. Ech si keen, dee sech onbedéngt wëll an d'Vitrine stellen, mee d'Leit dobausse kucken d'Photoe vun de Gemengeréit op dem Internet. Ech géif iech do mat op de Wee gi fir eng Photo vum ganze Gemengerot ze maachen, mam Schäfferot natierlech a mat den Nimm derbäi.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn iech natierlech Recht well ech och gëschter kucke war. An ech hunn net méi spéit wéi de Moie mat dem Här Oms geschwat fir eng Photo vum Gemengerot drop ze setzen. Hien huet mer gesot, datt en am Moment keng Photo hätt, wou de gesamte Gemengerot – wéi en elo besteet – drop wier. Op däer leschter Photo, déi mer gemaach hunn, war de Victor Filaferro nach drop an den Albert Muller nach net. Mer géifen déi éischt Sëtzung am September dann eng Photo maachen an da gëtt dat

ausgeweit. Mer gesi vir, datt mer den 17. September, vir oder no der Sëtzung, eng Photo maachen an déi mat méi detailléierten Informatiounen iwwer de Gemengerot drop setzen. Ech hunn och zu Suessem gekuckt, do ass et méi detailléiert drop. Wéi gesot, et ass déi éischt Phas, mer bauen en aus an dat do kënnt drop. Ganz sécher.

6.1.

Administration générale.

Règlement d'ordre interne du nouveau hall polyvalent à Rodange – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der hutt an ären Ënnerlagen eng Ebauche vun dësem Reglement. Et ass genee esou opgebaut wéi dat vun der Sportshal zu Péiteng. Et sinn déi eng oder aner kleng Nuancen dran, ë.a. e puer Saachen, déi nach musse geregelt ginn. Dat steet och am Artikel 28, datt d'Gérance vun der Buvette mat engem „exploitant" gemaach gëtt. Déi Konventioun kënnt selbstverständlech nach an de Gemengerot. Ech huelen un, datt dat den 17. September ass.

Et ass och festgehalen, wéi d'Reservatioune kënne gemaach ginn an der Sportshal. Et ass déi selwecht Aart a Weis wéi dat och an der Sportshal zu Péiteng fonctionnéiert. Mer hunn dat och nach eng Kéier mat eisen Servicer gekuckt a fonnt, datt et esou gutt wier wéi mer am Moment fonctionnéieren, an datt mer dat och sollen am neien 'Hall polyvalent' zu Rodange maachen.

Wat nei ass, an dat steet och an der Mapp dran, dat ass „le maximum de personnes à admettre sur les gradins est de 300, dont 200 places assises". Am Ufank stoung nach 240 do, mee fir et méi komfortabel ze maachen hu mer Schuelesëtzer geholl, déi méi breet sinn. An déi Fäll, wou mer 240 oder 250 Leit op der Tribün hunn, déi wäerte méi rar sinn. Dofir hu mer de Choix gemaach fir d'Sëtzer méi grouss ze maachen. Amplaz vu 50 cm gesi mer 60 cm vir. An dofir ginn et nëmmen 200 Plazen. Dat huet also changéiert, mee an ärem Dossier stoung dat awer schonn esou dran. Ech géif soen, datt net esou vill dozou ze soen ass well et jo dat selwecht ass wéi an der Sportshal, mee ech géif awer d'Diskussioun opmaache wa Froe sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn am Fong geholl 4 Froen. Am Artikel 2 steet am drëtten Abschnitt „Ne seront pas autorisées, des manifestations et activités dont l'organisation pourrait entraver le bon fonctionnement" an esou weider. Wat fir Manifestatioune kéinten dat sinn?

Am Artikel 4, drëtten Abschnitt, steet jo eppes iwwer d'Verdeelung vun der Occupatioun, ech huelen un, datt déi meescht un d'Veräiner ginn. Gëtt d'Sportskommissioun nach virdrun domat befaasst fir hiren Avis ofzeginn?

Op Säit 132 steet och, wat am interne Reglement vun engem Zenter steet „d'introduire des animaux, des bicyclettes, motos ou autres véhicules, à l'intérieur du bâtiment". Wéi ass et dann, wann e Veräin wéi d'Société avicole oder d'Société ornithologique eng Ausstellung mat Déieren organiséieren? Gëtt dat dann autoriséiert?

Op Säit 133, wat d'Buvette ugeet, ass déi och zougänglech fir aner Veräiner wann déi eng Manifestatioun do ofhalen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Vun hannen elo ugefaangen. Artikel 28. Do kënnt eng Konventioun, an déi soll regelen, wéi d'Buvette soll exploitéiert ginn. D'Richtlinn, dat kann ech iech ganz kloer soen, déi geet dohinner, datt de Fussball, dee jo méi no ass an och wahrscheinlech déi meeschte Manifestatiounen do um a ronderëm den Terrain huet, d'Buvette als éischt sollen exploitéieren. Awer an der Konventioun gëtt festgehalen - wa Manifestatiounen an der Sportshal sinn a wou och eng Buvette ugefrot gëtt – ënner wat fir Konditiounen déi Veräiner do an der Buvette kënnen zapen. Do solle genee Regele festgeluegt ginn a mer sinn och amgaangen, dorunner ze schaffen. Et ass ganz kloer, datt de Fussball wäert do aktiv sinn, mee se hu keen Exclusivrecht a musse mat deenen anere Veräiner kucken, wéi et gemaach gëtt. D'Method gëtt awer festgeluegt.

Roland Breyer, Schäffen :

Mer hunn dee selwechten Artikel och beim 'Centre de loisirs' an dem Kulturzenter drastoen. Et ass esou, datt ee vu bausse keng Déiere ka mat erabréngen. Selbstverständlech steet awer am Artikel virdrun, datt „le collège des bourgmestre et échevins peut autoriser une association locale à y exercer des activités non sportives". An do besteet d'Méiglechkeet och, ënner bestëmmte Konditiounen, eng Ausstellung mat Déieren ze maachen. Awer och nëmmen, wa se der Zuchthaltung entspriechen a wann och de Buedem esou geschützt gëtt wéi mer dat iwwerall hunn. Do kann de Schäfferot eng Ausnam maachen an déi Derogatioun och maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat den Artikel 4 ugeet, do ass et esou, datt e Kader festgeluegt gëtt mat de Veräiner wéi dat soll fonctionnéieren. Mer sinn och elo amgaang do ze schaffe fir déi nächst Saison. Do ware scho Reuniounen an et sinn och scho Bréiwer erausgaang fir ze kucken, fir dat arrangéiert ze kréien. Et muss ee soen, datt duerch déi Sportshal zu Rodange eis Sportveräiner nach eng Méiglechkeet weider kréien. Mer hunn elo 3 Hale vun deene profitéiert ka ginn. Gutt, vun däer enger kann net jidderee profitéieren. Mee elo miisste mer awer mat deem Surplus vu Méiglechkeete laanschtenee kommen. Et ass eigentlech nëmmen ee Sportveräin, dee seet, e géif exklusiv op Rodange goen, an dat ass de Basket. Mat deem Gescheck kréie mer dann nees hei zu Péiteng e Fräiraum. Ech mengen, do miisste méi Méiglechkeete si wéi bis elo a mer miissten och laanschtenee kommen. Mer halen eis als Schäfferot natierlech ëmmer déi Méiglechkeet, datt, wann emol eng gréisser Manifestatioun kuerzfristeg kënnt – mer hate jo elo kierzlech d'Geschicht mat der Arméi, wou d'Zaldote wollten hiren Eed hei ofleeën. Do hu mer miisste kuerzfristeg d'Méiglechkeet kréie fir ze soen, datt deen Dag keen do kéint untrieden an d'Veräiner hire Programm miisste réckelen. Dat soll awer d'Ausnam bleiwen. Mer kënnen natierlech net déi Veräiner, déi an engem Championat spillen, doen, hire Programm all gudden Dag ze änneren. Dat ass a leschter Zäit ëmmer eng Exceptioun gewiescht, mee mer mussen eis awer déi Dir do oploosse fir wann eppes Gréisseres un eis erugedroe gëtt.

Guy Brecht (LSAP):

Mer hu jo och elo eng zweet Sportshal, wou reng Kompetitioune kënnen ofgehale ginn an déi ausgestatt ass mat enger Tribün.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Beim Artikel 2, dat ass eng generell Ausso. Ech weess net, wat d'Leit sech alles kënnen afale loosse fir z'organiséieren. An da musse mer awer als Schäfferot kënne soen, datt mer dat net wëllen. Do musse mer kënne reagéieren. D'Reglement muss eis d'Méiglechkeet gi fir ze soen, datt mer bestëmmte Saachen net wëllen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass schonn en Deel beäntwert ginn. Ech wollt iech awer nach eng ganz wichteg Fro stellen, an zwar wéini mer domat rechne kënnen, datt dat Ganzt offiziell fäerdeg ass, respektiv opgeet. Eng zweet Saach, déi mer opgefall

ass, dat ass dat Trauerspill vun der Finanzkommissioun. Wéi ass dat méiglech?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat d'Finanzkommissioun ugeet, do waren e puer Leit net do. De John Polfer kann dat erklären.

John Polfer (CSV) :

Et ass dat, wat ech elo grad wollt soen. Der hutt jo och an ären Ënnerlage leien, datt d'Finanzkommissioun zesummekomm ass. E puer Leit waren an der Vakanz an anerer ware krank, esou datt mer keng Entscheedung konnten huelen. Ech kann de Leit net verwiere fir an de Congé ze fueren an ech kann de Leit och net soen, datt se musse kommen, an dat och wann se krank sinn. Hei ware Leit entschëllegt an aner Leit ware krank. Méi kann ech dozou net soen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Natierlech ass et Vakanzenzäit. Et kéint een och soen, datt mer de Moment schlecht gewielt hu fir dat ze maachen. Mee mer wollten et awer duerch hunn ier d'Sportshal opgeet.

Wat deen aneren Deel vun ärer Fro ugeet, esou gi mer dervunner aus, datt d'Sportshal fir de 17. September, also fir d'Rentrée op ass. An dat obwuel mer – an dat kann ech roueg an enger ëffentlecher Sëtzung soen – absolut net zefridde si wéi déi Entreprise geschafft huet. Mer hu scho Bréiwer geschriwwen, an deene mer gesot hunn, datt et net esou kéint virugoen. Mer hunn och schonn op d'mannst 3 Mol eng „mise en demeure“ geschéckt. Net méi spéit wéi dës Woch ass nach eng erausgaangen. Mer hunn hinnen och kloer gemaach, datt mer déi ganz Verspéidunge géife geltend maachen. Dat steet am Bordereau dës Kéier dran a mer wäerten dat och knallhaart duerchzéien. Mer sinn einfach net zefridde mat der Aart a Weis wéi se geschafft hunn. Ee Moment haten se zwee oder dräi Leit do. Ech sinn dohinner kucke gaangen, d'Kollegen aus dem Schäfferot an d'Architektin och. Et ass eng Katastrof wéi do geschafft gouf bannenan. Elo hu mer nees mat de Baskettskierf Problemer well se festgestallt hunn, datt se net déi richteg bestallt hunn. Do fänken se och nees frësch un. Dat huet och nach en Nospill. Mer hunn hinnen dat ugedeit. A si reagéiere ganz schwaach op eng 'mise en demeure'. Well am Mee miisst déi ganz Hal fäerdeg gewiescht sinn.

Roland Breyer, Schäffen :

Duerno hu mer och nach am Bordereau gesinn, deen den Architekt opgebaut hat, datt verschidde Saache vermasselt goufen. No sengem Bordereau hätts de kee Mënsch kënnen draschécken. Do hu mer nach verschidde Saache mussen änneren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Schantjen ass net gutt kontrolléiert ginn. Ech si ganz enttäuscht an dofir soen ech dat och hei an der ëffentlecher Sëtzung. A mer hunn och eis Onzefriddenheet duerch 3, 4 „mise en demeuren“ ausgedréckt. A mer wäerten och duerno, wann alles fäerdeg ass, d'Suite ugoen a kucken, wéi mer kënnen déi „intérêts de retard“ geltend maachen.

Wat dat internt Reglement ugeet, do ass keng Revolutioun dran. Et baséiert jo op deem, wat mer schonn hunn, an dat ass och gutt. Wat déi Rumm ugeet, esou reglementéiert se jo dat, wat muss reglementéiert ginn a wat mer och aus der Erfahrung eraus wëssen. Doriwwer eraus wäerte mer natierlech déi Konventioun maachen. An do si mer der Meenung, datt mer domat den 17. September an de Gemengerot kommen.

Mer sinn awer och positiv iwwerzeegt dovunner, datt op mannst de Volet an der Sportshal ka stattfannen, an datt mer vun der Rentrée u kënnen esou schaffe wéi mer an deenen nächste Joere wëlle schaffen.

Da bleift natierlech nach de Volet vun der Buvette, a mer wëssen nach net, ob mer bis dohinner komplett fäerdeg sinn. Bon, mer sinn do hannendrun. Mee et wier jo och keng Katastrof, wa mer do eng Woch méi spéit dru wieren. Mee d'Sportshal muss disponibel sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

D'Miwwele miissten awer Mëtt September do sinn, dat hu se eis gesot.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Am Artikel 25 steet „après une manifestation, le nettoyage de la salle et la remise en état des salles utilisées est également à la charge de l'organisateur“. An der Sportshal zu Péiteng huet och nach kee gebotzt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ginn zwou Saachen. Wa mer Sport maachen, da muss net gebotzt ginn. Wa mer eng Manifestatioun organiséieren, da gëtt gebotzt, esou wéi an engem Kulturzenter.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: chapitre VIII, usage d'autres locaux et d'installations - utilisation du nouveau hall polyvalent à Rodange - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei wier dann och eng Taxe, déi mer iech an Zesummenhang mat der neier Sportshal proposéiere wéilten. Well mer wäerten déi Sportshal jo och zu gewëssenen Zäite benotzen. Well mer am Taxereglement just d'Sportshal vu Péiteng stoen hunn, géife mer do och den Hall polyvalent mat bäihuelen. Mer géifen alles d'selwecht loossen, esou datt mer déi selwecht Taxen applizéieren ewéi mer dat och an der Péitenger Sportshal maachen. Also bei deem Punkt do kënnt just dësen Hall polyvalent vu Rodange mat sengen Annexen derbäi.

John Polfer (CSV) :

Et kéint ee just soen, datt den Ënnerscheed tëscht Rodange a Péiteng doranner besteet, datt zu Rodange keng Show oder esou Saachen drasteet. Soss ass alles d'selwecht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Sécherheetsbestëmmungen erlaben eis et am Hall polyvalent net, esou Saachen z'organiséieren. Dofir hätte mer misse ganz aner Ventilatiounen a Sécherheetsdire maachen, fir do kënnen e Concert oder eng Show opzeféieren. Iwweregens wäerte mer och an der Sportshal, wa mer dat elo nei maachen, un eis Grenze stoussen. Wa mer en neie Commodo maachen, da wäerte mer gesot kréien, wou eis Limite sinn.

Accord à l'unanimité.

6.3.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: chapitre XII, services spéciaux - décision complémentaire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei geet et drëm fir datt den Hall polyvalent mat esou Badge kann op- an zougemaach ka ginn. Dat wëlle mer e bëssen iwwerall aféieren. Do kann een och definéieren, a wat fir Raim ee kann eragoen oder och net. Esou, datt, wann een e Veräin eraléisst a seet, si kéinten deen ieweschten Trakt benotzen, da gëtt dee Badge esou programméiert,

datt se nëmmen do erakommen. Dat wëlle mer lues a lues iwwerall aféieren.

Mer sinn awer der Meenung, datt, well déi Badgen net grad bëlleg sinn, mer sollten eng Taxe froe wann esou e Badge verluer geet. Esou datt mer op d'mannst d'Suen erëmkréien déi et kascht fir en nei ze maachen a fir se och nei ze kafen. Jiddereen, deen esou e Badge kritt, muss 30 € bezuele wann en dee Badge verléiert an en neie kritt. Dat ass d'Philosophie vun deem ganzen an et géif eis d'Méiglechkeet gi fir vill méi e geneeën Ableck ze kréien, wou ween higeet. Wann de Badge verluergeet, da kënne mer deen annuléieren.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech sinn domat averstanen. Dat ass och eng gutt Saach. Gëtt e spezielle Formulaire vun de Veräiner ausgefëllt an ënnerschriwwe wa se dee Badge kréien? Do kéint een esou guer eng Kautioun froe wann se dee Schlëssel kréien. Après coût mussen se jo bezuelen. Do géif jo dann och en Dossier gefouert gi mat all deene separate Pabeieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass schonn e groussen administrativen Opwand.

Norbert Pierre (LSAP):

Et ass et awer derwäert, a wann et bis leeft, dann ass et och net méi esou komplizéiert.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Acquisition, de la part de M. Armand Schmit et Mme Elise Thill, de Pétange, d'un pré sis à Pétange, lieu-dit « rue de l'Eglise » - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm de Kaf vun engem Terrain, dee mer gemaach hunn hei zu Péiteng an der rue de l'Eglise. An zwar hu mer dee vun der Madame Elise Thill an dem Här Armand Schmit. Et ass en Terrain, deen eis e puer weider Méiglechkeete gëtt, do wou mer eis Crèche wëllen ausbauen. Dat Ganzt ass 7,10 Ar grouss. D'Kadasternummer ass 24/2216 an et huet eis 65.000 € kascht. Ech mengen, de Compromis hate mer schonn den 21. Mee gestëmmt an ech géif iech elo bieden, dëse ganzen Acte guttzeheeschen.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Acquisition, de la part de M. Eric Della Schiava, de Hautcharage, d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « route de Luxembourg » - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm eng Cessioun, also en Terrain, dee mer kréie vum Här Eric Della Schiava. Deen Terrain läit zu Rolleng an der Lëtzebuerger Strooss. D'Kadasternummer ass 1189/4097 an den Terrain ass 7 Ar an 71 Centiar grouss. De Compromis zu däer ganzer Geschicht läit scho méi laang zeréck, an zwar den 27. September 2004. Haut wëlle mer dee ganzen Acte gutt-heeschen. Deen Terrain gëtt integréiert an d'Gréngzon 'Loeschebuer', déi jo scho besteet, esou datt déi duerch dësen Terrain méi grouss gëtt.

Approbation à l'unanimité.

7.3.

Propriétés.

Vente, à la société « Garage Roger & Diego » sàrl, de Pétange, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit « rue Robert Krieps » - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei verkafe mer en Terrain un d'Société Garage Roger & Diego. Déi Garage ass an der rue Robert Krieps an eiser Industriezon. Si hunn elo beschloss, deen Terrain ze kafe well se jo am „bail emphythéotique" sinn. Et handelt sech ëm en Terrain mat enger Gréisst vun 32 Ar an 2 Centiar. En huet d'Kadasternummer 1499/7250. Dat Ganzt beleeft sech op eng Zomm vun147.677 €. Wann der domat averstane sidd, da géif ech iech och hei bieden, dem Acte zouzestëmmen.

Approbation à l'unanimité.

7.4.

Propriétés.

Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums (1er semestre 2007) - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm d'Konzessiounen, déi mer op eise Kierfechter verkafe fir d'Konstruktioun vun de Griewer an de Kolumbarien. Am éischte Semester 2007 hu mer 6 Konzessiounen erausgi fir Griewer zu engem Präis vu je 250 € a 4 Konzessioune fir Kolumbarien zu engem Präis vun 1.500 € d'Stéck. Dat ass all Kéier fir eng Konzessioun vun 30 Joer.

Approbation à l'unanimité.

8.

Personnel.

Création de postes de nettoyage (m/f) pour le hall polyvalent à Rodange – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Dir Damen an dir Hären, mer hu jo eng Kéier gesot, datt mer en Astellungsstopp géife fir zwee Joer aleeën. Dat ass och nach ëmmer aktuell. Mer haten awer och gesot, datt, wann e Surplus un Aarbecht derbäikéim, mer déi Entscheedung miissten iwwerdenken. Dat ass och de Fall elo bei der Kreatioun vun dëse Poste well mer deen neien Hall polyvalent zu Rodange, dee jo viraussiichtlech fir d'Rentrée den 15. September opgeet, och musse botzen. Am Kader vun deem Reglement, dat mer elo gestëmmt hunn an nodeems mer mat eisen technesche Servicer geschwat hunn, wat fir e Volumen un Aarbecht ufale géif, hu mer entscheet, 4 Halleftâchen ze schafen. All Kéier 20 Stonnen, well dat eis am beschten arrangéiert mat deenen neie Schaff-zäiten, déi mer elo am Botzservice ulafe loossen.

Dozou wëll ech och nach soen, datt mer e Konsenus fonnt hu fir d'Aarbechtszäiten hei e bëssen ze normaliséieren. Esou, datt och net während den Aarbechtszäite gestéiert gëtt. Mer hunn awer och gekuckt, datt mer de Bedierfnesser vun deene Leit, déi an deem Service schaffen, Rechnung droen. Et ware 5 kleng Fäll, iwwer déi mer nach diskutéiert hunn, mee mer hunn e Konsensus fonnt mat deem all Mënsch zefridden ass. Déi nei Horairen, dat si Modulen, déi een auswiessele kann. Dat heescht och, datt méi Flexibilitéit dra ass wann emol e Member vum Botzpersonal ausfält, da kann och en aner asprangen. Do wou virdru 5 oder 6 verschidden Horaire waren hu mer se elo reduzéiert op d'Halschent a mer kënne vill méi séier organiséieren a reagéieren. Et sinn och véier hallef Tâche geschaf gi well mer eis esou besser kënnen arrangéieren.

Mer hunn och mat der Delegatioun geschwat, déi hiren Accord ginn huet. Mer haten hinnen an Aussiicht gestallt, datt mer den Demande vun deene Leit,

déi den Ableck scho bei eis schaffen, géife Rechnung droe wann se mengen, datt se no joerelaangem Service an no gudder Aarbecht bei eis an der Gemeng eng aner Affectatioun kéinte kréien. Dat muss awer och ëmmer gutt begrënnt sinn. Ech stelle mer vir, datt der Ufro vun enger Fra, déi vun owes 10 bis moies 1 Auer an der Schwämm geschafft huet an och emol am Dag schaffe wëll, Rechnung ka gedroe gi wann se hir Aarbecht ëmmer gutt gemaach huet. Et gëtt keng intern Publikatioun gemaach, well soss geet nees e ganze Roulement un. Mer droe just deene motivéierten Demande Rechnung, also der Anciennetéit, der gudder Aarbecht oder engem spezielle Fall.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Enseignement.

Liste des enseignants et chargés de cours de religion pour l'année scolaire 2007/2008 - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei ass d'Lëscht vun dem Léierpersonal, dat de Reliounsunterrecht an eise Schoulen hält. Et ass eng Lëscht, déi mer vum Bistum iwwermëttelt kréien an déi mer hei musse festhalen.

Approbation avec 14 voix et une abstention (Déi Gréng).

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech mengen, der wësst, wat kënnt. Mär sinn nach ëmmer dergéint, datt Relioun an de Schoulen ënnerriicht gëtt. Mer sinn och nach ëmmer iwwerzeegt, datt Relioun eng reng Privatsaach ass, déi doheem soll gemaach ginn an net an den ëffentleche Schoulen. Ech weess, datt mer net derlaanscht komme fir dat hei op d'Dagesuerdnung ze huelen an datt mer kee Choix hu fir dogéint ze sinn. Mee meng Meenung kennt der.

9.2.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Op der Säit 170 hutt der eng Rei vu Propositiounen, wou nach Remplacementer gemaach goufen um Enn vum Joer. Et geet elo just drëm fir déi ze ratifizéieren.

Ratification à l'unanimité.

10.

Environnement.

Taille de haies, en hiver 2007/2008, par le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (Sicona) – approbation des travaux, plan et devis.

Gilbert Welter, Schäffen :

Wéi all Joer hu mer mat der Sicona en Arrangement getraff fir iwwer de Wanter – dat géif dann am Oktober ugoen – d'Hecken an eiser Gemeng ze schneiden an esou och ze verjéngeren an ze schützen. Dëst am Kader vun dem Naturschutz. D'Hecke ginn do geschnidden, wou mer eng ënnerschriwwe Konventioun mat de Besëtzer ënnerschriwwen hunn. Där hutt och e Plang derbäileien. Den Ëmweltministère subventionéiert dee ganze Projet mat 50 % an d'Sicona mécht déi Demande fir eis. D'Sue kréie mer dann op eise Kont iwwerwisen.

Mer hunn och en Devis kritt iwwer 24.770,90 € a mer hunn am Budget e Kredit vun 35.000 € um Artikel 3.0730.6158 stoen. Ech géif iech bieden, den Aarbechten, dem Devis an dem Plang zouzestëmmen.

Ech wollt iech awer och nach drop opmierksam maachen, datt ëmmer nees Leit der Meenung sinn, datt mer Hecken net sollen do an d'Rei setze wou d'Gemeng net selwer Propriétaire ass. Mee et ass esou, datt, wa mer et net maachen, dat verkënnt a mer esou géint d'Natur schaffen. Dofir géif ech mengen, mer sollten dat awer maachen.

Norbert Pierre (LSAP):

Den Här Welter huet elo dovunner geschwat fir Privathecken an d'Rei ze setzen. Ech hu kee Problem domat, mee dat si jo awer, wann ech dat richteg verstanen hunn, Hecken, déi aus dem Bauperimeter erausleien. Gëtt et do eng Definitioun?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass genee definéiert, wou se musse schneiden.

Gilbert Welter, Schäffen :

Am Ëmweltbüro leie jo och alleguer déi Dossiere mat de Konventiounen.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass an der Rei, mee der hutt mer nach net op meng Fro geäntwert, ob se aus dem Bauperimeter erausleien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat sinn der an der Gewan. Dat kënnen Hecken sinn, déi tëscht zwee Felder leien, mee se kënnen awer am Bauperimeter leien. Se leien awer net ronderëm de Leit hiren Haiser.

Carlo Gira (CSV) :

Déi ganz Saache sinn hei a Stonnen uginn, kann een och eventuell gewuer ginn, wéivill Meter datt dat sinn? Ass dat de Sicona, deen entscheet, watfir Hecke geschnidde ginn oder maache mär do d'Propose?

Gilbert Welter, Schäffen :

Also ech kann iech dat net genee soen, wéivill Hecken do geschnidde ginn. Ech mengen, dee Plang läit och derbäi an et soll een der Sicona vertrauen, datt déi Leit, déi do schaffen, dat och ganz eescht huelen an och net am „Leerlauf" do géife lafen an eis duerno géife d'Stonne verrechnen. Ech géif scho mengen, datt dat an der Rei ass.

Carlo Gira (CSV) :

Ech bezweiwelen dat och net. Ech hunn och elo net ugeholl, datt déi Leit 346 Stonnen do sëtze fir d'Zäit erëm ze kréien. Mee ech wollt einfach wëssen, wéivill Meter datt et sinn.

Roland Breyer, Schäffen :

Et miissten tëscht 380 an 390 Meter sinn.

Gilbert Welter, Schäffen :

Här Gira, ech froe bei der Sicona no, wéivill Meter se pro Stonn gemaach kréien. Mer froen dat no a ginn iech d'Äntwert no.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech fannen dat eng ganz gutt Saach, datt gekuckt gëtt, datt d'Hecke bestoe bleiwen. Well et huet ee jo gesinn, datt, iwwerall do wou Lännereie waren, do stoungen Hecke ronderëm. An de Bauer huet dat selwer exploitéiert an d'Fäsche gemaach fir de Bakuewen. Dat ass alles verschwonnen. Wéi déi déck Traktere koumen, do sinn d'Hecken alleguer gekëppt ginn an domat sinn och d'Vullen an aner Déiere verschwonnen. Dunn op eng Kéier huet d'Sicona gesot, datt mer dat sollen erhale wat mer haten. Se hu gesinn, datt Villes zerstéiert gouf. Wann d'Baueren higinn an d'Hecke maachen, da gëtt gewéinlech alles gebotzt. An hei d'Sicona mécht dat genee dem Plang no. Dat eent gëtt op de Stack gesat, dat anert e wéineg méi héich an nach en anert gëtt wuesse gelooss a gëtt déi Kéier duerno gemaach. Dat ass wierklech noutwenneg.

Et ass och ugeklongen, datt dat vill Stonne sinn. Éischtens sinn se zu Olm a se mussen erofkommen. Kierzlech ass eréischt e Camion ugeschaf gi fir

déi Maschinne kënnen ze transportéieren. Se kënnen esou guer grouss Beem huelen. Do gräifen se a se seeën an engems. D'Fro gouf jo och schonn emol gestallt, firwat mer dat fir dee Präis net selwer maachen. Neen, dat do sinn extra Leit, déi qualifizéiert si fir dat ze maachen.

Ech war de Betrib scho wéivill Mol kucken a se si wierklech dorop ageriicht. Ech géif eisem Betrib dat net zoumudde fir déi Aarbechten ze maachen. Et muss een och net vergiessen, datt et séier geet fir d'Hecken ze këppen. Dat bleift leien a wann d'Wieder gutt ass, da gëtt dat gehecksselt. Der hutt dat jo och scho gesinn. Dat sinn déck Maschinnen. Do geet alles eran, esou guer Beem. Se si jo och amgaang fir dat envetuell ze versuergen fir et duerno ze verbrennen.

Déifferdeng an nach aner Gemengen, déi nach net dra waren, zéien elo no well se gesinn, datt et noutwenneg ass. Et gesäit een dat, wann ee spadséiere geet doropper op d'Maus. Laanscht de Roudenhaff hu se dat alles tiptop gebotzt. Well si bekëmmeren sech dorëm. Ech fir mäin Deel hunn och nach Hecken, mee esou laang ech dat selwer ka maachen, wäert ech dat och maachen.

Approbation à l'unanimité.

11.

Enseignement musical.

Organisation scolaire provisoire pour l'exercice 2007/2008 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der wësst, datt mer ëm dës Zäit de Kader vun der ganzer Musekschoul stëmmen. Dat ass awer nach net definitiv. Mer sinn de Moment amgaang mat den Aschreiwungen, déi ausgewäert ginn. Do si mer nach net bis un d'Enn komm. Am September oder Oktober kënne mer iech dann déi definitiv Schoulorganisatioun virleeën. Generell kann ee soen, datt d'Zuel vun den Aschreiwunge relativ héich ass. Mer sinn elo scho bei 456 Aschreiwungen an et kommen der nach all Dag eran, esou datt mer op d'mannst op déi Zuel vum leschte Joer wäerten erukommen.

Derbäi kënnt awer och, datt mer eng Rei méi Instrumenter offréieren. Zum Beispill gëtt déi akustesch Gittar ëmmer méi beléift. Do kréie mer méi Stonnen a méi Schüler. Och um Niveau vun der Harf kommen der derbäi, grad esou wéi bei der Trompett oder der Gei. Et ass och dat eent oder anert Instrument, wou et der manner sollte ginn, ewéi zum Beispill beim Contrabass. Dat ass eben esou an d'Jugend interesséiert sech méi fir dat eent wéi fir dat anert Instrument.

Wat déi individuell Coursen ugeet, esou wäerte mer do op e Maximum vun 602 Course kommen. Wat déi „commun" Coursen ugeet, do wäerte mer op 670 kommen. Do kéime mer op en Total vun 1.272 Coursen. D'lescht Joer louche mer bei 1.234. Dat heescht, datt et der e bësse méi sinn, mee et läit méi oder wéineger an der Rumm vun deem, wat mer d'lescht Joer haten.

Wéi gesot, dat hei ass eng éischt Ebauche mat dem Reglement, wourunner näischt geännert huet. Mee do kann awer de President vun der Kommissioun vun der Musekschoul nach spéider eppes soen. Mee wat d'Reglement ugeet, do bleift alles beim alen. Dat eenzegt, wat ännert un der Schoulorganisatioun sinn d'Zuelen.

John Polfer (CSV) :

Wéi gesot, dat hei ass déi provisoresch Schoulorganisatioun. Déi definitiv wäerte mer dann am Hierscht kréien. Wat ech nach wollt soen, datt ass, datt d'Konventiounen, déi mer mat den Nopeschgemenge gemaach hunn, sech positiv auswierken. Weider ass elo nach näischt dozou ze soen, well et jo déi provisoresch Schoulorganisatioun ass.

Carlo Gira (CSV) :

Meng Fro geet an déi Richtung, déi den Här Polfer ugeschnidden huet, an zwar op d'Konventioune mat de Gemengen Dippech a Kënzeg. Wierken déi Zuele sech op d'Musekschoul aus?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Generell gëtt gesot, dat géif sech no uewen auswierken. Ech hu gëschter nach nogefrot, well ech mer geduecht hunn, datt dës Fro géif gestallt ginn. Fir dat genee ze kucken, muss een nach all eenzel Instruktioun aginn. Déi Saisie muss nach gemaach ginn, esou datt nach keng definitiv Zuele virleien. Mee mer kënnen dat awer mat Sécherheet de 17. September noreechen. Da kënne mer iech soen, wéivill Schüler aus deenen eenzelne Gemenge bei eis an d'Musekschoul kommen. Dat huet jo och eng Auswierkung op de Budget 2008.

Norbert Pierre (LSAP):

Bei der Organisatioun, do stinn d'Stonnen déi gemaach ginn. Huet dat e praktesche Wäert firwat dat a Minutten hannendru steet. Gëtt dat verlaangt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Jo, de Ministère verlaangt dat. E Cours ass jo och net e Cours. Et sinn der, déi hunn 30 oder 45 Minutten oder vun enger Stonn. Déi Minutte spillen och eng Roll wa mer Leit engagéiere fir ze wëssen, wéi den Aarbechtskontrakt ausgesäit. Dat do si Formulaire wéi mer se vum Ministère kréien a wéi mer se mussen eraginn.

Accord à l'unanimité.

12.1.

Sports et loisirs.

Construction d'un hall polyvalent à Rodange et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation d'un devis actualisé et des plans adaptés – décisions.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Vun eisem „Hall polyvalent" hu mer jo och schonn d'éinescht geschwat. Hei musse mer elo iwwer en aktualiséierten Devis schwätzen an iwwer adaptéiert Pläng. Do si verschidden Ännerunge komm.

Wa mer zeréckdenken, da gesi mer, datt den 9. September 2002 den definitive Projet fir déi Sportshal gestëmmt ginn ass. Haut musse mer dat Ganzt nach eng Kéier e bësse revidéieren a kucken, wéi d'Deierecht sech an deene 5 Joer entwéckelt huet, esou datt mer do mussen eis Zuelen adaptéieren. Et sinn och verschidden Ännerungen am Gebai selwer komm. Dir hutt och an ären Ënnerlagen d'Zuele vun all deem, wat am „Hall polyvalent" geännert ginn ass. Do gesidd der déi Méiwäert, dee rout agezeechent ass. Déi Saachen, déi ewechgeholl oder net esou ausgefouert goufen ewéi virgesinn, hu mer giel ugezeechent.

Op de Pläng, déi hannendru leien, gesidd der méi detailléiert vum Keller bis erop alleguer d'Modifikatiounen, déi mer gemaach hunn. Vu baussen eran hu mer eng extra Trap vum Terrain aus gebaut fir d'Spiller vum Fussball. Mer hu Fënstere bäigebaut am Fitness-Saal, dat e polyvalente Raum gëtt. Dëse Raum kritt och Parquet op de Buedem fir datt een do verschidden Aktivitéite ka maachen. Am Gank ënne si falsch Plafongen agezu ginn, an den Trapenhaiser goufe Plättercher geluecht an et ass en Ustrach virgesinn, deen ufanks net am „cahier de charges" war.

Wa mer elo op de Rez-de-chaussée ginn, dann hu mer do och Ännerungen. Mer hu falsch Plafongen a cloisonnéiert

Dieren. Am Trapenhaus hu mer Fënsteren an och en Ustrach virgesinn, well ufanks waren do keng Fënstere virgesinn, mee mer waren awer der Meenung, datt der dohinner gehéiere well et do hell soll sinn. Et gëtt och nach op deem Stack eng zousätzlech Toilette fir behënnert Leit ageriicht.

Um éischte Stack kommen och nach Modifikatiounen, déi och schonn op anere Stäck gemaach sinn. Da kënnt méi eng gréisser Modifikatioun, déi net virgesi war. Dat ass e Passage vun de Gradinen an d'Cafeteria. Wéi mer op de Plaz waren hu mer geduecht, datt, wann emol gréisser Manifestatioune sinn, da miissten d'Leit soss d'Trapen eroflafen, duerch den Hall fir an d'Cafeteria ze goen. Et ass awer méi praktesch, wa mer do eng Passerelle maachen, esou datt d'Leit direkt kënnen eriwwer goen. Dat ass natierlech eng gréisser Ëmännerung, déi natierlech och zu Buch schléit.

Uewenop beim Büro hu mer ee ganz grousse Büro an zwee gedeelt. Mer sinn dovunner ausgaang, datt jo méi Sportsveräiner do wëllen eng Versammlung maachen. An esou kënnen zwou Associatiounen do gemeinsam eng Reunioun organiséieren ouni datt een deen anere stéiert.

Et sinn och nach extra Lokaler fir Reserve gemaach ginn. Och uewen an der Buvette. Dat war och net esou virgesinn. Plättercher ginn och vun ënnen erop, dat heescht vum Rez-de-chaussée op den éischte Stack. Do sollt och nëmme Sichtbeton hikommen. Dat ass net grad esou ideal. Och vun der Astandhaltung a vun der Propretéit hu mer geduecht, et wier besser, iwwerall Plättercher ze hunn.

Mer hunn och natierlech missen en „passe-plats coupe-feu“ maache well mer jo do eng Kichen – och wann et keng professionell ass – hunn. Wa Veräiner wëllen eppes feieren, da kënnen awer kleng Platen zerwéiert ginn. Natierlech huet d'Trap dunn och nach missen eng zousätzlech Fënster kréien. Elo hu mer dat ganzt Trapenhaus vun uewe bis ënnen hell, net datt all Kéier mussen d'Luuchten ugemaach ginn. Ech fannen, datt dat och aus Sécherheetsgrënn méi einfach ass wann alles hell ass. Och d'Buvette sollt am Sichtbeton gelooss ginn. Mär hunn awer gemengt, datt dat net géif gutt ausgesinn. Et war esou däischter a gro. Eng Buvette an enger Sportshal soll frëndlech a peppeg sinn, an dofir hu mer och hei en Ustrach virgesinn.

Natierlech, wann een elo déi ganz Punkte kuckt, déi ech hei opgezielt hunn, dann ass dat schonn eng gréisser Saach, déi e bësse méi zu Buch schléit. Wann der op der Säit 199 ënne kuckt, wou déi ganz extra Käschten zesummegefaasst sinn an dat Ganzt sech op 437.194,05 € beleeft, da sinn do awer integral mat dran: d'Honoraire vun de „Bureau-d'étuden“ an den Akaf vum Botzequipement. Do hu mer dann och schonn eng gréisser Maschinn mat ageplangt fir d'Hal ënnenof ze botzen, eng méi kleng fir d'Buvette ze maachen. Och d'Chariote sinn all scho virgesi fir déi Hal propper ze halen. No dësen Erklärunge géif ech iech bieden, dat hei ze stëmmen. Déi Hal soll jo fit si fir datt mer kënne fir d'Rentrée 2007/2008 eis Kanner dran turne loossen an och eise Veräiner se zur Verfügung stellen.

Déi ganz Délibératioun ass agedeelt a verschidde Punkten. Beim éischte Punkt géife mer stëmmen, datt mer averstane wiere mat deenen zousätzlechen Aarbechten, mat dem Devis vun deenen Aarbechten an och mat deenen ugepasstene Pläng.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et kann een effektiv soen, datt de Präis am Verglach zu deem, wat déi Sportshal sollt kaschten, ëm 10% eropgeet. D'Halschent dovunner, also 5%, geet drop zeréck, datt d'Devisen am Joer 2002 ausgestallt an eréischt am Joer 2006 ausgefouert goufen. Dat ass eng ganz normal Saach wéinst der Deierecht vun de Präisser.

Déi aner Halschent ass drop zeréckzefëieren, datt mer verschidden Ännerunge gemaach hunn, déi eis wichteg ware fir datt déi Sportshal awer dee Cachet an déi Ausstattung kritt, déi mer eis virgestallt haten. Wou ech entsat war, wéi ech dat fir d'éischt héieren hunn, dat war, datt an den Trapen nëmme Sichtbeton am Bordereau virgesi war, wougéint fir de Rescht Plättercher virgesi waren. Dat huet mech gewonnert, mee dat war esou. Och, datt keen Ustrach sollt gemaach ginn. Mee dat war am Bordereau esou virgesinn an et muss ee soen, datt eis Techniker sech an Zukunft nach méi intensiv ëm d'Bordereaue këmmere mussen an eis op esou Saachen opmierksam maachen. Dat si ganz grouss Dossieren, et ass och kloer, datt de Politiker déi net all duerchkucke kann. Mee et schéngt mer awer kloer ze sinn, datt mer dat nach musse méi am Detail kucken.

Roger Klein (LSAP):

D'Madame Conter huet eis elo eng ganz Rei vun Adaptatiounen a Modifikatioune virgeluecht an se huet mech och zesumme mat dem Buergermeeschter iwwerzeegt, datt déi alleguer sënnvoll an esouguer néideg sinn. Dat Eenzegt, wat ech dobäi bedaueren, dat ass, datt mer elo 6 Woche virun der geplangter Ouverture vun dem 'Hall polyvalent' sinn, an ech frou gewiescht wier, wa mer déi Adaptatioune méi fréi virgeluecht krut hätten. Well ech gi jo dovunner aus, datt de Gros vun de Modifikatiounen an Adaptatioune gemaach sinn respektiv, datt d'Commande eraus ass fir se ze maachen. Den Devis, esou wéi dat hei steet, läit jo awer iwwer 160.000 €. Esou kënne mer jo dat praktesch nëmmen zur Kenntnis huelen, datt dat gemaach gouf.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn iech Recht, et hätt een et éischter kéinte bréngen, mee et ass awer och esou, datt dat do minimal Modifikatioune si wa mer vu 5% vun engem Devis schwätzen. Mer hunn et misse chiffréiert kréien a wollten net all Kéier fir 2.000 € an de Gemengerot kommen. Mer hunn eréischt virun engem gudde Mount déi Chiffere krut a wollten nëmmen eng Kéier mam Dossier an de Gemengerot komme fir de Projet global ze presentéieren. Wann et elo eppes gewiescht wier, wat 30, 40 oder 50% vum Devis ausgemaach hätt, dann hätt een natierlech missen éischter an de Gemengerot kommen. Mee hei sinn et awer minimal Saachen, ob ee Plättercher leet oder net, ech ka mer net virstellen, datt dat d'Welt wesentlech verännert. Mee mer hunn d'Noriicht eréischt den 14. Juli krut.

Et ass kloer, datt mer net frou driwwer sinn ewéi dëse Schantjen hei gelaf ass. Mer hunn hinnen och Mise-en-demeureë geschéckt fir se opmierksam drop ze maachen, datt hir Aarbechtsweis eis net géif gefalen. An et ass een awer zum Deel vun hinnen ofhängeg, well wann ee keng Chifferen huet, da kann een och hei keng presentéieren. Mer waren awer der Meenung, datt et muss gemaach ginn. Mer hätte kënne bis haut waarden an dann hätte mer haut eréischt eng Entscheedung getraff. Da wier et vun elo un eréischt ugelaf an da wiere mer bestëmmt den 15. September net fäerdeg gewiescht. Dat et net 100-prozenteg an der Rei ass, domat ginn ech iech Recht.

Guy Brecht (LSAP):

Här Buergermeeschter, wann där dem Här Klein Recht gitt, da muss ech him och Recht ginn. Meng Fro ass och an déi Richtung gaangen. Meng zweet Fro betrëfft dat Schreiwes vum Här Fusenig. Dat heescht, et gëtt also kee Subsid fir déi Hausse do.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Fir déi 300.000 € kann ech mer net virstellen, datt et e Subsid gëtt. Mee et

muss een oppassen. Dat hei seet dat net aus. Et bezitt sech op déi Héichung vum Devis vun 336.000 €, dee mer hei am Gemengerot schonn den 17. Dezember 2004 gestëmmt hunn a wou et ëm déi „basse énergie“ geet. Do kréie mer kee Subsid vum Sportministère, mee mer kréien e vum Ëmweltministère. Fir dat hei musse mer ufroen, an ech si mer och net sécher, ob mer eppes kréien. Ech sinn awer der Meenung, datt dee Chiffer, wou mer elo driwwer ginn, ze vertrieden ass. 10% bei esou engem grousse Projet kann ee vertriede wann ee weess, datt 5% dovunner op d'Deierecht vun de Präisser zeréckgi well den Devis jo scho viru 5 Joer gestëmmt gouf a mer net op d'Präisser awierke kënnen. Déi 5%, déi mer fir d'Ännerunge brauchen, waren awer wichteg fir eis aus dem Schäfferot a leie jo och nach an enger Rumm, déi ze vertrieden ass. Obwuel een se natierlech am beschten évitéiert.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer wäerte jo awer och e Raum hu fir d'Leit, wou se hir Biischte kënnen histellen. Et ass wuel eng Remise virgesinn, mee net datt déi fir de Fussball ass. Um Rez-de-chaussée ass eng, mee uewendriwwer ass keng. Net datt et geet wéi zu Rolleng am Centre de loisirs, wou mer mussen zwou Toiletten zouspäre fir d'Saachen ënner ze kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Nieft der Trap ass eng Remise um éischte Stack. Kuckt emol op ärem Plang. Wann der aus dem Lift kommt, da gitt der lénks. Do ass eng Remise.

Jeannot Linden (LSAP):

An déi ass fir d'Botzpersonal?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

An et muss een och wëssen, datt mer hei e Lift dran hu fir mat dem Material erop an erof ze fueren.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi aner Saach hutt där, Här Buergermeeschter, jo elo scho laang erkläert. Wann ech déi Säit vun der Presentatioun kucke mat deene Saachen, déi ewech geholl goufen, da muss ech soen, et gouf propper gemaach. Dat kann ee wierklech suivéieren. Ass dat vun eise Leit gemaach ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Jo, dat ass vun eise Leit gemaach ginn. Mer halen drop, datt mer all Moment, wann eng Ännerung ass, dat an de Schäfferot kréien, an all Kéier en neie Solde gemaach gëtt. Dat Eenzegt, wat mer net haten, dat war déi Deierecht, déi jo duerch déi gewossten Ëmstänn koum ass. Mee dat hei ass vun eise Leit gemaach ginn op déi Donnéeën hin, déi mer kritt hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann ech déi Pläng kucken, dann hunn ech och d'Impressioun wéi wann et eis Pläng wieren an net déi vum Entrepreneur oder vum Architekt. Mee d'Supplemente vun hinne stinn awer dobäi. Déi ginn awer agesäckelt. Kann een do näischt maachen a soen, datt se do e Feeler gemaach hunn. Well da baue mer e Fitness-Raum an et ass kee Buedem virgesi fir dran ze maachen. Oder sollten déi um Beton trainéieren?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat sollt alles am Sichtbeton sinn. A well mer och geduecht hunn, datt et onméiglech ass fir um Sichtbeton gewëssen Aktivitéiten ze maache si mer dohinner gaange fir Holzbuedem do ze leeën.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech fannen dat richteg. Mee wann ech als Architekt weess, datt do Fitness gemaach gëtt, da kann ech dach kee Beton dohinner maachen. Do mécht een eppes wat fiedert.

Guy Brecht (LSAP):

Den Ustrach och, deen däerf dach net vergiess ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Wat den Ustrach ugeet, do wollten si alles am Sichtbeton loosse well dat elo ganz vill gemaach gëtt. Mee et muss een awer och soen, datt de Sichtbeton awer eng Saach vun der Appréciatioun ass. A wann der d'Trapen och am Sichtbeton hutt an och nach keng Fënster dran ass, da mengt ee jo, et géing een an de Keller. Dofir si jo och nach d'Fënsteren an d'Plättercher derbäi komm.

Roland Breyer, Schäffen :

Duerno kréie mer ëmmer gesot, datt mer dat hätte miisste gesinn. Mer kréie jo normalerweis en Avant-projet an duerno en defintive Projet. Mee et ass een net esou technesch begaabt, datt een alles erausfënnt ob eppes virgesinn ass oder net. Dofir géif ech virschloen, datt mer et an nächster Zäit esou maache wéi all Bierger, deen en Haus oder en Appartement keeft. Dee kritt jo e Bordereau an do steet dran, wat gemaach gëtt a wat net. Do gesäit ee wat um Buedem läit, ob den Ustrach dran ass oder net. Mer sollen dat och hei verlaangen, esou datt de Gemengerot och kann novollzéie wat an deem Ganze virgesinn ass. An net, datt e muss en Techniker bei Hand hunn. Da falen déi Iwwerraschungen ewech. Esou kéint een dat vill méi verständlech opbauen. Bei neie Saache solle mer kucke fir esou en Heft derbäi ze kréien.

Norbert Pierre (LSAP):

Mer hu jo en techneschen Service. Si sollen dem Schäfferot an och dem Gemengerot Rotschléi ginn. Dofir sinn se jo do. Si sollen och opmierksam drop maachen, wa Saachen net dra sinn. Mer wëssen jo all wéi et leeft, well mer jo schonn alleguer op d'Nues getrëppelt goufen. Et heescht ëmmer, datt et net méi deier gëtt an duerno kascht et awer méi deier an den Architekt stécht awer seng Prozenter an d'Täsch. Do si Saachen, do misst een einfach eng Kéier e Stréch zéien a soen, datt de Bordereau esou an esou vill ass, a fir dat, wat vergiess gouf, et näischt méi gëtt. Mee do ass keng gesetzlech Basis dofir do. Wann där oder ech en Haus baut, ech weess, datt en Ustrach muss dra sinn an ech net an d'Gipsewänn sëtze ginn. Dat ass awer jidderengem seng Iddi.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Jo, et ass jidderengem seng Iddi op e gären um Sichtbeton sëtzt oder net. An elo hu mer dann ugestrach.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Zu deem wat de Jeannot sot, hei nach eng kleng Bemierkung. Et sinn dem Weisgerber seng Pläng, dat steet derbäi. Ech war och an déi Hal kucken an all déi Ännerungen hei a Supplementen sinn doduerch koum, datt d'Politiker dës Mängel festgestallt hunn. Et ass traureg, datt bei esou engem Projet, wou esou vill Honoraire bezuelt ginn, d'Politiker mussen déi Ännerunge virhuelen ouni datt en Architekt an och eis Leit dat wierklech gesinn. Et kann een net als Architekt soen, datt op enger bestëmmter Plaz Sichtbeton hikënnt an den Elektriker awer dann Zuelen drop geschriwwen oder Karoe gemoolt huet. Dann ass et kee Sichtbeton méi, mee eng Ausstellung.

Mär hätten eis alleguer duerno geiergert, wa mer op d'Ouverture komm wieren. Dofir huet de Schäfferot zesumme mat de Leit gekuckt an entscheet fir Ännerungen ze maachen, esou datt et duerno och esou ausgesäit wéi et soll sinn. Dee Supplement, dee mer lo stëmmen, muss si fir datt de Projet och fäerdeg gëtt. Dat Eenzegt, wat ech zwar bedaueren, dat ass, datt den Architekt net un den direkten Zougang vun de Gradinen an d'Buvette geduecht huet.

Et ass jo och déi gréisst Ausgab hei. Mee anescht wier et jo „la folie“, well wann een an der Buvette sëtzt, da muss een nees zeréck bis bal bei de Kiosk, ënnen erduerch an dann d'Trapen erop fir an de Lift, an da sëtzt de schlussendlech 3 Meter vun do, wou s de och op de Gradine souz. Do ass net iwwerluecht ginn. Mee et gëtt awer elo eng besser Saach wann dat esou ëmgeännert gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif dann dovunner ausgoen, datt déi Ronn fäerdeg ass, wann och mat Bedauere vun eis all. Mee wa mer dat do elo maachen, dann hu mer eng Sportshal, wou mer och ouni Regret draginn an e Projet, deen sech weise léisst.

Accord avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 5 abstentions (LSAP).

12.2.

Sports et loisirs.

Construction d'un hall polyvalent à Rodange et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange : vote d'un crédit supplémentaire – décision.

Accord avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 5 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Mer hunn eis am September 2002 dobäi enthalen a mer bleiwen an däer selwechter Linn.

13.1.

Vie associative.

Association des Classes de Neige de la Commune de Pétange: admission des sociétés à subventionner - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der wësst, datt et eng Traditioun bei eis ass fir d'Subside fir d'Veräiner ze stëmmen. Mer hunn hei d'Subside virleien an der gesidd, datt mer en Total hu vun 107.898,98 €. Laut eisem Reglement, ronn 36% vun deene Subsiden als fix Subsiden ausbezuelen ginn, 26% fir d'Aktivitéiten, 17% opgronn vun der Jugendaarbecht, an da bleiwen nach 4,6% fir méi kleng Saache wéi gréisser Manifestatiounen oder d'Participatioun un gréisser Veranstaltungen ewéi den Nationalfeierdag oder de Commemoratiounsdag. Bei Anniversairen, wéi mer der eng Rei haten am Laf vun dësem Joer, ginn 3,26% ausbezuelt. A fir sportlech Leeschtunge sinn et 3,6%. Dee gréissten Deel geet awer iwwer de fixe Subsid, d'Aktivitéiten an d'Jugendaarbecht.

Mer hunn awer e puer Entscheedungen, déi mer am Virfeld treffe wëllen. Engersäits wëlle mer d''Association des classes de neige', déi sech drëm këmmert, wann d'Kanner an de Wantersport ginn, op eis Subsidelëscht opzehuelen. Si hunn eis gesot, datt se Problemer hu fir hir normal Ausgaben, déi si als Asbl hunn, ze decke well se keng Recetten hunn. A well d'Revenuen, déi se vun der Gemeng kréien, direkt un dat gebonne sinn, wat se musse bezuele fir an de Wantersport ze goen, hätten se gären e Subsid fir déi administrativ Ausgaben ze decken. De Schäfferot schléit vir, hinnen 75 € als Basissubsid ze ginn. Et muss ee kucken, ob een hinnen net kann an Zukunft en anere Subsid ginn. Mee ech géif och mengen, datt se mat 75 € hir administrativ Ausgaben ofgedeckt kréien.

Op däer aner Säit hu mer de South Side Péiteng, de Basketsveräin, deen d'lescht Joer opgeholl gouf an deen och dunn 75 € als Basissubsid krut, esou wéi dat an eisem Reglement steet. Wéinst senger Aktivitéit an deem Joer soll en elo definitiv an eis Lëscht opgeholl ginn. Mer proposéieren iech, hinnen och wéi deenen anere Sportveräiner e Basissubsid vu 500 € zoukommen ze loossen.

Dann hu mer och nach aner Veräiner, bei deene mer mengen, datt se net méi onbedéngt miissten déi 250 € Basissubsid kréien. An zwar doduerch, well se net méi déi Aktivitéit hunn, déi ee vun engem Veräin erwaart. Dat ass de Schiveräin 'La Gamelle'. Mer wollten se net komplett erofhuelen an hinnen och weiderhin e fixe Subsid vu 75 € ginn, esou datt se nach weider op eiser Lëscht stinn an och nach weiderhi Gebrauch kënne maache vun eisen Infrastrukturen. Mee mer sinn awer der Meenung, datt 250 € e bësse vill ass fir déi Aktivitéiten, déi de Veräin huet.

De Photoclub Rodange-Lamadelaine gëtt et jo net méi, dat sinn also 250 € fixe Subsid, dee mer och manner hunn ewéi déi Joere virdrun.

Wann een dat Ganzt kuckt, da stëmmt dat mat dem Reglement iwwereneen, dat mer eis den 27. Juli 2001 ginn haten. Opgronn vun de Critèren, déi mer deemools festgeluecht hunn, wäerte mer dann och weiderhin eis Veräiner ënnerstëtzen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech mengen, datt mer beim Punkt 13.1. mussen averstane si well et e Veräin ass, dee ganz vill Aarbecht leescht am Interesse vun eise Kanner.

Beim 13.2. sinn ech frou, datt der Meenung vun der Sportskommissioun Rechnung gedroe gëtt, déi dat näämlech virgeschloen hat. Et ass normal, datt e Club wéi de Basket, deen esou eng gutt Struktur huet an deen och schonn direkt am éischte Joer e ganzt gutt Resultat opzeweisen huet, 500 € zougesprach kritt. Dat fannen ech nëmme gutt.

Et ass natierlech ëmmer haart fir engem Veräin eppes ewech ze huelen, mee ech maache scho joerelaang opmierksam drop, datt de Schiveräin 'La Gamelle' net vill Aktivitéiten op Gemengenniveau huet. An dofir ass et och a mengen Aen net méi wéi normal fir se op 75 € erofzesetzen.

Där hutt et scho gesot, Här Buergermeeschter, 107.898,98 € ass eng schéin Zomm, déi eise Veräiner zoukomme gelooss gëtt. Ech hoffen, datt d'Veräiner dat och schätzen. Ganz frou sinn ech och doriwwer, datt vill Avisen a Propositioune vun der Sportsommissioun ugeholl goufen. Et wäert den Här Welter och freeë fir ze héieren, datt et an der Sportskommissioun eng ganz gutt Zesummenaarbecht gëtt. Dat wollt ech dëst Joer awer soen.

Ech hu mer awer nach déi eng oder aner Saach erausgeschriwwen. Zu Rodange ass de Veräin 'Broderies sans frontières', deen esou Strécksaache mécht a wou d'Memberen sech all Woch eng Kéier treffen. Der wësst awer och, datt dëse Veräin all Joer eng Kéier en Hobbymaart organiséiert fir e gudden Zweck. Dat ass eng ganz gutt Saach, an ech mengen, dat misst een e bësse méi schätzen. Wann een enger Organisatioun ewéi den 'Télévie' – wat natierlech och eng ganz gutt Saach ass – 2.500 € gëtt, da kéint een dëse Veräin, deen am selwechte Sënn, mee am klengen, schafft, och e bëssen héichen.

Wat d'Rappdeckelen ugeet, do sinn ech frou datt der äert Versprieche gehalen hutt. Se ginn all Joer an d'Luucht a sinn elo nach just 50 € vun dem 'Cercle dramatique' ewech. Ech huelen un, datt dat am nächste Joer gläichgestallt ass.

Dann hunn ech och nach eppes iwwer d'Museken ze soen. Do gesinn ech eng Differenz tëscht der Péitenger an der Rodanger Musek. Ech huele jo net un, datt dat mat deene Jugendlechen ze doen huet an datt et do en „double emploi“ gëtt. Well d'Jugendmuseke kréie jo scho fir hir Jugend e Subsid an net, datt déi grouss Musek och nach eng Kéier déi selwecht Jugendlech

ugëtt. Ech huele jo net un, datt déi Differenz vun do kënnt.

D'Majorette kréien hire Subsid nach. Kréien se deen och, wann se keng Generalversammlung ofhalen ? Ech kann dat mat der Generalversammlung net novollzéien, mee de Schäfferot ass do vläicht besser informéiert. Mär kréien net vun all Veräin eng Invitatioun fir op d'Generalversammlung ze goen. Mee hunn déi Veräiner, déi op der Subsidelëscht stinn, eng Generalersammlung all Joer ? Dat weess ech net.

Wat och eng Fuerderung vun der Sportskommissioun war, dat ass d'Héichung vum Subsid fir d'Union cycliste Péiteng. An zwar well se d'Organisatioun vum 1. Januar an och den Cyclo-Cross organiséieren.

Da kommen ech zum leschte Punkt. Dozou wëll ech soen, datt ech mech dëst Joer wäert hidden eppes géint e Syndicat ze soen nodeems ech e Bréif vun engem Affekot krut, wou dra steet, datt ech mech hei miisst entschëllege beim Rodanger Syndicat d'initiative. An dat an enger Sëtzung, wou d'Subsiden op der Dagesuerdnung stinn. An ech soen hei kloer an däitlech, datt ech dat wäert maachen. Ech hunn deemools eng Interventioun gemaach an ech hunn och eng Äntwert vum Buergereeschter kritt.

Eng aner Saach och nach, déi all Joer erëmkënnt. Den Interesseveräi Lamaeaine ass net gehuewe ginn op den Niveau vun deenen zwee Syndicaten. Dat froen ech och all Joer erëm. Ech kennen d'Äntwert och schonn, mee ech wollt dat nach eng Kéier soen.

Ech soen och all Joer, datt d'Sportveräiner, déi Sue kréie fir an hir Jugendaarbecht ze investéieren, dat och maachen. An dat ass och 100-prozenteg ze begréissen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif iech e puer Äntwerte ginn op är Froen, esou wäit mer dat hei méiglech ass. Wat d''Broderies sans frontières' ugeet, do ginn ech iech Recht, datt se eng grouss Aktivitéit hunn. Et hält eis hei am Gemengerot jo näischt dovunner of fir hinnen eng Kéier, opgronn vun engem Devis eng Entscheedung zu huelen an hinnen eng Subventioun zur Verfügung ze stellen. Do musse een awer derbäi soen, datt en Devis an e genaue Programm muss eragereecht ginn. An da kann de Gemengerot entscheede fir hinnen do eppes bäizeteieren an och e Scheck z'iwwerreeche wéi mer dat och beim 'Télévie' gemaach hunn. Mee dat ass eng individuell Entscheedung an et soll een net am Kader vun den nomale Subsiden e Betrag bäiginn. Dat selwecht maache mer och beim Photoclub Péiteng, déi jo de Jugendconcours fir d'Photoen organiséieren. Se ginn eis dat separat era mat engem Devis, mat engem definitiven Dekont. An doropshin entscheet de Gemengerot ob en dem Veräin eng Subventioun gëtt oder net. An dat soll een och bei 'Broderies sans frontières' esou maachen.

Wat d'Jugendmuseken ugeet, do huet ee verschidde Systemer. Déi eng Musek huet alles an engem Domaine – dat ass Rolleng. Déi Rodanger Musek huet eng Jugend- an eng grouss Musek, wou all déi Jugenlech an der Jugendmusek spillen. An dann huet een déi Péitenger Musek, wou eng Rei Jugendlecher an der Jugendmusek spillen an aner Jonker, déi nach den Alter net erreecht hunn, mee just nach an der grousser Musek spillen. An déi mellen déi eng an der Jugendmusek un an déi aner an der grousser Musek. Mer sollen eis awer eng Kéier Gedanken driwwer maachen an eis mat de Museken zesummesetzen fir ze kucken, wéi een dat um Niveau vun de Subside ka regelen. Dat wat elo do virläit ass richteg, et si keng Leit, déi duebel dropstinn. Dat ass gekläert.

Wat d'Generalversammlunge vun de Majorette ugeet, esou muss ech soen, datt mer am Prinzip net an eisem Reglement stoen hunn, datt ee misst eng Generalversammlung ofhale fir e Subsid ze kréien. Mee d'Majoretten haten elo 3 Joer hannerenee keng. Ufanks wollte mer de Subsid ganz sträichen, mee du hu mer geduecht, se wéissten dat awer vläicht net. Mee mer sinn awer der Meenung, mer miissten hinne soen, datt se eng Generalersammlung musse maache fir datt mer och emol gesinn, wat mat deene Sue geschitt. Et geet net nëmmen duer, mee mer mussen och emol e Bilan kréien. Dofir hu mer gesot, datt si elo sollten eng Generalversammlung organiséiere fir gewuer ze ginn, ob déi Suen och fir déi Zwecker gebraucht goufen, fir déi se bezuelt goufen. Ech mengen, de Gemengerot huet e Recht, dat ze wëssen. An ech mengen, no 3 Joer, wier et un der Zäit, an dofir wollte mer hinnen de Message ginn. Et sinn däer awer nach, a mer wëllen déi Saach propper kréien.

Wat den Interesseveräin ugeet, esou si mer eis net eens. Si maache ganz gutt Aarbecht, do gëtt et guer keng Diskussioun. Mee se maachen nëmmen eng spezifesch Aarbecht. Am Verglach dozou sinn déi zwee Syndicaten awer d'ganzt Joer iwwer amgaang polyvalent Aktivitéiten ze organiséieren. Den Interesseveräi wäert awer an nächster Zukunft eng weider Aarbecht maache fir déi se och e Spezialsubsid kréien. Do komme mer nach eng Kéier drop zeréck. Et ass um Punkt fir an de Gemengerot ze kommen, esou datt mer och e Spezialubsid fir déi Konstruktioun musse gutteeschen. Mer hunn eis engagéiert fir dat ze maachen. D'Differenz ass jo awer minimal. Hei schéngt awer eppes net ze stëmme well dee Rodanger Syndicat hätt dach sollen e Spezialsubsid kréie fir hire 50. Anniversaire. Dee schéngt mer net hei dran ze sinn.

Ech géif awer mengen, datt d'Differenz ze vertrieden ass wéinst der Diversitéit vun den Aktivitéiten, déi d'Syndicaten awer ubidden.

Roland Breyer, Schäffen :

Wann ech ganz neutral kucken, da fannen ech, datt d'Syndicaten net genuch kréie géintiwwer vun engem Interesseveräin. Grad well d'Syndicaten net nëmmen op engem touristesche Gebitt oder dem Ënnerhalt vun de Spazéierweeër – déi och nach deelweis mat der Ënnerstëtzung vum Tourismusministère lafen a wou de Mérite och deelweis op de gudde Relatioune vum Interesseveräi mat dësem Ministère berout. A mär ënnerstëtzen dat awer nach d'ganzt Joer iwwer.

Wa mer d'Syndicate kucken, déi hunn eng kulturell, Fräizäit-, touristesch, commemorativ an eng edukativ Missioun. Doriwwer eraus sinn se „mandataire" vun der Gemeng fir Organisatiounen am Numm vun der Gemeng op d'Been ze setzen. Se hunn all déi Sparten, déi den Interesseveräin net huet. An dofir miisst e Syndicat d'initiative dräimol méi kréien, mee ech hu mech domadden nach net kënnen duerchsetzen. Där hutt et scho fäerdegbruecht, den Interesseveräin un den Niveau vun de Syndicaten erunzebréngen. Ech wäert mech an Zukunft nees beméie fir datt d'Syndicaten dem Interesseveräin erëm eng Kéier fortlafen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech schléisse mech den Interventioune vu mengem Virriedner un. Dat Eenzegt, wou ech wollt froen, dat ass, datt mer 'La Gamelle' elo erofsetzen op 75 €. Mer stëmmen d'Subside vum leschte Joer a se stinn elo schonn do mat 75 €. Ech hunn esou verstanen, datt se dat anert Joer dat kréien, wat mer elo stëmmen.

Roland Breyer, Schäffen :

Hei ass de Subsid, deen se kréie fir hir Aktivitéiten aus dem Joer 2006-2007.

Jeannot Linden (LSAP):

Mär stëmmen awer elo, well se jo keng méi hunn, datt se 75 € kréien obwuel mer se erofsetzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Beim éischte Vote huele mer se erof op 75 €.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat mer opfält, dat ass eben, datt verschidde Veräiner méi an anerer manner kréien. Wann ech de Gesamtchiffer kucken a mat deem vum leschte Joer vergläichen, da kréie mer eng Differenz vun 363 €. Dat sinn 0,33%.

Mer hu verschidden nei Associaiounen ewéi zum Beispill d'Eltereereenegung vum LTMA, d''Main tendue', d''Amicale Albert Ungeheuer'. Do schéngt et mer, wéi wann eng ganz Partie keng Demande eraginn hätten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass jo esou, datt all déi, déi nei dropkommen, hei gestëmmt musse ginn. Dofir huele mer jo elo d''Association des classes de neige' drop. 'La Main tendue' war d'lescht Joer schonn drop.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wëll jo just soen, datt d''Ligue luxembourgeoise des invalides et invalides mutilés de guerre', d'lescht Joer 75 € haten, mee dëst Joer sinn se net méi op der Lëscht.

Roland Breyer, Schäffen :

Mat den Demande musse mer och nokucken, well dat ass och net ganz kloer, wou mer Cotisatioune bezuelen. Heiansdo geet et duer, datt de Veräin eis eng Memberskaart eraschéckt a mer déi bezuelen. Déi ginn emol keng Demande fir e Subsid eran. Bei der Ligue ass et esou, datt se amgaang sinn sech opzeléisen. Dofir hunn déi keng Memberskaart méi geschéckt. Mer miisste vläicht kucken, ob et déi Veräiner nach ginn oder ob dat en Automatismus ass. Oder ass et vläicht nëmmen nach en 1-Mann-Betrib, deen eng Cotisatioun ausstellt a mär iwwerweisen se. Do solle mer awer vläicht méi genee Eenzelheeten ufroen.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi 'Assocation de Cultures et d'Entraides Bantoues', déi haten och d'lescht Joer 75 €, mee se sinn dëst Joer guer net derbäi.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi hu guer keng Demande gemaach. Am Reglement hu mer jo och stoen, datt, wann een 3 Joer laang hannerenee keng Demande eragëtt, ee vun der Lëscht gestrach gëtt. Mer hunn awer zum Beispill Veräiner, déi dëst Joer keng Demande gemaach, hu mee d'lescht Joer awer, an déi stinn drop. Ëmgedréint, e Veräin, deen d'lescht Joer keng Demande gemaach huet an dëst Joer eng eragereecht huet, dee steet drop.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hat mer d'Méi gemaach fir ze kucken, wat sech an der Lëscht géintiwwer vum leschte Joer geännert huet. Wat d'Subsiden ugeet, do leie mer gutt. Et sinn net vill Gemengen, déi op dee Chiffer vun 107.000 € kommen. Dat ass jo net wéineg. Do si jo och nach Saache wéi de Proufsall an esou weider derbäi.

Roger Klein (LSAP):

Et ass mer just opgefall, datt mer virun e puer Méint gesot haten, mer géifen aus der 'Entente touristique du Sud' erausgoen, well déi d'Cotisatioun vun 250 op 2.500 € eropgesat haten. Elo gesinn ech, datt d'Cotisatioun 2006 hei steet. Ass dat retroaktiv gehéicht ginn a mer mussen déi Cotisatioun awer nach bezuelen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt mer 2006 wéi laang gefrot hu se sollten eis weisen, wou si déi Cotisatioun esou héich eropgesat hunn. Mer wollten eng Décisioun aus der Generalversammlung. Déi Entscheedung hu mer net krut an dofir hu mer dat och net op d'Dagesuerdnung gesat. Well et eis awer no enger Zäitche geschéngt huet eng gelunge Geschicht ze sinn, hu mer gesot, mer géifen erausgoen. An do si mer jo am Februar/Mäerz 2007 erausgaang. Elo hu se eis awer d'Décisioun geschéckt. Mer hunn awer gemengt, mer sollten déi Cotisatioun bezuelen, well mer jo nach dra waren am Joer 2006. Mer hate jo och nach Vertrieder dran. Mee fir 2007 bezuele mer näischt méi.

Roger Klein (LSAP):

Wéi kënnt et dann, datt mer e Vertrieder dran haten, deen net weess, ob eng Décisioun getraff gouf oder net ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dee war an däer Generalversammlung net do. Mee mer sinn eis och emol guer net sécher, ob mer eng Invitatioun kruten oder net. Dat ass net méi nozevollzéien. Fir korrekt a propper ze sinn hu mer gemengt, 2006 nach ze bezuelen, well d'Generalversammlung dat do entscheet huet.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Wat den 'Télévie' ugeet, do wëll ech awer soen, datt och dee leschten Cent iwwerwise gëtt. Dat ass awer net de Fall bei de Veräiner, déi soen, se géifen eng Manifestatioun fir e gudden Zweck maachen. Se ginn e Scheck of, wou kee weess, ob dat dee ganze Betrag ass oder net. Den 'Télévie' ass eng Associatioun, déi fir dës spezifesch Veranstaltung op d'Bee gesat gëtt an dee ganze Profit gëtt iwwerwisen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass richteg. Dofir soll een och e Budget maachen an en Dekont eraginn, esou datt de Gemengerot op en individuellen Dekont hi kann entscheeden, wat geschitt. Dann huet een alles transparent um Dësch leien.

Guy Brecht (LSAP):

Et war net fir dee Veräi mat dem 'Télévie' gläichzestellen, mee just fir ze soen, datt do e Veräin ass, deen eppes fir e gudden Zweck organiséiert. Kéinte mer deem net – natierlech net an der Gréissenuerdnung wéi den 'Télévie' – mat enger klenger Zomm ënnerstëtzen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif mengen, datt mer alles op den Dësch leeën an dat duerno vu Fall zu Fall kucken.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et muss een jo och kucke wat eis technesch Servicer an deem Kader leeschten. Dat muss een och chiffréieren.

Accord à l'unanimité.

13.2.

Vie associative.

South Side, club de basketball de Pétange et Schiveräin « La Gamelle » vun der Gemeng Péiteng - changement des subsides de base - décision.

Accord avec 13 voix, M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.3.1.

Vie associative.

Octroi de subsides réguliers et spéciaux – décisions.

Accord à l'unanimité.

13.3.2.

Vie associative.

«Coin de Terre et du Foyer Pétange» - octroi d'un subside spécial – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De 'Coin de Terre et du Foyer' hu verschidden Aarbechten an hirer „cité jardinière" gemaach a froen eis elo fir en Deel vun deem Chiffer ze iwwerhuelen. Se hunn eis och eng Rechnung erageschéckt. Mär proposéieren iech, hinnen déi 1.056,85 €, déi d'Material duerstellen wat fir d'Aarbechte gebraucht gouf, als Spezialsubsid zoukommen ze loossen.

Accord à l'unanimité.

13.3.3.

Vie associative.

«Les Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange» - octroi d'un subside spécial – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do geet et drëm fir d'Kollektioun vu Photoen, déi den Här Jos Boentges gemaach huet. Hien huet während 40 Joer Photoen hei an der Gemeng gemaach, an d'Geschichtsfrënn hu fonnt, datt do interessant Saachen derbäi wieren an datt si déi gären an hirer Kollektioun hätten. Et wier schued, wann déi op eemol géife verschwannen. Dofir hunn si se kaf. A well si net genuch Suen haten, hunn se d'Gemeng gefrot, ob se net kéint e Subsid ginn an der Héicht vun dem Präis, deen si fir d'Photoe bezuelt hunn. Als Schäfferot proposéiere mär, datt dat soll gemaach gi well et awer wichteg ass fir de Patrimoine vun der Gemeng wann déi Photoen erhale bleiwen.

Guy Brecht (LSAP):

De Schäfferot ass ze félicitéieren, datt se dee Schratt gemaach hunn. 3.000 € ass en houfrege Präis, deen awer an der Rei ass. Ech hoffen och, obwuel dat am Besëtz vun de Geschichtsfrënn ass, d'Gemeng awer nach e Wuert ze soen huet doriwwer. Ech hoffen och, datt mer geschwënn esou eng Ausstellung gesinn, well do ass bestëmmt deen een oder aneren, dee muench Saache gesäit, déi e fréier erlieft huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Merci fir positiv Note. Et ass kloer - dat hu mer och mat de Geschichtsfrënn an der Konventioun festgehalen -, datt, wann d'Geschichtsfrënn sech géingen eng Kéier opléisen, da si mär als Gemeng déi, déi d'Saachen nees an de Patrimoine huelen. Fir de Moment géréiere si dat Ganzt. Si ënnerhalen alles, klasséieren et an dat ass sécherlech mat vill Aarbecht verbonne fir déi Photoen all ze sortéieren a fir ze kucken, wat et ass. Mer sinn och frou, datt Fräiwëlleger sech fonnt hu fir dat ze maachen. Well wa mär dat miissten als Verwaltung maachen, da géif dat nach wesentlech méi deier ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hunn eng Kéier festgehalen, datt et bei 25 Joer 320 € gëtt. Dat hätt ee kéinten 1.280 € schreiwen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass och richteg, mee mer wollten do eng kleng Nuance erabréngen. Hei geet et ëm 100 Joer Fussball an net ëm 100 Joer vun engem Veräin. Dat hei ass eng eemoleg Geschicht an et soll een Spezialsubsid ginn. Mer wollten et trenne fir do keng Vermëschung ze kréien.

Roland Breyer, Schäffen :

Mer haten och déi Iwwerleeung bei 50 Joer Cavalcade Péiteng gemaach.

Romain Becker (Déi Gréng):

Den Här Brecht mengt, datt 3.000 € fir 3.000 Photoen an der Rei wieren. Ech fannen dat awer e bëssen iwwerdriwwen. Sinn do Verhandlunge gelaf oder wéi ass dee Präis zustane komm ? Dat ass enorm héich. Do loossen sech d'Ierwe vum Här Boentges dat awer gutt bezuelen. Wéi huet d'Gemeng reagéiert ? Wéi hunn d'Geschichtsfrënn reagéiert ? Konnt een dee Präis net drécken ?

Roland Breyer, Schäffen :

Schonn zu Liefzäiten huet de Jos Boentges ëmmer gesot, en hätt d'Photoen do leien, mee et huet keen se gesi gehat. Mer hunn ëmmer gesot, mer wieren interesséiert fir se ze kafen. An op eemol war de Jos Boentges net gutt, do war en net méi do an do waren och ee Moment d'Photoe verschwonnen. Ech hat scho viru Joeren eng Interventioun hei am Gemengerot zu dëser Saach gemaach. Mee do war meng Relatioun mat deem Ierwen net méi gutt an hie wollt näischt méi mat der Gemeng ze doen hu well ech gesot hat, et misst een emol kucken, wat dat Ganzt wäert wier well nach keen et gesinn hat. Dofir hu mer d'Geschichtsfrënn gefrot fir Kontakt mat den Ierwen opzehuelen. Si hunn awer fonnt, datt et derwäert wier fir déi Photoen ze retten. Se wieren och an engem gudden Zoustand an et wieren der och, wou een eppes dermat kéinten ufänken. An do hu mer hinne gréng Luucht gi fir ze kafen. Si hunn d'Verhandlungen dunn an eisem Numm gefouert. An déi 3.000 € wier dee leschte Präis, dee méiglech war. An do hunn si och kaf well se jo am Fong geholl den Optrag krut hate vun der Gemeng. Mer kéinten haut soen, se kriten nëmmen e Subsid vun 2.000 €, mee mer wollte fair bleiwen an huelen un, datt d'Geschichtsfrënn gutt verhandelt hunn. Dofir stellt d'Gemeng sech och hannert si a gëtt hinnen d'Suen erëm.

Et kann een effektiv soen – an ech sinn och däer Meenung – datt et gutt bezuelt ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech sinn natierlech frou, datt déi Photoen net an e Koup falen. Mer hate jo viru Joere schonn eng Kéier de Fall, wou e ganze Koup historesch Saache verschwonne sinn a wou d'Gemeng net méi drukoum. Ech wollt just nofroen ob do net méi Verhandlungsspillraum war, well dat ass jo awer en horrente Präis.

Roland Breyer, Schäffen :

Wéi gesot, d'Basis war net déi bescht fir ze verhandelen. Mer wëssen, datt verschidde Filmer eis komplett laanscht d'Nues gaange si well mer net richteg reagéiert hunn. Mer hunn och nach eng aner Persoun an der Gemeng. Ech denken do un de Robert Kettels, deen och e ganze Koup Material vu Kapesëtzungen huet. Et soll een emol kucke fir elo scho Kontakter opzehuele well awer do e ganze Potential u Saache sinn, déi kéinten interessant sinn. Et muss een natierlech och de Präis kucken.

Carlo Gira (CSV) :

De Präis ass relativ héich well fir d'Geschichtsfrënn ass nach vill Aarbecht ze maachen. Et ass näischt archivéiert an se mussen do nach vill Recherche maachen. Ass awer ofgeséchert, datt, wann d'Geschichtsfrënn déi elo eng Kéier publizéieren, net nach Autorerechter drop sinn ? Well soss kann et eis nach eng Kéier eng deier Affaire ginn.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat sollt esou verhandelt sinn. Mer kënnen dat awer nach eng Kéier mat de Geschichtsfrënn ofklären. Et war op jiddwer Fall eng vun deene Saachen, vun deene mer am Comité Rieds haten. Ech hunn och bis elo nach keng kloer Äntwert do leien.

John Polfer (CSV) :

Ech wollt just kuerz heizou soen, datt déi Photoen an engem spezielle Schaf gelagert sinn, dee soll feierfest sinn. Déi Sue si schonn iwwerwise ginn. De President vun de Geschichtsfrënn huet se virgestreckt an e waart elo drop fir se erëmzekréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech muss scho soen, datt et gutt war, datt déi Initiativ geholl gouf. Och wann

de Präis da vläicht an enger éischter Phas ze héich ze si schéngt. Ech mengen awer, datt déi 3.000 € gutt ugeluecht sinn a wou ee spéiderhin dovunner ka profitéieren. D'Autore-rechter miissten domatten ofgedeckt sinn, well soss wier et effektiv deier. Mee mer mussen dat awer nach nokucken. Et schéngt mer awer esou ze sinn, datt d'Ierwen dat elo wollte klasséieren. Well soss wieren déi ganz Photoen awer eng Kéier fort gewiescht. Well ech ka mer net virstellen, datt d'Ierwe vum Här Boentges e groussen Intressi un enger Photo hunn, wou dräi Politiker aus dem Joer 1963 oder 1998 drop sinn. Hätten si d'Photoen net un d'Geschichtsfrënn verkaf, dann hätten déi Photoen och fir si wahrscheinlech kee Wäert méi gehat.

Accord à l'unanimité.

13.3.4.

Vie associative.

«FC Rodange 91» - octroi d'un subside spécial – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass net den FC Rodange 91, deen eleng feiert, mee et sinn alleguer d'Fussballveräiner, déi jee zu Rodange bestanen hunn, déi 100 Joer feieren. Deen éischte Veräin, deen an der Gemeng Fussball gespillt huet, dat war den FC Chiers vu Rodange. Dee Veräin ass genee virun 100 Joer an d'Liewe geruff ginn. Si wëllen doweinst eng gréisser Manifestatioun maachen, wou se op déi 100 Joer Fussball zeréckkucken. Do sinn och den FC Racing, den FC CFL Rodange an de Fussball vun der MMRA. Mer hu gemengt, mer sollten hinnen awer e Spezialsubsid vun 1.250 € gi fir datt si kënnen déi Manifestatiounen, déi am Oktober oder November ufänken, maachen. Dat ass jo eng interessant Saach, well mär jo awer zu Rodange no der Fola an der Jeunesse vun Esch déi nächst waren, déi hei am Land Fussball gespillt hunn.

Accord à l'unanimité.

13.4.

Vie associative.

«Ford Frënn Lëtzebuerg asbl» - statuts.

Il en est pris acte.

13.5.

Vie associative.

«Vespa Club 69 Minette» - statuts.

Il en est pris acte.

13.6.

Vie associative.

«Boxing-Club Rodange» - dissolution.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Si hunn eis informéiert, datt se nach zu zwee Leit am Comité wieren an dovunner och nach eng Persoun krank wier, esou datt et net méi méiglech wier, eng Generalversammlung ofzehalen. An dofir géifen si de Club gären opléisen. Si haten och keng Sue méi an der Kees.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass richteg esou, wéi se dat schreiwen. De Carlo Clementi huet effektiv eng ganz schro Krankheet an et geet mam beschte Wëllen net fir de Club weiderzeféieren.

Il en est pris acte.